DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

05 & 06 /// 2016

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 11.07.2016 ET 15.07.2016











EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Rapport succinct de la réunion du conseil communal du 11 juillet 2016 **04**
Gemengerotssëtzung vum 11 juillet 2016 **11**

**Séance publique:**

1. Circulation – modifications à apporter au règlement communal général de la circulation modifié du 28 décembre 1984: **11**
   - 1.1. nouvelle réglementation des arrêts bus;
   - 1.2. réglementation de stationnement interdit et de parcage interdit aux véhicules destinés au transport de choses sur tout le réseau routier de la Ville de Dudelange;
   - 1.3. réglementation de l'extension du parking résidentiel;
   - 1.4 réglementation d'emplacements réservés aux taxis;

2. Finances communales – modifications à apporter au règlement-taxes général modifié du 26 novembre 2001: **40**
   - 2.1. chapitre XXIII: stationnement payant;
   - 2.2. chapitre XXX: stationnement résidentiel.

---

Rapport succinct de la réunion du conseil communal du 15 juillet 2016 **07**
Gemengerotssëtzung vum 15 juillet 2016 **41**

**Séance informelle (non-publique):**

1. Evolution du projet de l'aménagement d'une infrastructure communale au quartier Italie et dans la rue du Parc; **41**

**Séance publique:**

2. Correspondance; **41**
3. Approbation des nouveaux statuts du Syndicat intercommunal SIDOR; **43**
4. Subsides extraordinaires à accorder; **46**
5. Circulation – autorisation d'ester en justice à accorder au collège des bourgmestre et échevins afin d'agir contre une décision du Ministère du développement durable et des infrastructures en matière de permission de voirie; **47**
6. Finances communales: **53**
   - 6.1. approbation de 7 actes notariés de transactions immobilières;
   - 6.2. approbation de la convention avec l'a.s.b.l. SOS-LRS - Lese- und Rechtschreibschwäche;
   - 6.3. approbation du devis estimatif pour un montant de 214'000,- TTC pour l'extension provisoire du Centre d'Intervention de Dudelange en vue relatif à l'extension du bâtiment CID en vue de garantir la garde alternée des bénévoles;
   - 6.4. approbation du crédit spécial de 214'000,- TTC pour l'extension provisoire du Centre d'Intervention de Dudelange en vue relatif à l'extension du bâtiment CID en vue de garantir la garde alternée des bénévoles;
   - 6.5. approbation de décomptes de travaux extraordinaires;

7. Enseignement – autorisation à accorder pour l'admission retardée d'un écolier dans l'enseignement fondamental; **63**
8. Ecole régionale de musique – approbation de l'organisation scolaire provisoire de l'école de musique pour l'année 2016/2017; **64**
9. Aménagement communal: **65**
   - 9.1. approbation du projet d'exécution modifié au plan d'aménagement particulier « Lenkeschléi » – phase 1;
   - 9.2. approbation de la nouvelle convention modifiée relative au plan d'aménagement particulier « Lenkeschléi » – phase 1;
   - 9.3. approbation du projet d'exécution du plan d'aménagement particulier « Lenkeschléi » – phase 2;
   - 9.4 approbation de la convention relative au plan d'aménagement particulier « Lenkeschléi » – phase 2;

10. Commissions consultatives – changements au sein de différentes commissions consultatives locales; **74**
11. Personnel – création d'un poste d'employé communal dans la carrière C à plein temps et à durée indéterminée pour les besoins du département technique - centre d'intervention; **75**
12. Questions au collège des bourgmestre et échevins; **77**

**Séance à huis clos:**

13. Ecole régionale de musique – personnel:
    - 13.1. engagement d'un chargé de cours en éveil musical à durée déterminée;
    - 13.2. réengagement d'un chargé de cours en guitare classique et mandoline à durée déterminée;
    - 13.3. engagement d'un chargé de cours en piano/jazz à durée déterminée;
    - 13.4. engagement d'un chargé de cours en contrebasse à durée déterminée;
    - 13.5. réengagement d'un chargé de cours en chant et chant choral à durée déterminée;
    - 13.6. modification du contrat à durée indéterminée d'un enseignant en violon;
    - 13.7. modification du contrat à durée indéterminée d'un enseignant en flûte traversière;
    - 13.8. démission à accorder à une chargée de cours;

14. Personnel:
    - 14.1. engagement d'une employée communale dans la carrière de l'éducateur diplômé à plein temps et à durée indéterminée pour les besoins du département administratif – service des structures d'accueil;
    - 14.2. engagement d'une employée communale dans la carrière de l'aide-éducateur avec une tâche variable de 20 à 30 heures par semaine et à durée indéterminée pour les besoins du département administratif – service des structures d'accueil;
    - 14.3. engagement d'un employé communal dans la carrière de l'aide-éducateur avec une tâche variable de 20 à 30 heures par semaine et à durée déterminée pour les besoins du département administratif – service des structures d'accueil;
    - 14.4. engagement d'une employée communale dans la carrière de l'aide-éducateur avec une tâche variable de 20 à 30 heures par semaine et à durée déterminée pour les besoins du département administratif – service des structures d'accueil;
    - 14.5. engagement avec décision de classement et suppression du service provisoire d'un employé communal dans la carrière D à plein temps et à durée indéterminée pour les besoins du département administratif – service structures d'accueil;
    - 14.6. engagement avec décision de classement et suppression du service provisoire d'un(e) employé(e) communal(e) dans la carrière D à plein temps et à durée indéterminée au département administratif – service enseignement;
    - 14.7. engagement d'un employé communal dans la carrière E (branche génie civil/mécanique) à plein temps et à durée indéterminée pour les besoins du département technique – service gestion et maintien du patrimoine (circulation);
    - 14.8. nomination provisoire d'une expéditionnaire technique (branche génie civil) à plein temps pour les besoins du département technique – service gestion et maintien du patrimoine (entretien et gestion des bâtiments);
    - 14.9. prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire communal;
    - 14.10. nomination définitive d'une fonctionnaire communal dans la carrière de l'artisan-instructeur de natation;
    - 14.11. décision d'engagement du conseil d'administration de l'office social de Dudelange d'un assistant social à raison de 20 heures par semaine à durée indéterminée pour le compte du SNAS/SRAS et à raison de 20 heures par semaine à durée indéterminée pour le compte du Service Logement, les deux postes sous le statut de l'employé communal – décision à aviser;

**Séance publique:**

15. Personnel – conversion d'un poste de fonctionnaire communal de la carrière de l'ingénieur-technicien en carrière de rédacteur.



Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
N° 05 /// 2016 & N° 06 /// 2016
Parution OCTOBRE 2016

Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, Michel Brumat, André Weisgerber,
Pulsa, Mike Zenari, BENG, iStock, Pixelio

FSC www.fsc.org MIX Paper from responsible sources FSC® C018673

# RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 11 JUILLET 2016

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; René Manderscheid, Loris Spina et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins;
Monsieur Bob Claude; Mesdames Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries; Messieurs Jean-Paul Friedrich (à l'exception des points numéros 1.4, 2.1 et 2.2 de l'ordre du jour), Jean-Paul Gangler; Mesdames Romaine Goergen, Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des points numéros 2.1 et 2.2 de l'ordre du jour), Colette Kutten (à l'exception des points numéros 1.2, 1.3, 1.4, 2.1 et 2.2 de l'ordre du jour); Monsieur Romy Rech; Madame Brit Schlussnuss, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal faisant fonction.

**Absent:** Messieurs Marc Lazzarini, Marc Schiffmann et Monsieur Jos Thill, conseillers, excusés

Début de la séance à 18.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance à 18.00 heures en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Figurent à l'ordre du jour uniquement des questions ayant trait à la réglementation de la circulation sur le territoire communal et des règlements-taxes afférents.

A ce sujet, le conseil communal approuve sub point numéro 1.1. avec 11 voix et 3 abstentions la nouvelle réglementation des arrêts-bus sur le territoire de la ville. Ainsi les lignes régionales 4 et 5, ainsi que les lignes du CityBus portant les numéros 8, 9 et 10, toutes desservies par le Syndicat TICE sont réorganisées. Ladite réglementation sortira ses effets le 5 décembre 2016, date à laquelle les bus du TICE desserviront les nouvelles lignes.

Par un vote unanime, le conseil communal approuve la nouvelle réglementation pour le stationnement et le parcage interdits aux véhicules destinés au transport de choses sur tout le réseau routier de la ville. A partir du 1er novembre 2016, il sera donc interdit aux véhicules destinés au transport de choses (e.a. camionnettes, camions[1]) de stationner et de parquer sur toutes les voies publiques et parkings à l'intérieur de l'agglomération excepté aux jours ouvrables entre 08h00 et 18h00. Toutefois, ces véhicules sont autorisés à être garés sur les parkings suivants: Gare-Usines-boulodrome; rue de la Libération-place chapelle St. Eloi et route de Thionville-Skatepark. Entrée en vigueur: 1er novembre 2016.

D'un commun accord est adoptée la réglementation de l'extension du parking résidentiel qui entrera en vigueur le 1er novembre 2016 (voir aussi carte en annexe).

Résumé de la réglementation – 5 catégories de stationnement respectivement de parcage:

**durée maximale: 2 heures, payant, pas de stationnement résidentiel** (inchangé)

| | |
|---|---|
| place devant la gare | place de l'Hôtel de Ville |
| avenue Grande-Duchesse Charlotte | |

[1] véhicules de type N tel que définis à l'article 2bis de l'arrêté grand-ducal du 23 novembre 1955 portant réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

**Extension parking résidentiel / Ausweitung Anwohnerparken**
rues par ordre alphabétique / Straßen in alphabetischer Reihenfolge

| | |
|---|---|
| Rue J. Berchem | Rue de la Libération entre la rue du Commerce et la rue du Centenaire |
| Rue Boitenberg | Rue A. Liesch |
| Route de Burange entre av. G-D Charlotte et rue J. Berchem | Rue A. Lumière |
| Avenue G-D Charlotte | Rue K. Marx |
| Rue du Commerce | Rue E. Mayrisch entre rue D. Lang et rue J. Berchem |
| Rue A. Cremmer | Rue N. Metz entre rue D. Lang et rue J. Berchem |
| Rue M. Cungs | Rue du Parc entre rue D. Lang et rue J. Berchem |
| Rue des Ecoles | Rue Pierre Theis entre rue Berchem et rue Mayrisch |
| Rue Edison | Rue de la Rivière |
| Rue des Fleurs | Rue Schiller |
| Rue de la Fontaine | Schwaarze Wee côté impair entre rue du Commerce et rue Rivière |
| Rue J. Friedrich | Rue Tattenberg |
| Rue M. Gindt | Rue V. Tesch entre rue D. Lang et rue J. Berchem |
| Rue Goethe | Rue de la Tour |
| Rue de l'Indépendance | Rue A. Zinnen |
| Rue D. Lang entre rue Edison et av. G-D Charlotte | Route de Zoufftgen entre rue du Commerce et rue M. Cungs |
| Rue Lentz entre rue Edison et rue de la Paix | |

**durée maximale: 3 heures, payant, pas de stationnement résidentiel**

| | |
|---|---|
| Parking Place Fohrmann | |

**durée maximale: 5 heures, payant, stationnement résidentiel, extension**

| | |
|---|---|
| Parking Ecole | Parking Tattenberg |

**durée maximale: 5 heures, non-payant, pas de stationnement résidentiel, extension**

| | |
|---|---|
| Parking crassier | |

Finalement le conseil communal approuve à l'unanimité la nouvelle réglementation des places réservées aux taxis. Dorénavant sont réservés aux taxis: 2 emplacements sur le parking de la place Jean Fohrmann, 5 emplacements devant la gare des CFL et 1 emplacement devant l'Hôpital CHEM Dudelange.

Sub point numéro 2 de l'ordre du jour, le conseil communal approuve par deux votes unanimes des modifications à apporter au règlement-taxe général du 26 novembre 2001 pour l'adapter à la situation actuelle de la circulation, plus précisément en ce qui concerne son chapitre XXIII – stationnement et parcage payants et son chapitre XXX – parking résidentiel.

Fin de la séance vers 20.25 heures.




| | |
|---|---|
| **P** (orange) | Max. 2h payant. Gratuit avec vignette.<br>Max. 2 St. kostenpflichtig. Kostenlos mit Vignette. |
| **P** (orange hatched) | Max. 2h payant pour tous. Pas de stationnement résidentiel.<br>Max. 2 St. kostenpflichtig für alle. Kein Anwohnerparken. |
| **P** (red) | Max. 3h payant pour tous.<br>Pas de stationnement résidentiel.<br>Max. 3 St. kostenpflichtig für alle.<br>Kein Anwohnerparken. |
| **P** (light blue) | Max. 5h non-payant pour tous. Prendre un ticket!<br>Pas de stationnement résidentiel.<br>Max. 5 St. kostenfrei für alle. Ticket lösen!<br>Kein Anwohnerparken. |
| **P** (green) | Max. 5h payant. Gratuit avec vignette.<br>Max. 5 St. kostenpflichtig. Kostenlos mit Vignette. |
| **P** (brown) | Parking camionnettes, gratuit.<br>Kleintransporter-Parking, kostenlos. |
| **P+R** | Stationnement non-payant, non limité et P&R.<br>Gebührenfrei, ohne Zeitbegrenzung, P&R. |

# RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 15 JUILLET 2016

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; René Manderscheid, Loris Spina et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins.
Monsieur Bob Claude; Mesdames Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler; Mesdames Romaine Goergen, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten; Monsieur Romy Rech; Madame Brit Schlussnuss et Monsieur Jos Thill, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal faisant fonction.

**Absents:** Messieurs Marc Lazzarini et Marc Schiffmann, conseillers, excusés.

Début de la séance à 08.00 heures.

La séance publique du conseil communal débute à 09.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Il porte ensuite les informations suivantes à la connaissance du conseil communal:

- Monsieur le bourgmestre témoigne de son sentiment de « mal à l'aise » face à l'attentat du 14 juillet 2016 à Nice à l'occasion de la célébration de la fête nationale française, attentat faisant de très nombreuses victimes. Il est consterné face à cet événement et condamne de toute véhémence les actes qui se sont produits à l'occasion de cette fête tenue sous le signe de l'égalité, de la fraternité et de la liberté, mais aussi de l'unité et de la solidarité;
- après de longues négociations, l'État luxembourgeois est finalement devenu propriétaire des terrains de l'ancien laminoir de l'usine de Dudelange par la signature de l'acte notarié de vente. L'administration communale poursuivra dès lors avec résolution le développement du site « Neischmelz », ceci en étroite collaboration avec son partenaire le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat, projet ayant pour but de développer à moyen terme un nouveau quartier écologique à proximité du centre de la Ville de Dudelange, quartier qui aura aussi pour vocation de relier les quartiers Italie et Schmelz;

- l'Etat (Ministère du Logement et Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat), en collaboration avec l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils et la Ville de Dudelange a lancé un concours pour la conception de logements destinés à la location sur une lacune dans le tissu urbain (« Baulücke ») située à Dudelange, quartier Burange. Ce projet, dont le vainqueur sera choisi par un jury au sein duquel la Ville est représentée, est d'une grande importance pour la Ville alors qu'il permet d'une part de mieux intégrer le quartier de Burange au centre-ville et d'autre part de développer des nouveaux logements locatifs;
- les chiffres provisoires du compte administratif de l'exercice 2015 sont portés à la connaissance des conseillers communaux;
- la Deuxième Convention relative à la Cellule Nationale d'information pour la Politique Urbaine (CIPU) a été signée par le collège des bourgmestre et échevins, convention ayant pour objet la mise en œuvre d'une « Cellule Nationale d'information pour la Politique Urbaine » faisant office de plateforme d'échange dans le domaine de la politique urbaine. Ladite convention sera soumise à l'assentiment du conseil communal lors d'une prochaine réunion.

Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Les nouveaux statuts du syndicat intercommunal pour la gestion des déchets en provenance des ménages et des déchets assimilables pour les communes des cantons de Luxembourg, d'Esch et de Capellen, en abrégé « SIDOR » sont approuvés à l'unanimité. Il est profité de l'occasion pour inviter le comité du SIDOR de reconsidérer la pondération du nombre de délégués de chacune de ses communes-membre au sein de son comité plus précisément par une répartition plus équitable en fonction de la population de ses membres et plus spécialement en ce qui concerne le point 3 de l'article 7 des nouveaux statuts.

Les subsides extraordinaires suivants sont alloués avec les voix de tous les conseillers communaux:

- 25,- € à la fédération de basket corporatif luxembourgeois (BASCOL) à l'occasion de son 50e anniversaire;
- 50,- € à l'amicale sportive des handicapés physiques a.s.b.l. en tant que soutien des activités en 2016;
- 60,- € au Mouvement Européen Luxembourg en tant que cotisation pour l'année 2016;
- 250,- € à la radio locale Radio Diddeleng à l'occasion de son 25e anniversaire en 2017;
- 250,- € au Cercle artistique de Dudelange, à l'occasion de son 60e anniversaire;
- 100,- € à « La Sécurité Routière a.s.b.l. » en tant que soutien moral et financier à la prévention active des accidents de la route.

Sub point numéro 5, le conseil communal autorise le collège des bourgmestre et échevins, avec 12 voix pour et 3 abstentions, d'intenter une action en justice à l'encontre de Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures et d'introduire un recours en réformation, sinon en annulation devant le tribunal administratif contre les décisions des 20 novembre 2015 et 9 décembre 2015 ayant refusé l'octroi d'une permission de voirie pour l'installation de 7 miroirs aux abords de la route de Zoufftgen à Dudelange.

Le point numéro 6 traite des dossiers de finances communales:

1. Transactions immobilières:
   L'approbation de 3 actes notariés de transactions immobilières avec les époux Funck-Nilles est unanimement ajournée à l'ordre du jour d'une prochaine réunion.
   Sont approuvés avec les voix de tous les conseillers, les actes notariés suivants:
   - cession gratuite d'une parcelle de terrain dans la route de Burange par les époux Dautbasic-Mehmedovic au profit de la Ville de Dudelange[1];
   - cession gratuite d'une parcelle de terrain dans la rue Pasteur par la société Teamcasa S.A. au profit de la Ville de Dudelange[2];
   - la vente par la Ville de Dudelange aux époux Brit Schlussnuss et Thomas Mathias Jules Dominique, d'un bien immobilier au lieu-dit « place Gymnich » pour le prix de 4'800,-€[3];
   - un échange sans soulte aux termes duquel la Ville de Dudelange reçoit des époux Goran Krusic-Nedeljkovic, un bien immobilier dans la rue Robert Schuman et cède en contrepartie un bien immobilier dans la même rue d'une valeur identique.

2. Le conseil communal approuve d'un commun accord la convention de collaboration passée entre la Ville de Dudelange et l'a.s.b.l. SOS-LRS - Lese- und Rechtschreibschwäche en vue de mettre à la disposition des habitants de la commune un service tendant à aider les enfants, résidant à Dudelange, présentant des troubles de la capacité de lire et d'écrire, en assurant l'organisation de cours spécialisés.

3. Le devis estimatif d'un montant de 214'000,-€relatif à l'extension du bâtiment du Centre d'Intervention de Dudelange en vue de garantir la garde alternée des bénévoles est adopté unanimement.

4. Un crédit spécial ad hoc au même montant de 214'000,- € est autorisé avec l'assentiment de tous les conseillers communaux.

5. Par un vote unanime, le conseil communal approuve les trois décomptes de travaux extraordinaires suivants[4]:
   - l'installation de 7 pointeuses dans diverses maisons relais de la commune pour un montant de 14'357,73- € ttc;
   - l'aménagement d'un mini-stade au quartier Italie pour un montant de 44'567,60- € ttc, et
   - l'aménagement de rampes au Skate-Park pour un montant de 123'036,86- € ttc.

Point numéro 7 de l'ordre du jour: le conseil communal marque son accord à l'admission différée à

1 Monsieur Friedrich a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote ;
2 Monsieur Friedrich a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote ;
3 Monsieur Friedrich et Madame Schlussnuss ont quitté temporairement la salle et ne participent pas au vote ;
4 Madame Kutten a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote.

l'enseignement fondamental d'une année pour un écolier.

Point numéro 8 de l'ordre du jour: l'organisation scolaire provisoire 2016/2017 de l'école régionale de musique de Dudelange est adoptée avec toutes les voix[5].

A partir de la rentrée scolaire 2016/2017, 960 élèves fréquenteront quelque 1'739 cours dispensés par 49 chargés de cours. Les cours sont dispensés à Dudelange, Bettembourg, Roeser et Weiler-la-Tour.

9. Aménagement communal:
   Par des votes unanimes respectifs, sont approuvés
   - le projet d'exécution modifié du plan d'aménagement particulier «Lenkeschléi» - phase 1, élaboré par les bureaux d'études Schroeder & Associés et Micha Bunusevac ainsi que le bureau d'ingénieur-conseil Carlo Mersch pour le compte de la société STUGALUX Construction S.A. de Strassen, M. Jean-Marie Kontz de Dudelange et la société OLOS FUND S.C.A. de Howald;
   - la nouvelle convention relative au plan d'aménagement particulier «Lenkeschléi » - phase 1, conclue avec la société STUGALUX Construction S.A. de Strassen, M. Jean-Marie Kontz de Dudelange et la société OLOS FUND S.C.A. de Howald;
   - le projet d'exécution du plan d'aménagement particulier «Lenkeschléi» - phase 2, élaboré par le bureau d'études Schroeder & Associés et le bureau d'ingénieur-conseil Carlo Mersch pour le compte de M. Jean-Marie Kontz de Dudelange, et
   - la convention relative au plan d'aménagement particulier «Lenkeschléi» - phase 2 conclue avec M. Jean-Marie Kontz de Dudelange avec la réserve expresse que les eaux pluviales soient déversées dans la forêt «Bloklapp».

10. Les compositions des commissions consultatives suivantes sont modifiées à l'unanimité par le conseil communal:
    - commission des finances, du budget et de l'économie: Madame Carole Thoma remplace Monsieur Jos Thill;
    - commission de l'égalité des chances et de la non-discrimination: Monsieur Daniel Philipps remplace Madame Thessy Erpelding;
    - commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires: Monsieur Daniel Philipps remplace Monsieur Sam Van Maris;
    - commission de l'hygiène: Monsieur Daniel Philipps remplace Monsieur Jos Thill.

11. Personnel (en séance publique): un poste à plein temps et à durée indéterminée dans la carrière C sous le statut de l'employé communal pour les besoins du département technique – service prévention-incendie est créé d'un commun accord.

12. Questions au collège des bourgmestre et échevins – déi Gréng – élargissement de la N31 à quatre voies.

Décisions en séance à huis clos:
Les décisions suivantes sont prises par le conseil communal:

Personnel (école régionale de musique)(13.1.-13.8.)[6]:
- engagement (réengagement) à durée déterminée des chargés de cours suivants: Madame Véronique Cloos, éveil musical, Monsieur David Da Costa Rio, guitare classique et mandoline, Monsieur Pit Dahm, piano/jazz, Monsieur Dariusz Wisniewski, contrebasse et Monsieur Jeff Mack, chant et chant choral;
- modification des contrats à durée indéterminée des enseignants suivants: Madame Carole Mallinger-Leyers, violon et Madame Daliah Scholl, flûte traversière;
- démission de Madame Marleen Van

---

5 Messieurs Claude et Manderscheid ont quitté temporairement la salle et ne participent pas au vote ;

6 Messieurs Biancalana et Thill ont quitté temporairement la salle et ne participent pas au vote pour les points numéros 13.1-13.6, Madame Goergen a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote pour la totalité du point numéro 13.

7 Madame Goergen a quitté temporairement la salle et ne participe pas au vote pour la totalité du point numéro 14. Madame Schlussnuss a quitté la salle et ne participe pas au vote pour les points numéros 14.5 et 14.6.

Marcke Coppens comme chargée de cours à durée indéterminée avec effet au 15 septembre 2016.

Personnel (14.1.-14.11.)[7]:

- engagements d'employés communaux à durée indéterminée: Madame Marine Agel, éducatrice diplômé aux structures d'accueil; Madame Carine Bruck, aide-éducatrice avec une tâche variable de 20-30 heures par semaine aux structures d'accueil; Monsieur Tom Streff, carrière D aux structures d'accueil; Madame Claire Dumont, carrière D au service de l'enseignement;
- engagements d'employés communaux à durée déterminée: Monsieur Thierry Steinmetz, aide-éducateur avec une tâche variable de 20-30 heures par semaine aux structures d'accueil; Madame Danuta Swinarska, aide-éducateur avec une tâche variable de 20-30 heures par semaine aux structures d'accueil;
- le poste d'ingénieur technicien (branche génie civil/mécanique) dans la carrière E à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée sous le statut de l'employé communal pour les besoins du département technique - service gestion et maintien du patrimoine (circulation) est laissé vacant;
- nomination provisoire de Madame Sara De Oliveira Caraco au poste d'expéditionnaire technique, entretien et gestion des bâtiments
- prolongation du service provisoire de Monsieur Alexandre Vieira Rabaça, agent municipal;
- nomination définitive de Monsieur Tom Schumacher, artisan-instructeur de natation;
- visa de la décision d'engagement de Madame Tamara Tania Cozzi par le conseil d'administration de l'office social de Dudelange au poste d'employé communal de la carrière de l'assistant social pour le SNAS/SRAS respectivement le service logement.

Finalement, en séance publique, le conseil communal décide à l'unanimité de convertir le poste d'employé communal de la carrière E, branche génie civil en poste de fonctionnaire communal de la carrière du rédacteur pour les besoins du département technique – service gestion et maintien du patrimoine.

Les prochaines réunions du conseil communal sont fixées aux dates suivantes:

- vendredi, 30 septembre 2016 à 8.00 heures;
- vendredi, 16 décembre 2016 à 8.00 heures (notamment présentation du budget);
- vendredi, 23 décembre 2016 à 8.00 heures (délibération et vote du budget).

Fin de la séance vers 12.10 heures.



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 11. JULI 2016

## 1. VERKÉIER - ÄNNERUNGE VUM OFGEÄNNERTEN ALLGEMENGE VERKÉIERSREGLEMENT VUN DER GEMENG DIDDELENG VUM 28. DEZEMBER 1984

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Kollegen a Kolleginnen, ech begréissen Iech an dëser Gemengerotssitzung, déi mir dës Kéier op owes verluet hunn, dofir awer e ganz interessante Programm hunn.

Fir dës Gemengerotssitzung hunn de Marc Schiffmann, de Marc Lazzarini an de Jos Thill sech entschëllegt, d'Brit Schlussnuss wäert nach nokommen.

Déi Punkten, déi mir haut hei beschwätze wäerten, stinn am Zeeche vun der Mobilitéit an dem Changement am Kader vun der Mobilitéit am Parkraummanagement an der Stad Diddeleng, engersäits dee ganze Volet ronderëm d'Organisatioun vum TICE-Reseau, respektiv de Citybus, wou säit September hei nei Linne lafen, wou mir eng nei Upassung maachen an déi och hei wäerte proposéieren an och driwwer diskutéieren, an deen anere Volet, d'Ausweidung vum Parking résidentiel, also zwee gréisser Punkten. Dono gi mer eriwwer op e puer aner Saachen, déi Taxen a Reglementer uginn.

Dat ass de Kader, an deem mir eis haut befannen, an ech ginn dann direkt d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol, déi eis duerch déi Punkte wäert féieren, begréissen awer och als Invitéen déi Leit, déi eis mat Rot an Dot zur Säit stinn an och eng Rei Explicatioune wäerte ginn am Kader vun deenen zwee, respektiv dräi Punkten.

Dat sinn engersäits eise Verkéiersbüro, de Verkéiersberoder Romain Molitor, an och d'Mataarbechter vum TICE, den Direkter Steve Arendt an de Mike Schoos, déi och op déi verschidde Punkte wäerten agoen.

### 1.1. Nei Reglementatioun vun de Busarrêten

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Den éischte Punkt vum Ordre du jour ass de Citybus, wou mir e Verkéiersreglement virleien hu fir Bushaltestellen ze reglementéieren.

Villäicht awer och bëssen d'Virgeschicht, well net jideree weess, ëm wat et hei geet. D'Conseillere wëssen et schonn, dat ass éischter fir de Bierger dobaussen, vu dass mir jo opgeholl ginn.

Dir wësst, dass déi nei Linnen, wéi se am Moment nach gefuer ginn, am Oktober 2014 souwuel der Verkéierskommissioun wéi och deemools an enger ëffentlecher Versammlung de Bierger am Hild presentéiert gi sinn.

Am September d'lescht Joer huet dunn de TICE ugefangen, déi nei Linnen ze fueren.

Firwat grad do? Ma well se de 14. September am ganze Süden hire Programm, hiren Horaire an och hir Linnen ëmgestallt haten.



Mir hunn dunn awer relativ séier e Feedback kritt, wou déi nei Linne bis gefuer gi sinn. Vill Positives mee och vill Negatives, dat ass ëmmer e bëssen de Fall wann een eppes Neits mécht.

Mir hunn dunn och e Maartstand gehat, zesumme mat de Responsabele vum TICE déi och haut hei sinn, a mat nach e puer anere Kollegen vun hinnen, a mat eisem Service Circulation.

Do konnten d'Leit hi kommen an eis live hir Doléancë matdeelen.

Mir haten och eng Annonce an d'Bliedche geschalt, wou mir de Leit nach eng Kéier gesot hunn, do an do kënnt dir Är Doléancen era ginn, respektiv och wann dir nei Ideeën hutt.

Et koumen allerdéngs ëmmer déi nämmlecht Saachen erëm, mir hunn och deemools hei am Gemengerot iwwert déi Doléancë vun de Leit geschwat, an och hei koum eigentlech eraus bei de Stellungnahme vun de Conseilleren, dass och si ëmmer mat den nämmlechte Saache vun de Bierger ugeschwat gi sinn.

Mir hunn deemools déi Doléancen och am Detail diskutéiert, mir hunn och an der Verkéierskommissioun driwwer geschwat, an doropshin hu mer eng Toutes boîtes Ëmfro an Diddeleng gemaach an et koumen eng Ronn 700 där Käertercher zeréck.

Et ass wéi ëmmer, wann een esou eng Ëmfro mécht, net mat alle Käertercher konnte mer eppes ufänken, mee awer mat deene meeschten, an eise Verkéiersberoder, de Romain Molitor, deen huet dunn all déi Käertercher ausgewäert, en huet dunn der Verkéierskommissioun eng nei Propos gemaach, déi deem Resultat Rechnung dréit.

Hien huet en neie Wee proposéiert, deen och mat de TICE-Responsabelen ofgekläert war.

Den TICE war och an der Verkéierskommissioun ëmmer dobäi, an déi Propos gouf och esou an der Verkéierskommissioun ugeholl.

De Romain Molitor wäert Iech se elo gläich nach eng Kéier virstellen, a si soll dann, wann d'Verkéiersreglement bis gestëmmt ass, de 5. Dezember - dat ass dann erëm de Moment wou den TICE säi Programm ëmstellt a säin neie Fahrplang ophëlt - a Musek ëmgesat ginn.

Mir hunn och probéiert, dem Bierger, sou wéi mir et versprach haten, ëmmer e Feedback ze ginn, wou mir dru wieren.

Mir hunn deemools eng Annonce gemaach, wou mir gesot hunn, mir sinn elo amgaang déi Käertercher, also déi Ëmfro, auszewäerten, fir dass d'Leit och wëssen, dass se net einfach do leie bleiwen, an nodeems d'Verkéierskommissioun déi nei Propos virgestallt kritt hat, wéi de Romain Molitor bis ausgewäert hat wat erauskoum, do hu mer am Juni profitéiert vun eiser Zeitung "Meng Stad" fir d'Resultat vun där Ëmfro ze publizéieren, wou mer awer och deemools schonns drop higewisen hunn, dass fréistens Enn des Joers dës Ännerunge kéinten a Kraaft trieden.

De Romain Molitor geet elo gläich nach eng Kéier am Detail op d'Resultat vun der Auswäertung vun dëser Ëmfro a vum neie Wee, dee soll gefuer gi vum TICE, an.

De Buergermeeschter huet d'Häre vum TICE begréisst, déi si sécherlech och herno bereet, op Froen ze äntweren, wann dat sollt néideg sinn.

Éier mir dann zu eiser eigentlecher Aufgab kommen, dat ass eng Ofstëmmung vum Verkéiersreglement wat u sech näischt anescht ass wéi Busarrêten ze suppriméieren, well de Bus villäicht net méi do laanscht fuere muss, dat kann awer och sinn dass de Bus nëmmen nach eng Stroossesäit wäert bedéngen, well mir erëm Schläife fueren, wéi dat fréier mol de Fall war, an et mussen der och eng Rei op anere Plaze kreéiert ginn.

Do wou et nach en Arrêt gëtt, zum Beispill well do de Schülerbus fiert, do brauche mir keen Neien ze kreéieren.

Dir kënnt Iech villäicht un déi Diskussioun vum leschte Gemengerot erënneren, am Kader vun der Buslinn 200. Wann eemol e Busarrêt reglementéiert ass, dann däerfen och all d'Bussen do halen. Dat selwecht gëllt natierlech wa mir ee géifen ofschafen, wann do en anere Bus hält, zum Beispill den Nightbus oder en RGTR-Bus, da kënne mir natierlech dee Busarrêt net suppriméieren.

Den Detail mécht elo de Romain Molitor a wann de Buergermeeschter et erlaabt, géif ech deem och direkt d'Wuert ginn.




Romain Molitor (Verkéiersberoder): Merci fir déi Introduktioun, ech ginn Iech e klengen Historique: 2014 hu mer de Citybus a Betrib geholl mat engem neie System, mat 2 Linnen déi sech kräizen, vum Boujel erof bis an Italien, a vum Ribeschpont bis an de Greisendall, an zwou Linne gemaach op de Kräizbierg, eng iwwert de Brainingerbierg, Rue de la Paix, an een iwwert d'Zoufftgerstrooss, déi alternéiert all hallef Stonn fueren, en réutilisation vun engem Regionalbus, deen och deemools mat agefouert ginn ass.

Dat war den Historique, mir haten also zwou Citybus-Linnen oder Stadbuslinnen am Hallefstonnentakt, dat waren d'Linnen 8 an 9, déi iwwer de Süd gefuer sinn, iwwert d'Kräiz, dann iwwert d'Gare ergänzt duerch d'Linne 4 an 5 woubäi eng vun de Linnen alternéiert all Hallefstonn op de Kräizbierg gefuer ass, fir do dann ze bedéngen an déi 2 Richtungen

D'Betribszäite sinn och ausgedehnt gi bis owes 1 Auer.

Dat war also d'Ausgangsbasis, déi komm ass, an du koumen natierlech och no der Aféierung relativ séier e puer Ännerungswënsch an Diskussiounen.

Dorops hin ass eng Ëmfro gemaach ginn, wou mir den aktuelle Stand, wéi en 2015 gefuer ass ab September an eng Modifikatioun déi mir, wéi et kéint anescht sinn, fir op déi verschidde Virschléi an Doléancen anzegoen.

Et huet ee versicht, all déi eran ze huelen déi een hat, och versicht dat ganzt an e Kader ze setzen, natierlech sinn do och widdersprëchlech Virschléi komm, déi sinn domadder berücksichtegt ginn.

Ech ginn herno op de Réseau an, deen zeréckbehale ginn ass.

Mir haten eng Rëtsch Froe gestallt, dat war emol déi éischt Kéier.

Ech ginn op déi verschidden Ännerungswënsch a Kritiken an. Oft war et esou, dass d'Bussen, déi fréier a grousse Schläifen duerch Diddeleng gefuer sinn op eemol an 2 Richtungen an der selwechter Strooss gefuer sinn, dat huet natierlech Diskussioune gemaach well bei der Schumacher, bei der Dupont, am Boujel, wou déi relativ kleng Stroossen, Rue Curé, Rue des Coquelicots, am Boujel selwer, wou de Bus natierlech - doduerch dass e schonn no beim Terminus war - relativ schnell zeréck komm ass, do war de Wonsch, awer eng grouss Schläif ze fueren duerch de Boujel an duerch Biereng.

Da war och d'Diskussioun um Wolkeschdall, firwat si mir an der Rue de la Paix, dat war och well do déi direkt Linn ass, well een do ka méi flott fuere well een do net muss em d'Kéier fueren, och wa Leit do stinn, ass dat méi praktesch.

Da war och d'Diskussioun, well de Bus un de Regionalbus gehaangen ass, dass en net méi bei d'Gemeng gefuer ass an eng Richtung, dat ass kritiséiert ginn.

Da waren och Fahrplanverännerunge kritiséiert ginn, do war d'Nuddelsfabrik, déi net ugeschloss war, wa mer de Bus, deen op de Ribeschpont fiert, duerch d'Bierengerstrooss geschéckt hunn, well mer gesot hunn, do gëtt e manner gestéiert vum Autosverkéier. Et goufen och am Ribeschpont Doléancë fir dat anescht ze maachen.

Dat sinn elo Auszich aus den Aussoe vu ganz ville Leit, do koume ganz vill Saachen eran.

Dat huet sech zum Deel widdersprach, zum Deel huet et sech widderholl, aus deem Ganzen hu mir da versicht, eben Ännerungen ze man.

Dat war en Toutes boîtes, et koumen insgesamt ronn 700 Kaarten zeréck, mir hunn déi da versicht no de Postleetzuelen ze uerdnen, an no de Quartieren.

Do gesäit een dann och, wéi déi verschidde Postleetzuelen a Quartieren zeréck komm sinn. Bis zu 65 Stéck, dat war de Quartier Ribeschpont, deen zeréck komm ass, déi aner sinn aus 10 Äntwerte pro Postleetzuel.

Et huet een och gesinn, dass dat duerch ganz Diddeleng geet, et waren da och e puer wou keng Postleetzuel oder d'Adress net konnt zugeuerdnet ginn, mee déi hu mir trotzdem matgeholl, wann se och voll ausgewäert waren, dat ass jo elo kee Problem an esou Saachen.

D'Resultater si mir duerchgaangen. Am Boujel hate mir gefrot, ob mir déi grouss Schläif erëm solle fueren amplaz dohinner an zeréck.

Do ass am Quartier vun enger Zweedrëttelmajoritéit gesot ginn, dass si déi Ännerunge wëllen, dat war awer ronn d'Halschent vun den Äntwerten.



Dat selwecht huet sech dann, wann een dat iwwert déi ganz Stad Diddeleng ausdehnt, am selwechten Ausmooss widderholl.

Dat heescht, mir iwwerhuelen déi Ännerung an eis Planungen.

D'Nuddelsfabrik hu mer och versicht no Quartieren ze uerdnen, dat wier also d'Rue des Champs, d'Rue de Luxembourg, all déi Stroossen, déi do ronderëm sinn, dat war ronn een Drëttel vun den Äntwerten, vun deenen Äntwerte waren och zwee Drëttel, déi wëllen dass do en Arrêt kënnt och wann en nëmmen an déi eng Richtung ass. Iwwert déi gesamt Stad ass et e bësse manner positiv awer och do sinn zwee Drëttel, déi d'Ännerunge wëllen.

Am Quartier Ribeschpont, do fuere mir d'Schläif e bëssen anescht, e bësse méi ausgräifend, a mir fueren net duerch d'Rue Lauenburg am Quartier, well och een Drëttel vun all den Äntwerten - an do waren et 82% - déi wëllen déi Ännerung awer och iwwert déi gesamt Stad an dat huet dat selwecht Bild ginn.

A Wolkeschdall war et esou, dass 60% vun den Äntwerten aus dem Quartier koumen, dat ass och e bësse méi e grousse Quartier, an do wëllen 80% vun de Leit, dass dat erëm an enger grousser Schläif gefuer gëtt an net an zwou Linnen, d'Zoufftger-Strooss, respektiv d'Rue de la Paix erop, also 80% sinn dofir an an der gesamter Stad ass dat selwecht Bild.

Et huet natierlech mat sech bruet, dass mir dat Ganzt nach verdéift hunn an déi Planungen nach eemol réckgekoppelt hu mat de Kollege vum TICE, dass déi och nach eemol an d'Déift ginn.

A mir hätten dann dee Moment deen heite Virschlag, dee géif ab Méindes, de 5. Dezember gefuer ginn.

Wann een elo am Norden ufänkt, um Ribeschpont, do géife mir elo anescht fueren, mir géifen d'Lëtzebuergerstrooss fueren, mir géifen och nach lénks an d'Soibelkaul erop fueren, mir géifen hei d'Schläif vun der Soibelkaul, d'Rue Manon an dann d'Rue des Modeleurs erof fueren an dann d'Rue des Mouleurs an dann d'Rue des Modeleurs erof fueren, an da bei d'Schoul Ribeschpont, an dann nees an de Kreesverkéier vu Ribeschpont. Haut ass et jo esou, dass mir alles iwwert d'Soibelkaul schécken, dat heescht, mir maachen e bësse méi eng grouss Schläif iwwer Ribeschpont, an zwar géint den Uhrzeigersënn.

Wann een da weider geet op där Linn, hätte mer dat dann - haut fiert de Bus jo vun der Lëtzebuergerstrooss an d'Jean Simon-Strooss an dann an d'Bierengerstrooss - dat hätte mer da gedeelt, datt en dann trotzdem, wann en an Duerf era fiert, iwwert d'Jean Simon-Strooss an d'Birengerstrooss weider fiert. Dann hätte mir och hei e flotten Arrêt direkt no bei der Gare, an eraus fiert en iwwert d'Beetebuergerstrooss mat dem Arrêt Nuddelsfabrik an dann hei an d'Lëtzebuergerstrooss, wou en dann och den Arrêt bei der Jean Simon-Strooss hätt, also fir déi Leit wier keng wesentlech Ännerung domat verbonnen.

Dat war also déi Verännerung fir Ribeschpont an d'Nuddelsfabrik.

Bei der Ännerung am Boujel a Biereng ass et esou, dass mir d'Rue du Parc fueren, dann d'Fanny Schumacher-Strooss an eng Richtung erop, dann de CIPA bedéngen, dann erof fueren, eng grouss Schläif iwwert d'Rue Pasteur, d'Rue des Coquelicots, d'Rue des Muguets, d'Rue Curie, d'Hellengerstrooss erof hei d'Schläif fueren, an dann hei an d'Rue Thiel eran an dann d'Rue Pasteur zeréck.

Also haut fiert de Bus iwwert déi 2 Richtunge Fanny Schumacher-Dupont, fiert hei erof a mécht eng kleng Schläif, elo hu mir also d'Schläif vergréissert a mir bedéngen dat.

Mir haten och d'Vir- an d'Nodeeler op de Kaarten opgezielt, dat heescht, fir déi Leit, déi elo hei am Boujel era klammen, fir déi verlängert sech d'Fuerzäit an Duerf eran ëm e puer Minutten, dat längsten ass beim CIPA, dat sinn 7 Minutte Verlängerung géigeniwwer vun haut, all déi aner leien am Beräich vun zwou bis fënnef Minutten.

Dat ass déi drëtt Ännerung an déi véiert Ännerung war, dass mir déi regional Linnen hei eraus huelen, de 4 an de 5 hunn hiren Terminus hei bei der Gemeng an et gëtt eng eege Linn 10 kreéiert, déi dann hei fort fiert vun der Gemeng an dann iwwert d'Rue du Commerce eng Schläif mécht iwwert de Kräizbierg, Lenkeschléi erof, an d'Nic Biver-Strooss an dann iwwert d'Leon Weyrich-Strooss nees an d'Rue de la Paix, de Breiningerbierg erof kënnt, an dann hei erof an d'Dominique Lang Strooss an da bei der Rue de l'Étang d'Kéier mécht fir erëm zeréck bei d'Gemeng ze kommen.




Dat heescht, mir hätten och d'Gare an d'Gemeng mat deem System ugeschloss, mee et ass an engem grousse Krees, dat heescht déi Leit déi elo an d'Duerf wëlle komme vun der Zoufftgerstrooss, déi brauche méi laang well déi mussen den Tour matfueren. Déi Leit, déi am Wolkeschdall wunnen an heem wëlle fueren, déi mussen am Verglach zu haut méi laang fueren, wann se hei kommen, mee dat Ganzt gläicht sech méi oder wéineger aus an där Hisiicht.

De Rescht, Italien a Greisendall, hu mir esou gelooss als Linneféierung, do ware keng gréisser Doléancen, dat waren éischter Froen vu Fahrpläng, virun allem och d'Upassungen un den Eisenbunnstakt.

Op der Gare ass et esou, dass et an déi Richtung net esou gutt geet de Moment, dat huet och seng Grënn, an dat sinn technesch Saache wou déi Doléancë komm sinn, an déi mir elo och nach eng Kéier kënnen op de Leescht huelen.

Dat waren déi Virschléi fir d'Linneféierung.

Mat där Linneféierung dobäi ass et natierlech esou, dass verschidden Arrêten, déi elo an zwou Richtunge bedéngt ginn, nëmmen nach an enger Richtung bedéngt ginn, dat heescht, déi Arrête mussen op enger Säit opgelooss ginn, an et sinn awer och puer Arrêten, déi dobäi kommen.

Doduerch, dass mir jo grouss Schläife fueren, ass op enger Richtung all kéiers en Arrêt, deen ewech fält a well mir jo duerch nei Stroosse fueren, wéi d'Nic Biver-Strooss an esou, mussen Arrêten nees dobäi kommen, reglementéiert ginn, dat gëllt och fir Ribeschpont, well mir do elo uewen iwwert d'Soibelkaul erafueren.

Dat sinn och déi nächste Punkten dann, déi nei Arrêten. Mir hunn och en neien Arrêt Strutzbierg, bei der Schoul, deen och villäicht ganz interessant ass, well en no bäi ass, fir an den Zentrum ze kommen, engersäits, anersäits fir bei d'Schoul ze kommen.

Dat sinn déi nei Arrêten, déi elo sinn, déi opgeloossen Arrêten hunn ech elo net well soss misst ech 20 Folië weise vun duerchgestrachen Arrêten, ech mengen dat ass net esou spannend wéi déi nei Arrêten.

Mir hätten och hei e Virschlag, well mir jo eng nei Linn hunn, dass hei bei der Gemeng wou déi regional Linne stinn, an hei den Terminus hunn, dass mir hei nach een Arrêt maache fir d'Linn 8 an 9, déi just stoe bleiwe fir eraus an eran ze klammen, direkt weider fueren, dat heescht nëmme ganz kuerz stoe bleiwen a keng Pufferzäiten ofwaarden.

Dofir hu mir hei bei der Gemeng en zousätzlechen Arrêt virgesinn, deen no dobäi ass fir dass ech op aner Busse kann eriwwer goen an direkt bei der Gemeng sinn.

Wann ech elo weider kucken an der Linn 8 op Boujel, do hu mir jo en Arrêt, deen era geet an d'Fanny Schumacher -Strooss, mee fir d'Géigerichtung wier et gutt, well hei awer eng Rëtsch Leit eraus klammen, dass se op där anerer Säit dann d'Méiglechkeet hunn, de Bus an d'Duerf nees ze huelen, hei direkt beim Zebrasträifen, an der Pasteur-Strooss en Arrêt virzegesinn fir an d'Géigerichtung ze fueren.

Wann ech elo op de Ribeschponter Quartier ginn, da fueren ech der Streck no, mir fueren d'Soibelkaul eran, lénks vun der Lëtzebuergerstrooss, a mir maachen hei nach en Arrêt an der Rue des Lamineurs fir hei dann de Quartier ze bedéngen, ze Fouss an déi ganz Haiser hei, als neien Arrêt.

Wou mir uewen iwwert d'Soibelkaul fueren, iwwert de Kreesverkeier an d'Rue Manon, hätte mer hei am Quartier - fir dee Wippchen hei hannen déi Haiser bedéngen - nach en Arrêt an der Rue Manon, dat ass den Arrêt an der Rue des Bobineurs an da géife mer hei mam Bus dann d'Kéier maachen, dann hei erof fueren an d'Rue des Mouleurs an deen Arrêt hei hu fir dann déi heiten Haiser ze bedéngen.

Duerno fiert e jo d'Rue des Mouleurs erof an d'Rue des Modeleurs an dann hätte mir do en Arrêt, well do déi ganz Haiser drun hänken. Da béie mer riets of an d'Rue des Modeleurs, an da fuere mer lénks eran an d'Ribeschponter Strooss, do hätte mer bei der Schoul en Arrêt. Dat ass och vill gewënscht ginn, well déi Schoul an der Zwëschenzäit relativ vill Nomëttesaktivitéiten oder Sportprogramm huet, wou eng Demande do ass déi deemools nach net do war, well do aner Notzunge komm sinn.

Dee Moment hätte mir dann do deen Arrêt fir dat ze bedéngen. Wann een elo dohinner wëll, da muss een den Tour iwwert Ribeschpont maachen, a wann een zeréck an d'Duerf wëllt, ass een um direkte Wee.

Dat waren déi vun der Ribeschpont-Streck.



Dann hu mir natierlech nach d'Wolkeschdall-Streck, d'Linn 10, do hate mir 2 nei Arrêten dobäi, déi aner existéiere jo schonns all. Dat wier den Nic Biver, den een Arrêt Hubert Clement an deen aneren Arrêt Rue Leon Weyrich an da fiert de Bus hei lénks erof an d'Léon Weyrich-Strooss fir an d'Rue de la Paix ze kommen.

Déi zousätzlech Arrêten, déi dobäi komm sinn an Ärer Lëscht, dat sinn déi virdrun, déi ewechfalen. Déi anere Säiten hunn ech elo mol vereinfacht ewechgelooss. Domadder wier ech um Enn vun der Presentatioun an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Romain Molitor, da wéilt ech op deen anere Punkt agoen, wat d'Reorganisatioun ugeet an dofir ginn ech dem Steve Arendt d'Wuert.

Steve Arendt (Direkter vum TICE): D'Madame Claudia Dall'Agnol an den Här Molitor hu schonns bal alles gesot, mir hunn dat ëmgesat wat an der Ëmfro op den Tapis komm ass.

Wat awer vergiess ginn ass, déi ganz Saach kascht jo och eppes a mir wëllen an deem Kader bleiwen, wou mer elo sinn. Et kann een och den ëffentlechen Transport upassen, mir kënnen och nach méi maachen, an dat heiten ass elo dee Kader, dee mir bis elo haten.

Mir hunn déi Linn 10 - do muss ee wësse wéi déi Konventioune beim Staat funktionéieren - dat war eng subventionéiert Linn. Wa mir elo déi Streckeféierung ëmplangen, mir gesinn dat am selwechte Kontext wéi mir se virdrunner haten, da bleift dat och an der Konventioun mat dran, dat muss een och vläicht eng Kéier enumeréieren.

De 5. Dezember maache mir eng Fahrplanännerung, dofir maache mir déi hei och mat.

Ech ka villäicht nach zousätzlech soen, dass mir zu 90% och do eng Aart Nuetsbus wäerten aféieren op eisem Réseau, dat heescht freides a samschdes, datt déi regional Linne bis 3 Auer nuets wäerte funktionéieren.

D'Eisebunn bitt e Service un, wou nach Leit méi spéit kommen, an do wollte mir och dee ganze Süde mat deem selwechte System bedéngen, fir dass déi Leit, déi esou schlau si fir mam Bus hei am Süden enzwousch hin ze fueren, dass déi dann e Bus zu spéider Stonn erëm kréie fir heem. Dat ass da vu freides op samschdes a vu samschdes op sonndes, an déi Deeg virun de Feierdeeg.

Dat ass dann och de 5. Dezember am Prinzip gläichzäiteg mat dem Fahrplanwiessel vum Citybus hei zu Diddeleng.

Méi hunn ech elo och net dozou ze soen, wann nach spezifesch Froe sinn, beäntweren ech déi ganz gär.

Wéi gesot, wann een eppes ännert, dann huet een ëmmer déi eng, déi jäizen, well se eppes haten, a wann een dann eppes ännert, da wäerten och erëm aner Leit fannen, dass elo deen dote System net gutt wier. Mir probéieren natierlech, wann dat heiten elo ofgeseent ass, d'Horairen och esou ze maachen, dass d'Leit vum Bus op den Zuch kommen, dass d'Leit vum Zuch op de Bus kommen, dass d'Leit och vum Zuch op den Zuch kommen a vum Bus op de Bus, mee mat deene 5 Linnen, déi mir hunn, geet och do net alles. Do muss ee sech Prioritéite setzen, wou een da seet, et ass wichteg, dass se moies op den Zuch kommen, da mussen se villäicht 10 Minutte méi laang waarde fir op de Bus oder ëmgedréint, soss kritt een dat einfach an där ganzer Planung net hin.

Meng zwee Virriedner hu bal alles gesot, wann elo nach Froe sinn, da kënne mir gären drop äntwerten.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi doten Erklärungen, elo kënnen déi verschidde Leit am Gemengerot Stellung dozou huelen, d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, just eng Bemierkung: Ech fannen et nach ëmmer schuet, dass een, wann een aus dem Boujel kënnt, bis an Italie muss fuere fir op d'Gemeng ze kommen. Mee meng Fro ass déi hei: Beim Arrêt CIPA - Maison de retraite, do gesinn ech net, ob de Bus nach virun era bei de CIPA fiert wéi bis elo, oder ob en op der Strooss bleift. Dat léisst och villäicht déi Geneeegkeet vun där Kaart hei net zou, mee do hätt ech awer gäre Kloerheet. Merci.

Romain Molitor (Verkéiersberoder): Neen, et muss een net bis an Italie fueren, et ass esou well ech muss e puermol d'Schläif fuere mam Bus mee et ass also sou:



De Bus fiert, wann en elo aus dem Boujel kënnt, hei erof an d'Rue du Parc, an d'Dominique Lang-Strooss an, an da béit en hei an d'Niddeschgaass, bezéiungsweis an d'Rue de l'Étang eran, fiert bei d'Gemeng, mécht den Tour an da fiert en zeréck an Italien, also e mécht den Tour dann hei iwwert d'Rue du Commerce, Edison, Dominique Lang, hei eriwwer a fiert da lénks d'Kaylerstrooss erof fir an Italien, kënnt hei hin an dann huet e säin Terminus.

Da fiert en esou zeréck an da fiert en hei iwwert d'Niddeschgaass nees zeréck sou dass all Aascht vun all Linn eemol d'Gemeng bedéngt.

Dat bedéngt natierlech, datt en zweemol hei den Tour mécht, wat ëmlafméisseg e bëssen tricky ass an och méi Käschte verursaache wäert, mee et ass esou, dass esouwuel de Boujel, den Italien an de Wolkeschdall, de Ribeschpont an de Greisendall, am Prinzip hu mir 5 Linnen, mir hunn se awer nëmmen als 3 Linne bezeechent. Dat huet aner Grënn, déi de Steve Arendt ernimmt huet, wéinst de Konventiounen, mee am Prinzip sinn all déi 5 Linnen un d'Gemeng ugebonnen an si bedéngen och, dass just eng vun de Linnen den Terminus op der Gemeng huet an dat ass d'Linn 10. Et muss een also net dee ganzen Tour an där Hisiicht maachen, ausser et wëllt ee Sightseeing maachen.

Steve Arendt (Direkter vum TICE): Och nach villäicht als Zwëschebemierkung: Déi Linnen 8 an 9 maachen net méi hier Opfangzäit - dat ass déi Zäit wou de Bus muss stoe bleiwe fir am Horaire ze bleiwen - bei der Gemeng, dat heescht, mir maachen se op där Plaz wou am Prinzip kee méi eran- an erausklëmmt, dat heescht mat där enger Linn um Skatepark a mat där anerer Linn ënnen am Greisendall.

Do bleift de Chauffer bei der Gemeng stoen, léisst d'Leit eran, si klammen vum Bus op de Bus. Bis elo, wann do d'Leit wollte weiderfueren, da souzen si - wann de Bus keng Verspéidung hat - laang am Bus fir da weider ze fueren. Also dat ass dann och e Qualitéitssprong, dee fir d'Leit wäert positiv sinn.

Jean-Paul Friedrich (CSV): Mir kënnen dësem Busplang leider net zoustëmmen, well eng Rei Saache fir eis nach net acceptabel a komplett sinn.

E puer Saachen, déi eis nach ëmmer dogéint schwätzen, dat ass dass d'Gaffelt nach ëmmer net ugefuer gëtt, et sinn zwar kleng Busse bestallt mee nach net am Asaz.

Mir hoffen, dass dat de 5. Dezember dann och eventuell esou klappt.

Da musse mir och soen, dass mir nach ëmmer gefuerdert hunn, dass d'Leit d'Méiglechkeet kënne kréie fir op e Callbus zeréckzegräifen, wat och nach net realiséiert ginn ass.

An da muss bemierkt ginn, dass de Fahrplan geännert ginn ass, mee awer op den Drock vun de Leit hin, well ganz vill Leit op d'Barrikade geklomme sinn. Si hu Petitioune gemaach an doropshin ass décidéiert ginn, de Sondage ze maachen, wat leider schonns virdrun hätt misse gemaach ginn, well d'Leit einfach virun Tatsaache gestallt goufe mat deenen se net eens gi sinn. An dozou musse mir soen, dass deen neie Plang ganz sécher besser an och méi biergerfrëndlech ass wéi dee virdrun, do ass guer keen Zweiwel, mee an eisen Aen nach net komplett ass, dofir kënne mir dëse Plang net matstëmmen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Am Numm vun de Grénge géif ech dës Ofännerung vun de Bussarrête guttheeschen.

Mir als Gréng setzen eis konsequent a fir den Ausbau vun ëffentlechen Transport, dofir hate mir d'Ännerungen an d'Verbesserung vun eisem Citybus begréisst.

Mir hunn awer schnell erausfonnt, dass déi Verbesserungen, déi se um Pabeier zweiwellos waren an och an der Realitéit net fir jiddereen esou offensichtlech waren.

Si hu virun allem net de Bedierfnisser an de Wënsch vun der Bevëlkerung entsprach.

Hei stellt sech dann d'Fro vun der Planung an der Aart a Weis, wéi d'Bierger an d'Biergerinnen doranner abezu gi sinn.

Et gouf eng Biergerversammlung mat allgemenger Diskussioun vu provisoresche Buslinne gemaach, mee mir mengen, dass dat eventuell net déi richteg Approche war.

Mir froen eis, ob eng méi offe Biergerbefroung mat Atelieren am Stil wéi se am PAG gemaach ginn ass, net méi bruecht hätt, beispillsweis wann d'Leit do



scho gefrot gi wiere wat se gutt oder schlecht un hire bestehende Buslinne fonnt hätten, an dann hätt een dat schonn direkt kéinten an d'Planung mat abezéien.

Dono ass een natierlech ëmmer méi schlau an d'Onzefriddenheet war grouss an huet sech och lautstaark manifestéiert.

Ech kommen elo och net op all déi Virwërf zeréck, déi ee kéint maachen, an déi schonn duergeluecht gi sinn.

Et war jiddefalls déi richteg Reaktioun fir d'Trasseféierung vun de Buslinnen ze iwwerdenken an nei ze plangen.

Et war wichteg, déi Leit mat hiren Doléancë sérieux ze huelen a Verbesserungen an hirem Sënn auszeschaffen.

Ech well Iech hei ausdrécklech félicitéieren, dass Dir deen neie Citybus net coûte que coûte duerchgezunn hutt, nom Motto: d'Leit berouegen sech schonn. Et war richteg, e Froebou auszeschaffen a Variante kloer zur Begutachtung opzestellen.

Déi Froen an d'Informatiounsbrochüren déi an Diddeleng ausgedeelt gi sinn, ware virbildlech, si waren och an der Verkéierskommissioun diskutéiert a verbessert ginn, sou dass se sou gutt verständlech ware wéi et ebe geet an esou Fäll.

Dass d'Leit sech dovun ugesprach gefillt hunn, geet och aus deene villen zeréck geschéckte Froebéi ervir, mat deene ronn 700 Äntwerten, déi hätt keen sech erwaart.

Dat war an allen Hisiichten en Erfolleg, och well d'Resultater ëmmer kloer fir eng bestëmmte Variant waren, an och ëmmer eendeiteg fir déi ofgewandelt Variant.

Ech wëll elo net méi op déi Ännerungen agoen, déi virgeholl gi sinn, déi wichtegst ass wuel, dass mat all Linn kann entweder bei d'Kierch oder op d'Gemeng komm ginn.

Ech wëll och net nach eng Kéier soen, wat nach kéint alles geännert ginn, all d'Problemer, déi mir opgeworf hunn, kënnen natierlech net geléist ginn.

Ech wéilt ebe grad dowéinst och nach puer vun eisen Doléancen opgräifen, an och do op Verbesserungen hoffen.

Et ass onbedengt néideg, dass all Diddelenger Stod eng verständlech a benotzerfrëndlech Erklärung vun de Buslinnen a vun den Horairë kritt.

Domadder menge mir och eppes aneschtes wéi déi Deplianten, mat deene mir d'lescht Joer am September erschloe gi sinn.

Et ass elo méiglech, och dat riicht ze béien, an ech hoffen dass déi Fuerpläng op dësem neien Ulaf liesbar ginn.

Et wier jiddefalls och sënnvoll, se an der Verkéierskommissioun virzeleeën an diskutéieren ze loossen, an och Leit déi vläit net sou an deem Jargon dra sinn, mat hëllefen ze loosse fir se méi verständlech ze maachen.

Erlaabt mir dozou, och nach Suggestiounen ze maachen. Et kann ee roueg och Reklamm maache fir de Site Mobilité.lu, deen hëllefe kann, méi komplizéiert Trajeten ze plangen. Déi jonk Leit gräifen éischter dorop zeréck, fir eeler Leit missten awer och kënne Beispiller opgefouert ginn, wéi a wou se ëmsteige musse fir zum Beispill an d'Spidol, d'Altersheem oder an de Centre Culturel oder bei de Kierfecht ze kommen, jee nodeem mat wéi enger Buslinn se ënnerwee sinn.

Dëst wieren d'Erausfuerderunge fir d'Rentrée.

Ofschléissend wier ze soen, dass mir nach op benotzerfrëndlech Fahrpläng waarden, dass mer awer zefridde si mat dësen Ofännerunge vun de Busarrêten.

Och wa villäicht net alles perfekt ass, sou si mir e gutt Stéck besser wéi dat am September 2015 de Fall war, dofir stëmme mir och dës nei Reglementatioun vun de Busarrêten. Merci.

Romy Rech (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Kollegen a Kolleginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, wann eppes gutt ass, da soll een och soen, et ass gutt.

Et ass net alles perfekt, do ginn ech der Madame Goergen Recht, mee wann eppes gutt ass, da kann ee roueg soen et ass gutt, an do verléiert een och keen Zack aus senger Kroun.

Et ass ëmmer verbesserungsfäheg, och an der Zukunft, mee dat heiten ass eng Verbesserung par rapport zu eppes, wat mir virdrun haten. Well hei gëtt esou geschwat wéi wa mir virdrun iwwerhaapt kee Bus





hei an Diddeleng gehat hätten, wéi wann alles schlecht an duerchernee gewiescht wier. Mir hunn elo eng Verbesserung zu deem wat mir virdrun haten.

Ech sinn och frou iwwer de Wee, jidderee ka sech en anere Wee virstellen, hei sinn d'Leit considéréiert ginn, d'Leit si gefrot ginn aus deenen eenzele Quartieren, an déi Resultater, déi bei där Ëmfro erauskomm sinn, ech si frou, dass mir dat gemaach hunn, dat ass eng Bestätegung, och dass een iwwert deen dote Prozess kann zu engem verbesserte Projet kommen, wat dann ab dem 5. Dezember wäert ëmgesat ginn.

Ech stelle mat Satisfaktioun fest, dass de Plang, dee mir elo virleien hunn, Diddeleng - esou wäit wéi dat méiglech ass an deem aktuelle Kader - gutt bedéngt, net optimal, selbstverständlech fiert en net bei jiddereen heem, dat ass richteg, mee an anere Gemenge mécht en dat och net.

Och hei zu Diddeleng, wou mir elo e bësse méi an d'Extremitéiten era fueren, muss och deen een oder aneren - net vläit elo vun deenen eelere Semester - mee vum Mëttelalter bis Jonk ufänken, an dat ass eben esou, fir heiansdo de Bus ze wiessele fir dohinner ze kommen, wou se schlussendlech wollten hikommen.

Ech wëll och mäi Luef ausdrécke fir d'Leit vum TICE, ech hunn de Moien den Tour du Sud mam Bus gemaach, ech sinn ee vun deenen, déi heiansdo och emol mam Bus fueren, moies, mëttes an owes an ech muss soen, ech war e bëssen op eng kniwweleg Destinatioun, dass ech mech bei de Busarrête gutt erëm fonnt hunn, an dass ech, deen am Fong geholl ëmmer nëmmen haaptsächlech an der Stad gefuer sinn, elo och méi duerch de Süde ka fueren.

Ech hu mech gutt erëm fonnt bei de Busarrêten, an ech muss déi Leit, déi um Bus sinn, luewen: D'Chauffere waren immens frëndlech an entgéintkommend an och dat muss een emol eng Kéier ervirhiewen.

Et kann een och eng Rei vu Buschaufferen hunn, déi vläit net esou entgéintkommend sinn, ech kann nëmme mäi Luef ausdrécken, well ech haut véier Verschiddener begéint hunn, an ee war grad esou léif wéi deen aneren.

Dat ass e ganz gudde Service um Client, an et si vill aner Leit, déi och Saache gefrot hunn, an der Stad géift Dir mol heiansdo gesinn, wat se mat deem engen oder anere Client géife maachen. Net alleguerten, dat wëll ech och betounen, mee ech muss hei soen, dat war gutt.

A si hunn engem esouguer nach op der Plaz gehollef, wann een net richteg wousst wou ee sollt erausklammen, a gesot et ass hei, an du schéngs ganz no bäi ze sinn, an dat huet och gestëmmt.

Hei gëtt gesot, ech kann net de Kolleginnen an de Kollegen vun der CSV hir Stellungnahm kommentéieren, dat läit mer och net, ech kiere viru menger Dier, mee ech verstinn net richteg, wéi een an enger Kommissioun ka fir eppes stëmmen, wou een dann am Conseil seng eege Leit aus der Kommissioun desavouéiert, wat ech an dësem Punkt hei öfters gesinn, well an der Verkéierskommissioun, wann ech dat richteg mat kritt hunn, waren déi dote Stellungnahmen unanime, an och déi Votë waren unanime, dat heescht et ass vun alle Bänken unerkannt ginn. Ech weess, dass dat konsultative Charakter huet, ech stelle mir awer do eng Rei vu Froe wat d'Kooperatioun an d'Zesummenaarbecht vun deenen eenzele Leit ubelaangt.

Ech gesinn och guer näischt Negatives dodran, dass mir hei op Wënsch vu Leit aus der Populatioun aginn, och wann dat ënnert engem gewëssenen Drock stattfonnt huet, dat ass jo just dat wat mir eis a ville Beräicher vun eiser léiwer klenger Lokalpolitik géife wënschen, dass esou vill Leit, déi bei ville Saachen esou betraff sinn, dass déi sech méi géifen zu Wuert mellen an dass déi einfach géinge soen, dat dote fanne mer gutt, dat dote fanne mer schlecht, do hu mer eppes ze reklaméieren.

Et sollt een villäicht net ëmmer à chaud reagéieren, wat jo och hei net geschitt, mee et geschitt eppes an et ass positiv.

Dofir, och deen heite Plang wäert héchstwahrscheinlech iwwert eng gewëssen Zäit laang keng Bibel ginn. Och muss ee wëssen, dass een och do nach déi eng oder aner Saach bei Geleeënheet kann ausbesseren, mee ech sinn der Meenung, no deem bestoende gudde Plang, dee mir virdrun haten, elo en ausgeweitenen, nach bessere Plang ze hunn, mat der Risepartizipatioun - well 700 Leit, déi sech melle fir un deem Projet do ze werkelen – vun der Bevëlkerung, wann dat awer keng Basisdemokratie ass!

Ech kann der Madame Goergen nëmme Recht ginn, ech kann dem Gemengerot nëmme félicitéieren, dass mir déi dote Weeër ginn, a wéi gesot, perfekt ass näi-



scht, mee dat heiten ass gutt an eis Fraktioun wäert dat heiten och deementspriechend guttheeschen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, ech muss awer emol festhalen, dass dat heiten elo den drëtten Ulaf ass fir iwwert den neien Trajet an d'Horairë vum Citybus ze schwätzen. Et ass eng Schwéiergebuert an et ass an eisen Aen en Zeechen vu Mismanagement vum Schäfferot.

Och wann déi Gréng dem Schäfferot félicitéieren, den Här Rech alles immens fënnt, gesi mir dat awer net esou.

Ech brauch och net den Historique ze maachen, am Juli 2015 krute mir déi nei Arrêten dohinner geklaakt, mir, de Gemengerot sollten se einfach duerch wénken.

Der CSV hier kritesch Remarquen zur lamentabeler Presentatiounsform mat zeg Feeler an eis Kritik un der inkohärenter Linneféierung gouf mat motzege Remarque quittéiert. Et huet geheescht, um Ordre du jour hätt net d'Verkéierskonzept gestan vun Diddeleng mee just d'Festsetze vun de Busarrêten.

Mee d'Opposition huet awer insistéiert fir eben d'Verkéierskonzept op den Ordre du jour ze setzen, et waren am November 2015 déi Gréng, déi et op den Ordre du jour gesat hu vun der Gemengerotssëtzung: Diskussioun iwwert déi nei TICE-Horairen an der Gemeng Diddeleng a wéi gesot, net de Schäfferot, net d'LSAP, mee d'Oppositioun huet dofir gesuergt, dass den Här Arendt vum TICE an den Här Molitor vu Komobile deemools dem Gemengerot Explicatioune ginn hunn, an dat nodeems deen neien Horaire an déi nei Trasseféierung vun de Busse schonns am September 2015 Hals iwwer Kapp ugelaf ass.

Hals iwwer Kapp, jo, well nodeems eng Petitioun am Altersheim organiséiert gouf, nodeems vill Bierger beim TICE, beim Gemengerot a beim Schäfferot reklaméiert hunn, goufen duerno eréischt d'Bierger offiziell opgefuerdert fir hir Proposen eran ze reeche fir Verbesserungsvirschléi ze maachen.

Dass 700 Leit sech gemellt hunn, an hiren Onmut deelweis - et waren der sécher net vill do, déi félicitéiert hunn - matgedeelt hunn, an dass deelweis 75% net averstane ware mat deem proposéierten Tracé, ech denken net, dass mir do mussen iergend engem félicitéieren, dass deen eng excellent Aarbecht gemaach huet.

An da kënnt jo elo nach e Punkt, deen nach guer net ugeklongen ass: Wat kascht dat Ganzt eis?

Dir wësst genee, deen neien Tracé huet eis dëst Joer am Budget 300.000 Euro méi kascht. Ausser Spesen nix gewesen? ass elo meng Fro. Well elo musse mir jo schonns erëm änneren. Wat hu mir dann elo vun deenen 300.000 Euro Ëmännerunge fir déi Buslinn, déi elo vu September 2015 bis Dezember 2016 fiert, wat hu mir elo dovun?

Kréie mir elo eng Remise vum TICE, wa mir elo schonns erëm eng Kéier mussen an där endlech drëtter Gemengerotssëtzung sëtze fir iwwert eng nei Variant vun enger neier Variant ofzestëmmen, kréie mir do eng Remise gemaach oder kascht dat eis nach eng Kéier souvill?

Firwat goufen d'Doléancen vun de Bierger, déi schonns 2014 am Hild, do waren der net vill heibannen déi deemools an där Sitzung waren, do war en ëffentlechen Hearing, Madame Goergen, do hunn d'Leit schonns genee déi selwecht Saache gesot, genee déi selwecht Saachen, déi elo hei ëmgeännert gi sinn, firwat lauschtert da keen op d'Bierger?

Dat ass dat wat mir dem Schäfferot virwäerfen.

An der éischter Diskussioun ass deemools scho gesot ginn, komm mir kucken, dass mir ëmmer op der Gemengeplaz stoe bleiwen, komm mir kucken, dass mir net ëmmer déi grouss Kréngele fueren, komm mir kucken, dass mir net musse bis an Italie fueren, wa mir aus dem Altersheim kommen.

Elo gëtt dat alles réischt realiséiert, mee dat soten d'Leit 2014 schonns.

Da wollt ech nach kuerz soen, partizipativ Politik, jo dat ass eng gutt Saach, mee et muss een awer och op d'Leit lauschteren, am beschten och éier esou e wichtege Projet soll ëmgesat ginn.

An ech denken, dass de Schäfferot heiansdo op enger eegener Wollek lieft, well et sinn oft esou Saachen, wou de Bierger an den Info-Versammlunge Virschléi mécht, well ech denke mir ëmmer, wann een sech schonns dohinner bewegt, da wëll en och sérieux geholl ginn, an





de Bierger gëtt einfach net genuch nogelauschtert, an och der Oppositioun gëtt net genuch nogelauschtert, well vill vun deene Saachen, déi elo hei dra sinn, hu mir am Juni scho gesot, wéi mir déi berühmten Trasse-féierung an déi Arrête sollte stëmmen.

Mee dann ass dat mat enger gewëssen Arroganz of-geschmettert ginn, an och deene Gréngen hier Inter-ventiounen am November sinn och nach net zu 100% oder soe mir nach net zu 75% ëmgesat ginn.

Och wann dat heiten eng Verbesserung ass, an elo kommen ech drop, op dat wat Dir eise Membere vir-wäerft, déi an der Kommissioun sëtzen, dat heiten ass eng Verbesserung, jo, dat wénke mir duerch, mir fan-nen et awer nach net gutt.

A mir fannen déi Aart a Weis, wéi dat geschaaft ginn ass, schonns iwwerhaapt net gutt.

Da kommen ech zu enger Fro: Mir bezuelen 2016 3.000.000 Euro un den TICE, déi nei Variant September 2015 huet e Plus vun 300.000 Euro fir de Budget 2016 ausgemaach.

Déi nei Variant vun där neier Variant, déi elo hei um Dësch läit, wéivill kascht dat eis?

Déi Linn 10, déi nei oder erëm nei ageféiert gëtt, wéi-vill kascht dat eis?

An dann ass meng Fro: Firwat bezuele mir eppes, wat mir am Fong scho bezuelt hunn, wat awer näischt war, an do ass meng Fro, wéi rechtfäerdegt de Schäfferot dann déi 300.000 Euro, déi mir praktesch zur Fënster erausgehäit hunn?

Da kommen ech nach op déi Fro déi mir d'lescht Joer beschwat haten, et huet geheescht mir kréien déi 1-Meter-Bussen, kommen déi dann elo am Dezember a wat kascht dat eis?

Well et wier jo och net gerecht, wa mer méi ökolo-gesch fueren, an och méi sënnvoll fueren, dass mir dat dann och nach eng Kéier extra musse bezuelen.

Dofir och nach eng Kéier mäin Appel, ech fannen, mir als Diddelenger si Client beim TICE a mir mussen e bësse méi staark mam TICE verhandele fir dass dëse Syndikat eis net d'Aen aus dem Kapp kascht.

Dann héieren ech elo sou niewebäi, dass dann och Nuetsbus soll bäigesat ginn.

Ech hunn dat net esou niewebäi héieren, ech hunn näm-lech och gelies dass den TICE nei Leit wëll astellen - Création de poste pour le service du Nuetsbus - dat war schonns den 13. Juli um Ordre du jour vum Comité.

Do ass dann och meng Fro, wat kascht dat eis dann nees?

Well ech ka mir jo virstellen, wann de Bus hei zu Diddeleng och owes nach fiert, da kascht dat jo och schonn erëm eppes.

Do ass awer meng Fro: Et wier och do villäicht gutt, ze froen ob dat och sënnvoll ass, brauche mir dat?

Eis Propos vun der CSV ass éischter, dass mir sol-len de LateNightBus, deen an d'Stad fiert, ausweiden, a konkret: Fiert deen Nuetsbus all Linn vum Citybus, freides a samschdes bis Nuets dräi Auer, a wéi en-ger Frequenz, oder sinn et just déi regional Linnen, déi fueren, a wat kascht dat eis Gemeng?

Wéi gesot, mir si frou, dass de Bus elo besser fiert, mir si jo net op de Kapp gefall, mir gesinn och, dass do Verbesserungen dra sinn.

Mee mir fannen et einfach e Skandal, wéi mat esou enger wichteger Décisioun ëmgaange gëtt, a wéi mat de Bierger ëmgaange gëtt, déi schonn 2014 an enger ëffentlecher Versammlung –Komobile war do, TICE war do, ee vun Iech war do, den Här Becker war do - genee déi selwecht Saache gesot hunn, déi mir elo hei maa-chen, dat hätt eis zwee an en halleft Joer gespuert, Energie gespuert, Geld gespuert an dofir fanne mir dat e Mismanagement vun eisem Schäfferot, a mir fuerde-ren nach ëmmer, dass och e Callbus agefouert gëtt, dass d'Leit kënnen dohinner gefouert ginn, wou se wël-len a wéini se wëllen, dass d'Leit déi net sou mobil sinn och eng aner Méiglechkeet hu fir an d'Spidol oder an de Staatslabo ze kommen, dass zum Beispill och de Wolkeschdall eng Méiglechkeet huet fir mam Bus ze fueren, well mir sinn och déi eenzeg TICE-Gemeng am Süden, dat hunn ech och schonns dräi – oder véiermol gesot, déi net och nach op de Wee geet fir zousätzlech nach e Callbus ze maachen.

Also, wéi gesot, mir enthalen eis net aus Topegkeet, well mir mengen dat heite wier net gutt, mee dat ass




wierklech eng politesch Geschicht, wou mir denken, dass hei komplett d'Päerd vun hannen opgesuedelt ginn ass, an et ass schuet dass mir elo zwee an en halleft Joer hei piddelen an et ass nach ëmmer näischt 100% Éierbares op der Lee. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Ech wëll op verschidde Froen agoen, villäicht déi méi technesch kënnen d'Kollege vum TICE an vu Komobile agoen, d'Claudia Dall'Agnol beäntwert d'Froen a punkto Konventioun.

Steve Arendt (Direkter vum TICE): Ech ginn dann elo emol op dat Ekonomescht an dat Technescht an. Ech wollt nach zousätzlech soen, well iwwert d'Mobilitéitsapp geschwat gouf, et gëtt och eng TICE App, déi ass e bësse méi userfrëndlech, déi ass net esou komplizéiert, do kënnt Dir Ären Arrêt uginn, wou Dir stitt, da kritt dir Online all d'Linne ugewisen, déi laanscht kommen.

An da verstinn ech och dat mat den ale Leit, dass déi dat nach net esou wëllen notze wéi et vun de Jonke genotzt gëtt. Mir hunn eng Hotline, dat ass den 57 57 32 999, do sëtze Leit vu moies 8 bis owes 5 Auer, an do kënnen d'Leit uruffen, wann se eng Fro hunn, wou se net wësse wouhinner, do kréien se da gesot, wou se mussen eraklammen, wou se mussen ëmklammen an esou weider, do kréien se adäquat Äntwerte bei eis am Bureau.

Wat d'Bussen ugeet, mir hu gesot, mir kafen all Joer nei Bussen, mir hunn e 5-Joer-Investmentplang, d'Politik vun de Bussen, wou mir op nach méi ëmweltfrëndlech Busse ginn, well mir eis Flott esou Up-to-date wéi méiglech wëllen halen.

Déi Bussen, déi elo op Diddeleng wäerte kommen, well de Citybus sech entwéckelt huet, do kënnt ee mat deenen normale Gefierer net ëmmer duerch, dofir hu mir méi kleng Busse bestallt, dat ass den Euro 6, dat ass dat wat et um Maart am Moment gëtt, wat am mannsten Emissiounen huet, dat kascht Gemeng näischt, also näischt méi, dat geet iwwert d'Konventioun.

Wa mir elo 5 nei Busse maachen, do gëtt et eng Politik vum Staat, dass een e Bus amortiséiert op 10 Joer, wann eis Bussen 10 Joer hunn, ginn se duerch nei Bussen ersat, dat spillt an der Käschteberechnung wéineg.

Wat déi Käschten ubelaangt vun 300.000 Euro, wann ech mech och dozou dierf äusseren: Déi regional Linne ginn iwwert d'Konventioun vum Staat ofgedeckt, do ass ebe just de partizipativen Deel vun Diddeleng, deen ebe pro Awunner gerechent gëtt, domat musse mer eben dat wat net iwwert d'Konventioun ofgedeckt gëtt, ofdecken.

Mir hunn zu Diddeleng wéi zu Esch déi Situatioun, dass mir nach Citybus-Linnen hunn, dobäi muss ee wëssen, dass mir als TICE nëmmen d'Linn 9 a Rechnung stellen, fir déi aner hu mir eis esou arrangéiert mam Staat, dass déi iwwer d'Konventioun ofgedeckt gëtt.

Dat gëllt och fir d'Linn 10, dat ass dat wat ech virdru probéiert hunn ze erklären.

Mir hunn, wéi mir déi Linn 4 op Diddeleng bruecht hunn, gesot, wat maache mer mat der Linn 4? Do war jo eben den Challenge fir de Lenkeschléi unzebannen, a mir hu gesot, mir kommen elo net mat nach enger Linn bis op d'Gemeng gefuer, mir wollten d'Entrée vun Diddeleng anescht ofdecken, an och de Lenkeschléi.

Dat ass vum Ministère och als sënnvoll betruecht ginn, wann dat bis ofgeseent ass, dass d'Streckeféierung dann ugepasst gëtt op esou eng Ufro bei de Bierger, komm mir fueren nach e bëssen aneschters, dann ass do keng Diskussioun méi, sou dass déi Linn 10 och komplett iwwert d'Konventioun vum Staat wäert ofgedeckt ginn.

Ech muss dat justifizéieren, dat war deemools déi Linn 10, wéi mir déi ewech gesplitt hunn, wéi mir mat der Linn 5 nach an de Greisendall gefuer sinn, hu mir déi och ewech gesplitt. Do hu mir gesot, dat ass elo einfach eng Opsplittung vun de Linnen, an hei ass dee selwechte Prinzip, dee mir ëmmer maachen, ech mengen am Sënn vun de Gemengen, wann dat iwwert de Staat ofgewéckelt gëtt, an do muss ech elo soen - ech hunn um TICE och ëmmer mat ville Parteie geschafft, ech hu mat véier Ministere geschafft a menger kuerzer Zäit, wou ech beim TICE sinn, dat sinn elo 13 Joer, ech hat e Gréngen, e Bloen, e Rouden an och e Schwaarzen - dass déi awer och dat wat mir als TICE ëmmer proposéiert hunn, sënnvoll fonnt hunn, an och dee Moment bezuelt hunn.

Dat selwecht ass bei deem Nuetsbus, deen am Fong keen zousätzleche Käschtepunkt bedeit well dee gëtt integral iwwert d'Konventioun vum Staat ofgedeckt.

Mir brauche keng zousätzlech Bussen, dat Eenzegt wat mir ebe brauchen, dat si méi Stonnen: Déi Busse



fuere mat Benzin, dee mir och verbrauchen, mir mussen eis anescht organiséieren, sou dass dat also - ech presentéieren dat muer am Bureau fir d'Gemengen - bal näischt kascht. Ech muss awer éierlech soen, Dir bezuelt awer och iwwert d'Konventioun deen alen Nightrider, do leet Dir als Gemengen en Deel mat bäi, sou dass deen Undeel erof geet, an dann ass et fir mech eng Nullsaach.

Wéivill Leit dee wäerten notzen, wësse mir net, et ass als Pilotprojet geduecht, an de Ministère hëlt eis ëmmer gär als Pilotprojet an all Projet, dee mir momentan gemaach hunn, ass ëmmer gutt gaang.

Ob dat den Telematiksystem ass, dee mir gemaach hunn, op dat déi automatesch Zählanlagen sinn, déi mir an de Bussen hunn. An och den Nuetsbus als Pilotprojet ass elo ugeduecht, sou dass mir do am Prinzip, wa mir gutt Erfahrungen hunn, och dobäi bleiwen.

Mir maachen dat net mat de Citybussen, mir maachen dat mat de regionale Bussen, wou mir d'Leit da mat der 4 an 5 bedéngen a mir kucken esouguer, dass mir se kombinéieren, well et huet kee Wäert, mat eidele Bussen ze fueren, vun den eenzelne Südgemengen, hätte mir gären dass d'Leit sech samschdes a freides owes nach kënnen op déi Haaptpunkte kënne verdeelen. Do fiert een net déi Linnen, déi mir elo fueren, bis an déi leschte Stroossen eran, dat hunn d'Leit och net gären, an et ass wéi gesot, och e Projet, dee kann dann och dee Moment evoluéieren.

Wann Dir elo sot, mir fueren awer och gäre mat der 9 nuets e puer Fahrten, dat ass dann eppes wat mir just mat der Stad Diddeleng musse kucken. Wann dat Sënn mécht, mee dat ass dann awer och e Surplus, deen Dir dee Moment bezuele musst.

Ech muss soen, dat ass awer fir dat wat et ass en Invest, deen a mengen Ae relativ sënnvoll ass.

Ech denken, ech hunn elo op déi meescht Froe probéiert eng Äntwert ze ginn.

Ech wollt awer just nach soen, beim Hild, do ware mär och dobäi, do sinn awer net déi Kritike komm, déi herno komm sinn.

Mir hunn dat doten och presentéiert, do waren d'Leit sech villäicht net bewosst, wat dat géif bedeiten.

Mir probéieren eis ëmmer unzepassen, an ech mengen, dass dat heiten dann awer och eng Upassung ass, déi genee esou konsequent ass.

Déi 300.000 Euro hat dir ugeschwat, mir fueren elo awer vill méi wéi virdrun. Mir sinn do elo an engem System wou mer soss nëmmen eng Schläif gefuer sinn. Also, dat wat d'Leit méi kréien, dat kascht ëmmer. Dir wësst, den Haaptkäschtepunkt bei eis sinn d'Chaufferen, mee et ass awer elo net esou, dass déi Sue verpolvert sinn, well d'Leit hu jo awer trotzdem en Angebot kritt, dat gouf eng Kéier gerechent, vu Kilometeren, wat awer wesentlech méi grouss ass, wéi dat wat mir mat dem Citybus virum 14. September 2015 haten.

Méi laang owes, an dat sinn awer Saachen, wann een esou eng Ëmfro mécht, do hunn och 700 Leit geäntwert, do sinn der awer och, déi soen, mir hätte gär, dass et esou bleift. Ech soen och elo, och wann ech villäicht elo hei vun egal wiem der op de Kapp kréien, wa mir dat heite fueren, da wäerten och Leit uruffen a soen, virdru war et besser.

Mir hu verschidde Leit, déi hu mir ugeruff, déi frou sinn, déi vun der Zoufftgerstrooss erof kommen, well se dann awer musse rondrëm fueren, an déi soen: Elo hutt Dir mir mäi Bus annerhalleft Joer dohinner gesat an elo huelt Dir mir en erëm ewech.

Mee dat ass ëmmer esou, den ëffentlechen Transport ass e ganzt delikat Thema, well d'Leit gäre mat schwätzen an awer och net ëmmer versti wéi dat organiséiert ass. Mee Dir sidd alleguerte Wëllkomm eng Kéier dobäi ze sinn, wa mer esou eng Organisatioun maache vun enger Buslinn, fir ze gesinn, wat dat alles vu Contrainten huet, an do kann ee leider Gottes och net alles maachen, fir dass dat ëmmer sou klappt, wéi all eenzel Leit dat gären hätten. Merci.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): De Jean-Paul Friedrich, wou dorop agaangen ass, ech mengen do hätt den TICE och kéinten äntweren, dat läit eben och dorunner, dass dat enk kleng Stroosse sinn, an dass mir souguer mat de klenge Bussen, déi mir solle kréien, och do net duerchkommen.

Dat heescht, dat Eenzegt wat do a Fro kënnt fir dee Quartier, an ech wunne selwer an dem Quartier, a fir een, deen e bëssen d'Rue Dicks an d'Rue Sainte Barbe kennt, wou lénks a riets Autoe stinn, a wou d'Leit



schonns net wësse wouhinner, well et al kleng Haiser sinn ouni Garage, déi wëssen dass do ni e Bus laanscht kéim.

An ech bezweiwelen souguer, dass wa mir muer e Callbus hunn, dass deen ëmmer laanscht kéim, an da stellen ech och d'Fro, wat kascht deen eis dann? Well och dat kritt een net zum Nulltarif.

Et ass gesot ginn, et war Drock vun de Leit do, ech mengen, wier keen Drock do gewiescht, dann hätte mir och net missen iergend eppes änneren, well da wier et jo perfekt gewiescht, an ech ginn awer dovunner aus, wa Saachen net gutt sinn, dass een déi soll änneren, ech gesinn dat net als Échec, ech gesinn dat als Verbesserung.

An ech gesinn dat souwuel am Politeschen ewéi och am Privaten, wann eppes net gutt ass, da soll een et verbesseren, an et soll een net nëmmen doriwwer lamentéieren.

Op d'Virstellung am Hild ass den TICE schonn agaangen.

D'Romaine Goergen huet et selwer schonns gesot, nachher ist man immer schlauer, ech hat wéi d'Madame Goergen amgaange war mat schwätze mer och genee dat doten opgeschriwwen.

Allerdéngs ass elo do och schonns vum TICE och schonns eng Äntwert komm, dass et net grad déi Saache ware wéi hei ëmmer vun anerer Säit behaapt gëtt, déi Leit elo bemängelt hunn.

Da wësse mer och, dass déi Leit déi zefridde sinn, dat sinn déi, déi sech net mellen.

A wahrscheinlech, wéi de Steve Arendt et sot, trëppele mir elo anere Leit op d'Féiss dat heescht, dat sinn elo déi Leit die Iech wäerten uruffen, déi net zefridde sinn, well déi elo gären hätten, dass de Bus rëm op an of fiert, soe mer emol an der Zoufftgenerstrooss, dat ännere mir net.

Et gëtt ëmmer eng Partie Leit déi stellt een zefridden, an eng Partie Leit déi stellt ee mat enger Ännerung net zefridden.

Dann ass dat vum Horaire ugeschnidde ginn, dat ass net dat wat op eise Quaien a Busarrêten hänkt, dat ass effektiv deen Horaire gewiescht, deen den TICE deemools verdeelt huet, do war ech déi leschte Kéier schonn drop agaangen, wéi mer am Gemengerot driwwer geschwat haten. Do hat ech schonns gesot, dass mir als Gemeng wëlles haten, dat user-friendly ze maachen.

Mir hunn dat awer deemools net gemaach, well mir direkt woussten, mir mussen nach Upassunge maachen.

Mir hunn allerdéngs net geduecht, dass et sou laang géif daueren. Et wier eng Verschwendung gewiescht, do eppes Schéines ze maachen an dann herno ze änneren.

Dir hutt gesot, fir dat villäicht eng Kéier duerch d'Verkéierskommissioun goen ze loossen, mä dat muss jo verdeelt ginn, mat Zäit verdeelt ginn, entweder am beschten éier de Bus ufänkt oder ganz kuerz drop.

Mir si wierklech drop ugewisen, dass mir deen Horaire vum TICE kréien, an da muss dat an den Drock, et muss verdeelt ginn. Wa mir dat sollen duerch eng Verkéierskommissioun komme loossen, da misst ech den Horaire do am September hunn. An dat, mengen ech, ass net méiglech.

Mir hunn awer als Alternativ, Dir wësst villäicht, wou de Citybus deemools agefouert gouf, do gouf et sou e Bichelchen, wou alles erkläert war, an et war de Virschlag, dee mir wollte maachen, mee natierlech bësse moderniséieren, deen een och kéint huele fir dat heiten.

Esou gär wéi ech et géif an d'Verkéierskommissioun huelen, ech soen Iech et vir eraus, ech weess net ob ech dat ka maachen, well do leeft d'Zäit eis fort, wa mir et wëllen hi kréien, dass d'Leit et hunn, an den TICE huet och elo de Message matkritt, mir brauchen als Gemeng deen Horaire esou séier wéi méiglech fir dass mir kënnen eis Bierger informéieren, fir dass mir deen Dépliant kënnen drécken, plangen a verdeele fir dass mer op eise Quaien den Horaire kënne publizéieren. Do läit de Ball éischter an Ärem camp wéi an eisem.

An de Romy Rech huet gesot, et soll een ausbesseren ëmmer dann, wann et néideg ass.

Ech mengen och hei, dat doten ass villäicht elo net perfekt, mee mir sollen och en cours de route kucken, wa mer kënne kleng Upassunge maachen, en Arrêt bäi, en Arrêt ewech oder en Arrêt e bësse verréckelen, wann en da besser ass fir deen, deen de Bus hëlt, da solle mir dat maachen, do fält eis keen Zack aus





der Kroun. Dann ass dat e Verkéiersreglement hei um Ordre du jour, da maache mir dat.

Dovunner bleift d'Welt net stoen, an ech widderhuelen nach eng Kéier, de Gemengerot dee stëmmt nëmmen iwwert e Verkéiersreglement of.

Mir stëmmen herno doriwwer of, wou déi Arrête sollen hikommen, a wou Arrête solle verschwannen. Net méi an net manner, dat ass e Verkéiersreglement.

An da villäicht nach eng Kéier zum CIPA, dat ass wierklech déi eenzeg Plaz an enger Gemeng, wou den TICE-Bus op e privaten Terrain erop fiert.

Dat ass wierklech eng ganz grouss Faveur, déi si eis maachen, well mir se gefrot hu fir dat ze maachen, well et eben user-friendly ass fir déi eeler Leit.

Dat ass déi eenzeg Plaz wou dat heite geschitt an, wéi gesot, op de Rescht, de Finanzement, d'Käschten, déi nei Busser an den Night Bus ass den TICE selwer agaangen. Ech wier domadder fäerdeg. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech spieren also hei eraus, iwwert d'Bänken, dass mir mat deenen Adaptatiounen, déi mir hei virhuelen an déi mir am Dezember 2016 wëllen ëmsetzen, op alle Fall net esou falsch leien.

Et sinn eng ganz Rei Nuancen hei eriwwer komm. Ech wëll betounen, dass déi ganz Rei Doléancen, déi un eis eru gedroe gi sinn, vun deene politesch Responsabel hei och ganz sérieux geholl gi sinn, an dass mir déi och an déi nei Iwwerleeungen afléisse gelooss hunn.

Ech wëll awer och der CSV soen, dat mierkt een och an aneren Dossieren, dass se et net esou sérieux huele mat der Wouerecht, an dat mierkt een och hei.

Am Juni 2014, wéi mir déi Réunioun am Hild haten, an ech war do bis zum Schluss, d'Conclusiounen déi mir do gezunn hunn, do hu mir gesinn, dass d'Leit sech ganz wéineg iwwert d'Arrêten an déi Étappe geäussert hu wat d'Reorganisatioun vun de Citybus-Linnen ugeet, a wat am Fokus stoung, dat war virun allem déi ganz Ubannungen un d'Stad, iwwert de Bus, respektiv iwwert den Zuch.

Haut dann hei ze behaapten, dass do Saache gesot gi sinn, déi hei majoritär net zeréckbehale gi sinn, dat stëmmt net, an dat wëll ech och net hei am Raum stoe loossen.

Et ass eng Stäerkt, wann een eng ganz Rei Doléancen huet, dass een déi ophëlt, dass een déi iwwerpréift, dass ee kuckt fir dat ëmzesetze mat all den Acteuren an dass een déi Horairë probéiert ofzestëmmen, wat de Citybus ugeet, wat d'CFL ugeet.

Et ass e Zesummespill vu ville Parameteren, a wéi et schonns gesot gouf, et sinn och labber Schrauwen, déi mir an nächster Zäit wäerten dréinen, wann Adaptatioune néideg sinn. Et ass op alle Fall e Prozess, an deem mir eis befannen, an an deem mir eis net hei soe loossen, dass mir déi partizipativ Politik net sérieux huelen.

Dëst gesot géif ech proposéieren, dass mer zum Vote kommen.

**Wien ass mat deenen neien Arrêten a mat där neier Citybus-Aféierung averstanen, dee soll d'Hand hiewen?**

**Dat sinn d'Stëmme vun LSAP an déi Gréng.**
**Wien ass net domadder averstanen?**
**Wien enthält sech? Dat sinn d'Stëmme vun der CSV.**

Mir soen dann de Kollege vum TICE Merci, dass se hei waren, a fuere weider mat dem Camionettereglement an dem Parking résidentiel. Dofir ginn ech elo dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

**1.2. Reglementatioun vum Stationéier- a Parkverbuet fir Gefierer, déi fir den Transport vu Saache geduecht sinn, am gesamte Stroossennetz vun der Stad Diddeleng**



**1.3. Reglementatioun vum Ausbau vum Parking résidentiel**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech géif Iech proposéieren, de Punkt 1.2 an de Punkt 1.3 zesummen duerchzehuelen, well et anenee gräift.

Natierlech sinn et herno zwee Voten, well et och verschidde Verkéiersreglementer sinn, an ech géif einfach wéi virdrun eng allgemeng Aleedung maachen, an herno erëm dem Romain Molitor d'Wuert ginn, fir déi méi kleng an technesch Detailer. A wann da Froe sinn, ass de Romain Molitor jo nach hei.

Et geet ëm den Ausbau vum Parking résidentiel an d'Aféiere vun engem Verbuet fir Camionnetten nuets an eise Stroossen ze stoen.

Éier ech dem Romain Molitor d'Wuert ginn, géif ech nach op e puer Detailer agoen. Ech sinn awer och frou dass mir och nach Besuch hunn vun eisem chef du Service Circulation Nic Krumlovsky, dee kennt Dir schonns e bësse méi laang. An den Alex Lourenço, deen hutt Dir nach net gesinn, hien ass eisen neie Mann am Service Circulation zënter Mäerz. Ech géif hinnen zwee an och dem Pascal Steichen, deen haut net ka bei eis sinn, e grousse Merci soe fir hir Aarbecht an hir Méi an deene leschte Méint, well dat war ganz vill Aarbecht, dat kënnt Dir Iech guer net virstellen.

Dee Merci geet och un de Patrick Bausch, eisen neie Gemengesekretär, deen och ganz vill matgehollef huet fir dass mir esou séier weider komm sinn.

E Merci och un d'Leit vun der staatlecher Verkéierskommissioun, déi ëmmer en oppent Ouer hate wann ee vum Service Circulation huet missen uruffen.

An och e Merci un de Chef vun der Verkéierspolice, deen eis och ëmmer mat Rot an Dot zur Säit gestanen huet wa mir Froen haten.

Dat gesot, géif ech e puer Erklärunge ginn, wéisou et iwwerhaapt dozou sollt kommen.

Mir wëssen alleguerten, dass mir eng Partie al gewuesse Quartieren hunn, wou mir souwisou dacks schonns e Parkproblem hunn, well et dacks al Haiser sinn, déi nëmmen eng Garage hunn, guer keng Garage hunn, dass et keng Stellplaze bei hinne virun der Dier ginn.

Mir wëssen awer och, dass et haut vill Stéit ginn, déi méi wéi een Auto hunn, an dat selwecht gëllt och fir d'Appartementshaiser, wou fir all Wunneng nëmmen eng Plaz virgesinn ass, an déi aner Autoe vun deem Stot da mussen op der Voie publique stoen.

Wa mir dann nach wëssen, an do verroden ech Iech och näischt Neits, datt Diddeleng ganz attraktiv ass fir bei eis schaffen ze kommen, dann ass et logesch, datt a ville Stroossen besonnesch ronderëm den Zentrum sech Persounen de ganzen Dag histellen, an dann déi Leit, déi do wunnen, keng Méiglechkeet méi hu fir eng Parkplaz ze fannen.

Dat selwecht gëllt och fir Pendler, déi hei den Zuch huelen, an dann den Auto an iergend enger Strooss ronderëm den Zentrum a virun allem och ronderëm d'Gare, respektiv vir am Brill ofstellen.

Dat gëtt et schonns méi laang, do zielen ech Iech näischt Neits, mee et huet sech awer verstäerkt zënterdeem mir de Fohrmann an de Crassier payant gemaach hunn. Do gëtt et eng ganz Partie Leit, déi net wëlle bezuelen an deem wëllen a musse mir Rechnung droen.

Mir hunn eis mat de Viraarbechten e Joer Zäit gelooss, et ass also keng Mesure wou herno gesot gëtt, mir hätten dat iwwert de Knéi gebrach, well eng éischt Verkéierskommissioun zu deem Thema hate mir schonns den 25.06.2015.

Du war freides, den 18. 9. 2015 de Romain Molitor zesumme mat eisem Service Circulation am Kader vun der Europäescher Verkéierswoch de ganze Mëtteg bis owes um siwen Auer am Festsall fir de Bierger Ried an Äntwert ze stoen an hir Virschléi kënne mat an déi Iwwerleeungen eranzehuelen an anzebauen.

Wat soll awer elo gemaach ginn? Ech ginn elo net am Detail op déi eenzel Stroossen an, déi mir wäerten an de Parking résidentiel eranhuelen, well d'Konditioune fir déi nei genee déi selwecht bleiwe wéi fir déi, déi schonns dra sinn.

Dir hutt e Plang virleien an de Romain Molitor wäert herno méi am Detail a senger Virstellung drop agoen, wisou a firwat grad eben an dëse Strooosse soll ausgebaut ginn.

Villäicht just kuerz zu deene proposéierten Ännerungen, déi och esou an der Verkéierskommissioun ugeholl goufen, dat war de Parking Fohrmann, dee soll op 3





Stonnen erop goen, amplaz vun 2 Stonne wéi bis elo. Déi Diskussioun hate mir och e puermol gefouert, ech huelen ëmmer dat Beispill wat mir oft huelen, an ech mengen och e puer Leit vun Iech, vun den Dammen, déi bei de Coiffeur ginn, datt do 2 Stonnen net géifen duergoen, an dass se léiwer 3 Stonnen hätten.

Ech huelen un, et ginn och nach aner Beispiller wéi de Coiffeur, mee et ass u sech dat Beispill, dat mir ëmmer erëm genannt kruten.

Eng aner Erneierung wier de Crassier, dee géif 5 Stonne gratis ginn, awer mat Ticket. Firwat? Ma fir deene Leit entgéint ze kommen, déi zu Diddeleng schaffen an déi wierklech keng Méiglechkeet hunn, fir mam Zuch a mam Bus ze kommen. Där gëtt et der awer leider nach eng ganz Partie, well se zum Beispill ganz fréi ufänke mat schaffen, well se vun enzwousch kommen, wou se schlecht ugebonne sinn. Et kann een awer net méi wéi 5 Stonnen dat dote maachen, well soss lackele mir erëm eng Kéier déi Leit un, déi dann den Zuch huelen an an d'Stad schaffe fueren, an et ass jo eigentlech dat firwat mir de Crassier payant gemaach hunn, fir eben dat doten ze verhënneren.

Näischt verhënnert awer, wann een de ganzen Dag hei zu Diddeleng schafft, fir sech an der Mëttesstonn en zweeten Ticket sichen ze goen, da muss een eben nach eng Kéier bis op de Parking goen.

Dat wier awer net zevill verlaangt wann een eng gratis Parkméiglechkeet esou no beim Zentrum huet.

Da kann een, wéi gesot, nach eng Kéier fënnef Stonnen do stoen, wann dat gewënscht ass.

Dir wësst, dass mir en Héichtemiesser do scho méi laang installéiert hu fir ze verhënneren, dass sech do Camionen histellen, well och dat hat sech e bëssen agebiergert, an nodeems deen Héichtemiesser do installéiert gi war, krute mir dat och an de Gréff.

Eng Ännerung vu bis elo ass awer; dass déi 2 Parkingen, also de Fohrmann an de Crassier, elo just nach payant wieren, mee ouni Parking résidentiel. Dat heescht, datt och Leit, déi eng Vignette hunn, sech net méi am Dag an ech betounen "am Dag", also virun 18.00 Auer, dierfen dohinner stellen. Firwat dat? Wa mir de Parking résidentiel ausbauen, dann hu mir jo elo logescher weis eng ganz Partie méi Vignetten am Ëmlaf, a wann da jiddereen, deen eng Vignette huet, sech géif ugewinnen, hei um Crassier oder um Fohrmann ze stoen, dann hätte mir erëm eng Kéier déi nämmlecht Diskussioun, déi mir haten, wéi de Parking payant gemaach ginn ass, nämlech datt déi Leit, déi hei an Diddeleng eng Kommissioun wëlle maachen, déi hei an Diddeleng wëllen akafen, datt déi rëm keng Parkplaz kréichen, an dat war jo eigentlech de But vun der Saach, firwat mir deemools payant gemaach hunn.

Si däerfe weider hin owes ab 18 Auer do stoen, an der Mëttesstonn natierlech och, well dat jo souwisou gratis ass, an dat bleift och gratis iwwerall hei zu Diddeleng. Natierlech bleift et och sonndes an d'Feierdeeg gratis, mee de Schwaarze Wee bleift op fir Leit mat Vignette, well et ginn eng kleng Partie Leit, déi keng Stellplaz oder keng Garage hunn.

Déi aner Parkingen, de Parking Tattebierg, de Parking Rue du Commerce, dee bei der Schoul Strutzbierg an deen hannert der Kierch, déi bleiwen, respektiv déi kommen dran, mat 5 Stonnen an och Parking résidentiel, dat heescht dass een do och dierf mat Vignette stoen.

Bei der Schoul Strutzbierg gi 4 Parkplaze blockéiert fir d'Schoul oder de CIS, allerdéngs och hei net fir Langzäitparker, mir wëssen awer, dass et eng Partie Persoune ginn, déi zum Beispill nëmmen 1 Stonn an engem Gebai Schoul halen, an dass déi da musse schnell vun engem Gebai an dat anert kommen, dass se och villäicht mussen auslueden, a virun allem de CIS mat verschiddenem Material schafft, dat se am Dag muss wiesselen. Et gëtt also en Hiewel op de Buedem gemaach an do kënnen dann d'Schoul an d'CIS-Personal sech stellen, an eise Service Circulation hat schonns Rendezvous mam Schoulpresident, mat dem CIS, an och mam Portier fir ze kucke wou se déi Parkplaze wéilten hunn. Dat huet sech also och schonns erleedegt. Well wéi gesot eise Service mam CIS a mat dem President vum Gebai an dem Portier op der Plaz war.

Mir kënnen a mir wëllen och hei keng Ausnameregel maache well jiddereen, deen zu Diddeleng schafft, fir d'Gemeng oder och net, soll d'selwecht behandelt ginn, a wa mir hei géife Vignetten ausstellen, wier et natierlech legitim, datt e Patron géif froe fir och Vignettë fir säi Personal ze kréien, wann en hei zu Diddeleng eng Entreprise huet.

An dann hu mir natierlech erëm eng Kéier näischt geschafft, well wat hätte mir dann als Argument fir deene keng ze ginn? An da wieren den Zentrum an



d'Stroossen niewendrun erëm voll.

An ech well och nach eng Kéier hei betounen an drop opmierksam maachen, datt d'Schoul Strutzbierg, wat eng Zentrumsschoul nun emol eben ass, déi eenzeg Schoul ass, déi vun dëser Mesure betraff ass.

Och wann ech do ganz aner Rumeuren héieren hunn, et ass déi eenzeg Schoul, déi vum Parking résidentiel betraff ass.

An da bleift och ëmmer nach fir déi Leit, déi wierklech net wëlle bezuelen, de Parking Crassier op mat dem 5-Stonnen-Ticket.

Déi aner Parkinge ganz no am Zentrum bleiwen op 2 Stonne reglementéiert, dat ass den Hôtel de Ville, Jean Wolter an Dominique Lang, dat ass dee klenge Parking beim fréiere Monopol.

Zum Parking CNA, do si mir net alleng Meeschter, dofir bleift deen am Moment mol nach fräi, de Parking Zinnen, do hate mir schonns eng Kéier hei am Gemengerot driwwer Rieds. Dat ass net eise Parking, do si mer net Propriétaire an do gëtt och souwisou eng Residenz drop gebaut, sou dass et deen net méi gëtt, an da bleift schlussendlech nach de Parking Hartmann, an do wëlle mir elo emol waarde wéi den Drock do wäert sinn, ob et wierklech néideg ass, deen och payant ze maachen, respektiv op iergendeng Aart a Weis ze reglementéieren.

Am Gemengerot vum 18. September war jo schonns d'Création de poste fir d'Pecherten an d'lescht Woch war jo och eng Annonce an der Zeitung well eis Jongen am Service, dat kennt Dir Iech sécher virstellen, dréngend Verstäerkung brauche wäerte wann dat heite bis a Kraaft wäert trieden.

Am Gemengerot vum 22.04 hate mir den Devis drop fir d'Horodateuren an do gëtt d'Soumissioun am August opgemaach.

Da bleift nach de Volet Vignettë fir de Parking résidentiel, do ännert näischt, weder um Präis nach un der Unzuel, déi ee ka kréien.

Wéi ass et dann elo hei zu Diddeleng? Et ass esou, dass déi 1. Vignette 18 Euro kascht an déi 2. 36 Euro d'Joer kascht, an dat soll och esou bleiwen an et soll och esou bleiwen dass een e Maximum vun 2 Vignettë pro Stod ka kréien. Mir änneren näischt un dem bestoende Modell.

D'Vignette soll och vun deem Datum un, wou Dir eng frot, zum Beispill dann eben den 1.11. , e ganzt Joer laang gülteg sinn, an dofir kënnt dann eben duerno d'Ännerung am Taxereglement, virdru war dat just esou fir d'laafend Joer, dat heescht, bis den 31. Dezember vun deem Datum un, wou se gefrot gouf.

Zu der Informatiounspolitik, wéi komme mir elo un de Bierger, well sécherlech huet net jiddereen Zäit fir eis den Owend hei nolauschteren ze kommen, oder déi ganz Diskussioun nach eng Kéier um Internet nozekucken.

Et gëtt elo mol, wa mir dat heite bis gestëmmt hunn, e Flyer gemaach, deen da verdeelt gëtt, just un déi betraffe Leit, déi Leit déi an de Genoss vun enger Vignette solle kommen. An da méi spéit gëtt en Toutes boîtes gemaach fir alleguerten d'Bierger ze informéieren an déi néideg Erklärungen ze ginn.

Ab dem 12. September gëtt och eng Permanence hei an der Gemeng gemaach, mëttes an owes jeeweils eng Stonn, an et gëtt och dee ganzen Dag op eisem Mobilitéitsdag vun 10 bis 16 Auer, dat ass de 17. September eng Permanence gemaach. Déi Permanence gëtt ëmmer vun eisen Agent-municipauxen assuréiert. Op deem Flyer wäert och eng Telefonsnummer an eng E-Mail- Adress stoe vun hinne fir dass d'Leit wëssen, u wien se sech solle wenne wann se Froen hunn, a si kënnen dat natierlech dann ab deem Moment, wou se de Flyer hunn, de ganze Summer maachen.

Fir de Rescht steet och de Service Circulation bereet fir de Leit Ried an Äntwert ze ginn. Wann nach sollte Froe sinn, a wann alle Stricke reissen, gëtt et fir déi betraffe Bierger eng Informatiounsversammlung den 22.09 am Lycée Nic Biver.

Deen Datum wäerten se och schonns um Flyer matgedeelt kréien, dat ass awer just fir déi Leit, déi bis dohinner net eens gi sinn, déi nach keng Vignette ugefrot hunn, well se net eens gi sinn, mee ech mengen, dat dierft nëmmen e Minimum sinn, well wa mir gesot hu wéivill Permanencë mer maachen, datt eng Telefonsnummer drop steet, datt eng E-Mail-Adress drop steet, da misst eigentlech jidderee seng Froen am Virfeld beäntwert hunn, mä et weess een ni, et ass awer vläit nach deen een oder aneren, deen net eens gëtt.

D'Vignettë wäerten och verschéckt ginn, sou dass kee sech muss op d'Gemeng déplacéieren. Esoubal een eis eng Demande era geschéckt huet, déi mir och wël-




le mam Flyer verdeelen, a mir eng Copie dann och vu senger groer Kaart, vum Auto kritt hunn, gëtt eng Rechnung geschéckt an da ginn d'Vignettë spéitstens am Oktober alleguerten verschéckt.

Et geet jo den 1. November réischt lass, a mir wëllen se net ze frei verschécken, well mir natierlech och net wëllen dass eng Partie Vignettë schonns verluer gaang sinn, dofir probéiere mir spéitstens am Oktober se all ze verschécken.

Also, den 1.11. soll et dann a Kraaft trieden, am Virfeld maache mir wéi ëmmer hei zu Diddeleng zwou Wochen d'Leit mat engem Ziedel ënnert de Wischer drop opmierksam, dass sech eppes geännert huet, well et si jo och Leit, déi vun auswäerts heihinner parke kommen a keen Ziedel an hirer Boîte haten, an déi villäicht net wëssen, dass se elo an engem Quartier résidentiel stinn.

Dat wäerte mir da ronn 2 Woche maachen, dat heescht mir informéieren, éier mir ufänken ze pechen, dat heescht d'Leit bestrofen.

Da kéim ech och schonns zum Camionnettereglement, ech maachen déi zwee mateneen, well se eigentlech allen zwee anenee gräifen.

Och do krute mer besonnesch nach eng Kéier vun eise méi eelere Quartieren, wou net vill Parkméiglechkeete sinn, gesot - eigentlech awer vun iwwerall aus Diddeleng ginn esou Doléancen un eis eru gedroen -, datt mer solle kucke fir owes an nuets déi Camionnettë vun der Voie publique erof ze kréien, an zwar am beschten aus ganz Diddeleng.

Et gëtt schonns eng ganz Rei Gemengen, déi dat gemaach hunn, a mir hu jo och virun enger Rei Joere schonn zwee Parkingen zur Dispositioun gestallt. Fir déi Leit, déi deemools nach net am Gemengerot waren, dat war Italien an dat war op der Schmelz, well dat deemools an och nach haut déi Quartiere sinn, déi am meeschte mat deem Problem ze kämpfen haten. Déi zwee Parkingen Italien a Schmëlz bleiwe bestoe fir d'Camionnetten dohinner ze stellen, dobäi kënnt nach de Parking Skaterpark, wat eng Ronn 101 Parkplaze sinn.

D'Camionnetten dierfen, wann dat Reglement a Kraaft ass, just nach vu méindes bis samschdes vun 8-18 Auer an de Stroosse stoen, well mir jo dervun ausginn, dass déi Camionnetten do stinn, well se bei mir oder bei Iech doheem amgaang sinn, eppes ze schaffen, oder eppes ze liwweren, mee owes ab 18 Auer bis moies 8 Auer dann eben net méi.

Dat nämmlecht samschdes owes ab 18 Auer bis méindes moies 8 Auer, an natierlech och d'Feierdeeg.

Och hei gëtt natierlech erëm en Toutes boîtes gemaach fir dass jiddereen et matkritt an déi néideg Infoen huet, wou e seng Camionnette dierf ofstellen, an natierlech gëllt do och dat selwecht wat ech beim Parking résidentiel sot, nämlech och do ginn d'Leit erëm eng Kéier 2 Woche laang mat engem Flyer drop opmierksam gemaach, fir datt och jiddereen et mat kritt, dass en am Feeler ass, éier mär dann ufänken ATen auszestellen.

Mir hoffen natierlech, datt dëst Camionnettereglement och niewent dem Parking résidentiel zu enger weiderer Entspanung an all eise Stroossen a Quartieren vun der Parksituatioun wäert kënne bäidroen.

Just als Info, hei falen och Camionen drënner, dat heescht et koum elo vereenzelt vir, datt mir gemellt kruten, datt Gefierer iwwer 3,5 Tonnen an eise Strosse stoungen, an do - tëschent Gänseféissercher - "iwwernuecht" hunn. Och déi dierfen dann, wann dat Reglement bis a Kraaft trëtt, net méi do stoen.

Déi dierfen allerdéngs iwwerhaapt néierens stoen, déi dierfen och net op eise Camionnetteparkinge stoen, also déi dräi, déi ech opgezielt hunn, well mir der Meenung sinn, déi gehéieren net an eng Uertschaft, mee op e spezielle Parking am Betrib.

Ech mengen, dat war elo mol als Infoen am Virfeld genuch vu menger Säit an ech géif, wann de Buergermeeschter et erlaabt, d'Wuert un de Romain Molitor ginn, fir méi an den Detail vun den Iwwerleeungen ze goen, an och fir déi méi technesch Saachen, d'Iwwerlappungsgebieter, jee, dee ganze Volet.

Romain Molitor (Ingenieur bei Komobile): Merci fir d'Aleedung an d'Wuert, iwwert d'Parkraumstrategie, mir haten eis jo och Zilsetzunge gesat, an dat ass jo och wichteg déi mol erëm ze appeléieren.

Et geet jo dorëms, d'Virdeeler fir d'Awunner an Diddeleng ze geréieren.



De Parkraum bewirtschaften heescht jo u sech Gestioun, mir versichen, eng nei Gestioun oder eng méi rationell Gestioun vum bestehende Parkraum am ëffentleche Raum ze maachen.

Dat heescht, fir d'Awunner de Virdeel ze maachen, awer och fir déi Leit, déi op Diddeleng komme fir ze schaffen, fir bei de Coiffeur ze kommen oder soss Erleedegungen ze maachen, fir deenen eng Parkméiglechkeet ze ginn.

Mir wëllen awer och keng Dauerparker am Zentrum hunn, fir deene Leit, déi dagsiwwer heihinner kommen, och eng Parkplaz unzebidden, an och keen informelle P & R, dee mer schonns festgestallt haten éier mer de Fohrmann dunn op payant gemaach hunn, an och de Crassier op payant gemaach hunn, wéi mer gesinn hunn, dass do vill Autoe méi wéi 10 Stonne stinn, an do ebe wéi gesot en informelle P & R entstan ass well do Laangzäitparker waren, déi dann d'Kapazitéiten ewech geholl hu fir Leit, déi dann op Diddeleng hir Saachen erleedege musse kommen.

Dofir och déi ganz Übung, dat beinhalt och, datt et Konsequenze gëtt. Eng Konsequenz ass jo, et ass eng Gestioun, mir erweideren d'Kapazitéite vum Parkraum net, dat heescht mir sinn an historesche Wunnquartieren, wou et einfach enk ass, wou och net esouvill Plaz ass am ëffentleche Raum, awer och net esouvill Plaz ass am private Raum, mee et ass och kloer, et ass eng Gestioun.

Fir aner Leit, besonnesch fir Pendler ginn et jo och Konsequenzen, ech hunn Offeren um Crassier, doduerch dass de Regime do geännert soll ginn, ech hunn och d'Méiglechkeet, op méi weider ewech geleeë Parkplazen auszewäichen, déi kann ech och nach mat 5 oder 8 bis 10 Minutten, jee nodeems wou ech zu Diddeleng hi muss, ze Fouss erreechen. Et ass och esou, dass wann ech mam Auto muss kommen, dass dann och do am Betrib solle Parkplaze virgesi sinn, dat sinn also och Konsequenzen dorauser.

Déi heiteg Situatioun aus dem Dépliant vum leschte Joer, mir hunn also hei déi Parkingen, déi mof an déi rout si payant, dee gielen ass payant an de Parking résidentiel ass hei ugefangen am Westen. Fänke mir hei un an der Rue de la Fontaine, Karl-Marx erof laanscht de Fohrmann, de Schwaarze Wee mat dem ganze Beräich Commerce, Libération, bis bei d'Kierch, dann e Stéck vun der Lentz, an dann hei e Stéck vun der Dominique Lang, bis d'Rue du Chemin de Fer ass deen heite Parking résidentiel, wou iwwerall payant ass, mat der Ausnam vun den Awunner, déi eng Vignette hunn. De Fohrmann soll jo elo erausgeholl ginn.

Déi mof Parkinge si payant a résidentiel, do dierf ech 5 Stonne stoen, an déi giel, do dierf och kee Résident stoen, dat ass natierlech d'Haaptgeschäftsstrooss, d'Libératiounsstrooss an d'Niddeschgaass, wou ech dann och fir déi Leit, déi heihinner akafe kommen, ëmmer wëll eng Offer ginn.

Dat ass déi heite Situatioun. Eemol zesummegräifend d'Konzept, wéi mir eis dat elo erschafft hunn am Kader vun Diskussiounen an der Verkéierskommissioun. Mir ginn e bësse méi differenzéiert, mir hunn nach wie vor de Bestand, datt mer an der Niddeschgaass an och virun der Gare déi puer Parkplaze bis an d'Rue de la Libération hunn, dat loosse mir op 2 Stonnen, och ouni Résident, dat ass nëmme fir Leit, déi vu baussen era kommen.

Mir hunn de Fohrmann, deen erausgeholl gëtt, awer op 3 Stonnen erweidert gëtt fir Leit, déi heihinner kommen awer méi laang eppes mussen hei maachen, oder méi laang mussen hei bleiwen, och ouni Résident.

All déi aner Beräicher, déi donkelblo Beräicher, ass dann de Résident mat 2 Stonnen, dee gëtt erweidert, wann ech vun Norden no Süde kucken, hei an de Quartier Brill, bei d'Rue Jean Berchem, well mir gesinn hunn, doduerch, dass de Fohrmann jo op eemol payant ginn ass, deen virdru jo gratis war, virun net grad 2 Joer, dass e bëssen hei e Parkdrock era komm ass, wou friem Leit och geparkt hunn, an do ass awer ganz wéineg Plaz.

Mir hunn och dofir hei erop de Breiningerbierg, Rue Zinnen a Rue Cungs mat era geholl, wéi och dee ganze Quartier Rue des Fleurs, Rue Goethe a Rue Schiller era geholl, well do de Risiko ass, dass do och Leit eropgedréckt ginn, an do e Wunnquartéier ass, engersäits, anerersäits och relativ wéineg Parkméiglechkeete sinn, an doduerch och onnéidegen Autosverkéier verursaacht gëtt an deene Quartieren.

Weider Richtung Süden hu mer dee ganze Beräich südlech vum Match era geholl, dat ass d'Rue de la Rivière an d'Rue Liesch an d'Rue Schwaarze Wee déi komplett mat an de Parking résidentiel era geholl gi sinn, genee sou wéi hei d'Verlängerung vun der Rue de la Libération bis bei d'Rue du Centenaire, déi do mat era gezu ginn ass.

Gi mir weider Richtung Westen, hu mir de ganze Quartier





Tattebierg mat era geholl, de Quartier Tattebierg, deen op Grond vun der Proximitéit vum Zentrum an och vum Fohrmann, deen do genotzt ginn ass fir Laangzäitparker, krut e ganz aneren Drock, och dagsiwwer. Deen huet och nuets relativ vill Parkdrock, deen elo däitlech reduzéiert ginn ass, doduerch dass de Parking Tattebierg geschaf ginn ass mat 70 Parkplazen, hei och well d'Gaassen enk sinn, d'Haiser schmuel sinn a wéineg Parkméiglechkeete sinn. Dat huet sech elo verbessert, mee trotzdem ass do dagsiwwer eng staark Nofro, sou datt mer och do de Parking résidentiel maachen.

Déi gréng Flächen hei sinn déi Parkinge mat 5 Stonnen, dat ass deen hannert der Kierch, dat ass Rue du Commerce, dat ass deen um Strutzbierg, bei der Schoul, minus déi 4 reservéiert Parkplaze fir d'Schoul an de Parking Tattebierg, déi si fir 5 Stonnen, dat heescht, ech kann do wann ech nach méi laang eppes wëll maachen, ech muss och bezuelen, da kann ech och do 5 Stonne stoen, mee en ass awer och fräi fir d'Résidenten.

Dat ass also och aus den historeschen Entwécklungen eraus, dass mir déi Parkplazen, déi kloer erkennbar waren, ëmmer gemaach hu fir 5 Stonnen an och fir de Résident opgelooss hunn.

De Crassier ass elo eraus aus dem payant, mee en ass awer bewirtschaft insofern, dass ech muss en Ticket huelen, an ech muss den Ticket huele goen, ech kann net iwwert Internet oder SMS en nostelle goen, ech muss wierklech ze Fouss dohinner goen, wat och e Bäitrag ass fir dass ech do kee Mëssbrauch riskéieren, well mir gesinn hunn, dass relativ vill Leit do en informelle P & R gemaach hunn, en ass praktesch vis-a-vis vun dem Arrêt Centre vun der Eisebunn, an dat huet een och gesinn dass dat esou genotzt ginn ass. Dat ass awer net den Zweck vun dem Parking.

Bäikomm sinn dann nach déi Parkinge vun de Camionnetten, déi hei am Süden all zesumme gefaasst sinn, dat ass de Boulodrome, de Skatepark an de Parking Saint Éloi, also dee bei der klenger Kapellchen, déi fir Camionnettë virgesi sinn zwëschent 6 Auer owes an 8 Auer moies, an de Weekend an d'Feierdeeg.

Soss kënne jo Camionnetten och dagsiwwer an Diddeleng parken, dat ass fir déi Handwierker, déi hei schaffen, déi musse jo och kënne bis bei hire Chantier fueren, wann se eppes reparéieren. Natierlech mussen se och dofir eng Vignette oder en Ticket léisen.

Dat ass also esou wéi d'Reglement elo opgebaut ass. Am Detail kann ee sech elo austoben, wat alles dobäi komm ass.

Zwou Stonnen, payant a kee résidentiel wéi elo, do ass keng Ännerung, a mir erweideren 2 Stonne payant mat résidentiel, dat sinn dann d'Erweiderungen an deenen eenzelne Quartiere, Brill, Tattebierg, Rue des Fleurs, Rue Lumière, Rue Zinnen a Rue Cungs.

Am Brill si mer net iwwert d'Rue Berchem gaange well mir och do beobachte konnten, dass den Drock ofhëlt, et ass mol ze kucke wéi et sech weiderentwéckelt, soss musse mir an engem spéidere Volet kucke fir dat ze erweideren. Mir ginn awer dovunner aus, dass dat esou wäit ewech ass, an esou oninteressant ass fir en Utilisateur, deen net do wunnt an näischt do ze dinn huet, fir dohinner parken ze goen.

Wei gesot, dann ass déi Ännerung déi komm ass, vun 2 op 3 Stonnen dat ass de Fohrmann, fir also dann déi Leit déi am Zentrum eppes ze dinn hunn, an iwwer 2 Stonne bleiwen, also 3 Stonne, bleiwe kënnen, dat ass ouni Parking résidentiel.

Mir hu 5 Stonnen Erweiderung, dat ass uewe bei der Schoul Strutzbierg, an um Tattebierg, déi dobäi kommen, déi sinn also souzesoe payant, awer fir Résidenten och.

An de Crassier, dee 5 Stonne Parkdauer huet, ass gratis, mee et muss een en Ticket zéien.

Elo kënnt nach eng kleng Ännerung, déi am Réglementage oder an der Approche e bëssen anescht ass wéi bis elo: An all Strooss, wou de Parking résidentiel ass, huet all Stod, all Adresse e Recht op eng Vignette. E ka sech eng kafen, e muss sech awer keng kafen.

Mir hunn awer och gesinn, dass a verschiddene Beräicher, an historesche Quartiere wou et och enk ass, wann ee kuckt de Brill, mir sinn dovunner ausgaangen, dass déi Haiser, déi nërdlech vun der Rue Berchem sinn, duerchaus och bei dee klenge Parkingen an der Rue Berchem fir déi déi do stoe wëllen, hei gëtt et och bei der Bierenger-Strooss e klenge Parking, dat sinn all kéiers nëmme 5 oder 6 Parkplazen, dass mir do gesot hunn, mir maachen en Iwwerlappungsberäich, obwuel hei d'Rue Mayrisch, d'Rue Tesch an d'Rue Metz net am Parking résidentiel sinn, ass et eng Méiglechkeet och d'Rue du Park hei fir eng Vignette kënnen ze kafen, fir kënnen hei souzesoen a Proximitéit




vun der Wunneng awer kënnen den Auto ofzestellen, also sou ze soen, hei eng Erweiderung. Dat hu mer Iwwerlappungsberäich genannt. Dat selwecht maache mer am Süden, hei ass d'Liberatiouns-Strooss, mat der Rue du Centenaire beim CNA mat der Rue des Fleurs, hei am Wippchen an der Rue du Stade Jos Nosbaum, do ass keng 1 Parkplaz an der Rue Nosbaum, et sinn awer eng hallef Dosen Haiser, 7 Adressen. Wou stelle sech d'Leit of, wann se keng eege Garage hunn, da ginn se wahrscheinlech an d'Libératiounsstrooss oder an d'Rue des Fleurs, déi kënnen och eng Vignette kafen, mussen awer keng kafen.

Obwuel mir do kee Parking résidentiel virgesinn hunn an der Rue Nosbaum, ass d'Méiglechkeet fir hei eng Vignette kënnen ze kafen.

Mir hunn dat als Iwwerlappungssystem gemaach, well soss kéint jo ee vu Butschebuerg kommen a soen, ech hätt och gären eng Vignette, dat ass jo net de Sënn vun der Übung. Et war de Sënn vun der Übung, deene Leit déi an historesche Quartiere wunnen eng Méiglechkeet ze ginn, dagsiwwer kënnen ze parken ouni dass d'Plaz vu Frieme verstallt gëtt.

Dat ass jo den eigentleche Sënn vun engem Parking résidentiel, fir och deene Leit eng Chance ze ginn, fir wann se moies net schaffe fueren, fir awer den Auto do stoen ze loossen.

Zum Schluss nach puer Zuelen, am ganze Beräich hu mir 1700 Parkplazen am ëffentleche Raum. Mir schätzen déi ganz Kapazitéit vum Parken an deem Raum op 4800-4900 Parkplazen. Am Private kann ee just d'Paarten ziele goen, et weess ee jo net ob do 1 oder 2 Plazen dohannert sinn. Bei de Residenze wësse mer et ongeféier, mee et ass eng Schätzung, et ass keng 100% genee Statistik. De Gros vun de Kapazitéiten ass am private Raum, wat och relativ typesch ass fir Stied an der Gréisst vun Diddeleng.

Vun deenen 1700 Stellplazen am Zentrum an deem Beräich hu mer der 84%, déi hunn an iergend enger Form e Regime drop, sief et dass payant ass, sief et dass et Parking résidentiel ass a payant fir déi Friem, sief et dass ech nëmme 5 Stonnen dierf do stoen awer näischt muss bezuelen, a 16% si komplett fräi, dat sinn déi P & R Parkplazen, dat ass bei der Gare, an der Beetebuerger Strooss, déi da komplett fräi sinn, wou net bewirtschaft ass, wéi een dat technesch nennt.

An da gesitt Dir och, wéi dat opgedeelt ass op déi verschidde Regimen, dat klengt ëmmer esou fuerchtbar technokratesch, mee mir hu keng besser Begrëffer fir dat ëmzedeefen.

Dat wier dann de Volet vum Parken, ech soen lech mol Merci fir är Opmierksamkeet.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Romain Molitor fir deen doten Abléck an den zukënftege Parkraummanagement, da kënnen elo déi verschidde Conseillere Stellung dozou huelen, d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Friedrich (CSV): Just dräi, véier Bemierkunge wou ech wollt dozou soen. Also, mat Sécherheet ass de Crassier eng gutt Léisung, dass do d'Auer erop gesat ginn ass, an och, dass et gratis ass.

Et ass esou, et ass net einfach do eng ze fannen, déi meescht ginn dohinner an da muss ee kucken, dass een iergendwou nach eng fënnt, mee dat ass elo net den Haaptpunkt.

Ech mengen, dass de Fohrmann vun 2 op 3 Stonne gemaach ginn ass, dat ass och schonns eng Verbesserung, e bësse méi hätte mir och begréisst, mee et ass awer net dramatesch, dass dat elo 3 Stonnen ass, et ass schonns besser wéi virdrun.

Wat ee kann iwwerleeën, dat ass wa samschdes oder sonndes, respektiv wann d'Solde sinn, an anere Stied hu mer dat och scho gesinn, dat ass fir de Geschäftsleit entgéint ze kommen, dass verschidde Parkinge da gratis sinn.

Wann d'Leit schonns wëllen an d'Solde goen, a besonnesch well de Moment Geschäftswelt hei relativ sauer ass, wär et flott fir eng Méiglechkeet ze fannen, fir dass d'Leit dann op d'mannst net och nach musse bezuele fir e Geschäft ze erreechen. Wann een dat och nach muss bezuelen ass dat schwiereg, a besonnesch an de Solden, oder samschdes oder sonndes wann d'Butteker eng Kéier op sinn, do kéint ee profitéiere fir de Leit do e bëssen entgéint ze kommen, dat wier villäicht eng flott Alternativ.

Mir begréissen awer och ganz däitlech, dass d'Camionnetten esou aus de Quartiere verbannt ginn,




dat ass eng gutt Saach, well ech hunn dat ganz vill héiere vun de Leit, dass se gesot hunn, mir fannen ni eng Parkplaz an eiser Strooss, et ass éiweg zou geparkt. Dat begréisse mir ganz däitlech, dass dat soll ophéieren.

Dann hu mir just eng Fro: Wéi wäit geet de Parking résidentiel nach weider? Ass dat elo just eng Testphase wéi wäit et geet, oder ginn et duerno nach Pläng fir dass dat nach weidergeet?

Dann nach eng Doléance och bei der Deicher Schoul, do geet de Parking résidentiel relativ no bis bei d'Schoul erun, do ass et natierlech fir d'Schoulmeeschtere relativ sauer fir do iergend eng Plaz ze fannen. Ob et do net méiglech wier fir esou e Poller ze setzen, dass wéinstens do eng Méiglechkeet wier, fir dass se sech kënne stellen.

De Fazit ass, dass eng ganz Rei vu Verbesserunge komm sinn, dat begréisse mer ganz kloer. Mir si just virsiichteg wéi dat sech wäert entwéckelen an nächster Zäit, mee mir stellen awer fest dass eng ganz Rei Verbesserunge komm sinn, mir sinn da mat Sécherheet och net dogéint a verschléissen eis och net deene Verbesserungen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech hu just zwou Onkloerheeten: Dat eent ass, wa mer schwätze vu Gefierer ënnert dräi an eng hallef Tonn. Wann an engem Wunnraumquartier en duebelstäckege Bus vun enger Privatfirma steet, fält deen ënnert dat Gewiicht? Dierf deen do stoe fir eng gewëssen Zäit am Dag oder dierf deen eigentlech guer net um Terrain vun Diddeleng stoen? Dat kéint zum Beispill e Buschauffer sinn, deen an der Mëttesstonn heem iesse geet an dann de Bus do stoe léisst. Dat ass just eng éischt Fro.

An dat anert ass: Mat deene ville Schëlter, déi mir do virgeluecht kritt hunn, do hunn ech e Problem domat, an dat misst den Artikel 4.6.3 sinn, zum Beispill dat Schëld "Zon Parkverbuet, Stationéierverbuet", wou ënnendrënner dann dee Camion ass "excepté les jours ouvrables lundi-samedi vun 8-18 Auer". Ech ginn do einfach net eens mat der Interpretatioun vun deem Schëld. Wann Dir mir elo sot, ech wier deen Eenzegen, deen ze domm ass fir dat Schëld ze verstoen, dann hunn ech guer kee Problem domadder. Mee dat Schëld heescht fir mech: Do steet Zone de stationnement interdit, dat heescht do dierf kee stoen, an dann ënnendrënner kommen d'Camionnetten, excepté jours ouvrables, dat heescht, déi dierfen do stoe vu méindes bis samschdes vun 8-18 Auer.
Ähnlech ass et herno mat de Schëlter vum Parking résidentiel, do steet da fir d'éischt et ass verbueden, ausser et bezilt een, vun da bis dann, an da kommen ënnendrënner d'Camionnetten, wou een da kéint mengen, déi wieren dovunner ausgeschloss.

Sinn déi ausgeschloss vum Parkverbuet oder sinn déi ausgeschloss vun der Bezuelpflicht? Fir mech sinn déi Schëlter guer net kloer.

Elo hunn ech iergendwou gelies, dass Dir Iech och beim Ministère fir d'éischt eng provisoresch Genehmegung gefrot hutt fir kënnen dat heite scho fréizäiteg am Gemengerot ze behandelen, an déi hunn en Accord ginn. Heescht dat, dass déi och déi Schëlder esou accordéieren?

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter ): Jo.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech si just virsiichteg well ech weess, dass mer eng Kéier de Fall hate vun de Schëlter fir d'Véloen am Brill, déi konnten duerch d'Sens-uniquë fueren, an do hat ech am Gemengerot gesot: Passt op, dat dote si Schëlter déi sinn net esou wéi se offiziell misste sinn, an an der Stad wieren se anescht, an et huet net laang gedauert bis aus der Stad de Bescheed koum, dass mir missten déi Schëlter ännere well se net konform wieren.

Dofir wollt ech ebe just sécher sinn, dass déi konform sinn. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Ech wollt soen, dass mir och d'Accord si mat där neier Reglementatioun vun de Camionnetten. Et geet ganz kloer dorëm fir d'Betribscamionnetten owes an de Weekend aus de Wunnquartieren eraus ze kréien, dofir si fir déi Gefierer och schonn extra Parkplazen ausgewise ginn.

Dat schéngt eis sënnvoll a leeft och an anere Gemenge ganz ähnlech.

Ech hunn eben och e Problem nach mat der Beschëlderung, eppes dat mer net aliicht. Engersäits hu mir e Schëld, dat an den Dispositions particulières fir d'ganz Agglomeratioun gëllt, dat ass den Artikel 3, an anerersäits beim Artikel 1 hu mer dat selwecht Schëld, dat bei all den Zone muss stoen, bei den Dispositions générales.



Am Fong geholl ass dat jo dat nämmlecht a betrëfft jo all Strooss a Parkingen ausserhalb vun deenen, wou eng aner Bestëmmung gëllt, wou d'Camionnetten entweder ganz verbuede sinn oder och samschdes net do dierfen halen.

Muss dat dann zweemol mat engem Schëld gesot ginn, eng Kéier fir ganz Diddeleng an dann nach eng Kéier fir all Zon? Dat ass dat wat mir bei de Schëlder net ageliicht huet.

Dann nach zum Parking résidentiel: Wat d'Erweiderung vum Parking résidentiel betrëfft, sou si mir als Gréng gär bereet, dës Décisioun vum Schäfferot mat ze droen an dat Parkraumnotzungskonzept, wéi et virläit, schéngt eis kohärent ze sinn.

Et geet drëm am Zentrum a ronderëm den Zentrum bezuelbar Parkplazen unzebidden, awer eben esou, dass d'Leit sech iwwerleeën ob se net grad sou gutt mam Vëlo, ze Fouss, mam Bus oder mam Zuch kéinten ureesen.

Wann dat géif konsequent iwwerall duerchgezu ginn, da kéint dat och en Ëmdenke förderen. Leider bleiwen nach ëmmer déi Parkplazen ausserhalb vun de Stied, déi d'Leit mat gratis Parkplazen ulackelen.

D'Konzeptioun vun de Parkplazen hei zu Diddeleng ass zumindest am Aklang mat den Zieler, et misst jiddereen domadder eens ginn.

Wann net grad grousse Maart oder Kiermes ass, sinn an Diddeleng Parkplazen ze fannen, souwuel fir méi laang wéi och fir séier eng Commissioun maachen ze goen.

Et muss een eben heiansdo méi wäit goen an eppes Klenges oder e bësse méi bezuelen.

Ze begréissen ass och, dass op dem ale Crassier et méiglech ass fir 5 Stonne mat engem Ticket, deen näischt kascht, ze stoen.

Mir hoffen, dass do vill Leit mat klenge Paien, déi an Diddeleng schaffen, kënne Gebrauch dovu maachen.

De Parking résidentiel ass eng Noutwennegkeet ginn, och wann doduerch d'Awunner vun deene betraffene Stroossen e puer Contraintë kréien, sou wäerten se awer insgesamt gewannen.

Keng Vignette, eng Vignette fir 18 Euro oder eng zweet fir 36 Euro, dat ass de Choix, deen d'Leit hunn, domadder hunn se och fräien Zougang am Zentrum zu verschiddene Parkplazen, während Friemer do am Dag bezuele mussen.

Mir hoffen, dass domadder den zousätzleche Verkéier, deen duerch d'Parkplazsich entsteet, op e Minimum reduzéiert gëtt.

Mir mengen, dass dat de Leit méi Liewensqualitéit bréngt, an eist Parkplazkonzept méi kohärent mécht, dofir stëmme mir fir d'Ausweitung vum Parking résidentiel. Merci.

Josiane Ries - Di Bartolomeo (LSAP): Ech stelle fest, dass jiddereen dat dote kann esou matdroen. Ech hat d'Geleeënheet fir an där Verkéierskommissioun an der Circulatioun dobäi ze sinn, wéi dat dote virgestallt ginn ass, do wëll ech awer dem Här Molitor Merci soen, deen dat do ganz gutt presentéiert huet.

Effektiv, de Parking résidentiel ass absolut néideg ginn hei zu Diddeleng well Leit, déi mam Zuch an d'Stad fueren, iwwerall an de Stroosse parken, déi ronderëm den Zentrum sinn.

Mir gesinn dat iwwerall, dat doten ass jo mol en éischten Essai wou mir kucken, geet et duerno weider, ginn se an déi Stroossen hannendrun, et ass elo de Moment fir dat doten ze erweideren.

Opgepasst ginn ass awer och - an dat fannen ech immens wichteg - op déi Leit, déi hei schaffen. Mir hunn effektiv Leit am Duerf, wou een och mol héiert wann een dorëmmer geet, déi soen "Ech schaffen awer dann".

Dat hate mir och um Strutzbierg, grad d'Schoulmeeschteren, déi um Strutzbierg sinn. No 5 Stonne mengen ech awer, dass jiddere kann ageheien, dat dierft dann awer fir kee méi e Problem sinn.

Allgemeng huet ee gesinn, dass vill Camionnetten duerch Diddeleng stinn, dat héiert jo dann elo op, op alle Fall op deene Plazen, wou et dann elo och kontrolléiert gëtt mat eise Leit déi mir no kréien.

Wat ech och ganz gutt fannen an och begréissen, effektiv, de Fohrmann, ech muss soen, ech sinn eent, ech kommen net mam Vëlo an Duerf, an ech wäert och




net mam Vëlo an Duerf kommen, ech sinn effektiv een dee ganz vill an den Auto klëmmt, a sech dann ëmmer bei der Barrière opreegt, an ech kommen awer all Dag an d'Duerf, an ech kommen och gären dräimol an Duerf.

Ech muss awer soen, säit mir de Fohrmann payant gemaach hunn, mir erweideren dat elo op 3 Stonnen, sinn ech eent, dat ëmmer eng Parkplaz fënnt. Ech brauch mech do net ze bekloen, ech brauch do och keng 57 mol ronderëm ze fueren, ausser et ass Kiermes.

Vu dass ech dann awer och nach an d'Duerf kommen, oft fir nëmmen 10 Minutten, arrangéiert et mech natierlech och, dass ech nëmmen 10 Cent muss bezuelen.

Dat ass de Virdeel, wann een dat mat deene Gemenge ronderëm vergläicht. Ech fueren dann och heiansdo 10 Minutten op Esch, do kascht et 40 Cent, ob ech elo 3 Minutte stinn oder méi oder manner, also dat ass schonns emol e Virdeel, dat arrangéiert ganz vill.

Wat kann een nach soen? D'Vignette, dat muss ech éierlech soen, och do ass de Präis absolut korrekt hei zu Diddeleng, mir froen 18 a 36 Euro, wou Déifferdeng bei der zweeter Vignette direkt 60 Euro freet, och dat ass e Virdeel.

D'Mëttesstonn ass natierlech fräi an, wéi gesot, dat Eenzegt wat ech proposéiere géif, betrëfft d'Dominique Lang-Strooss, wann een an d'Lenz-Strooss erop fiert, ass et dann net sënnvoll, och d'Dominique Lang–Strooss mat anzebezéien? Also, et ass nëmmen eng Propos, well um Plang gesäit een dat gutt, do fiert ee jo dann erëm eraus, op déi Leit déi do an der Lentz-Strooss keng Plaz fannen, op déi sech dann net an d'Dominique Lang-Strooss setzen?

Fir de Rescht kann ech dat nëmme begréissen, dat wäert qualitativ fir d'Awunner e grousse Schrëtt ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, dofir proposéieren ech, dass de Romain Molitor op e puer Punkten ageet.

Romain Molitor (Verkéiersberoder): Är Propos par rapport zu der Dominique Lang-Strooss ass net ganz falsch, mir haten do e puer Stroossen, wou mer gezéckt hunn, wou mer och mat de Leit geschwat hunn, dat war An Hinnefen, d'Rue Lenz nach weider erop, d'Dominique Lang-Strooss erop, wéi wäit gi mir, wou maache mer d'Limit?

Mir hunn eis elo do gesot, mir ginn net ganz esou wäit erop a mir hunn eis gesot, dat doten ass jo elo net "in Stein gemeisselt". Et muss een och kucken, wéi entwéckelt et sech, wéi geet et weider.

Wann ech den Historique kucken, wéi 2003 den éischte Parking résidentiel agefouert ginn ass am Zentrum, wat jo relativ kleng war, an dunn 2005 erweidert ginn ass, an d'Rue du Chemin de Fer an d'Rue de la Fontaine, do war schonns deemools d'Angscht, de Brill géif zougeparkt ginn.

Dat huet sech awer elo eréischt erwisen, wéi mer de Fohrmann payant gemaach hunn. Virdru war net de Besoin do fir dee mat an de Parking résidentiel ze maachen. Et muss een dat beobachten, mat de Leit ëmmer emol Récksprooch halen, wéi wäit geet den Drock erop, fiert iwwerhaapt een erop, deen sech net auskennt, dee friem ass, fir sech dohi stellen ze goen? Wann dat de Fall ass, dann ass dat kee Problem fir dat an engem nächste Schrëtt ze erweideren. Ech géif dat esou als amendéiert gesinn. Dat war och d'Diskussioun, mir haten an där Hisiicht gekuckt, wat ass an der Kayler-Strooss? Ass do den Drock, deen erop geet? Wéi gesäit et an Zukunft aus, gëtt de P & R nach méi staark an Usproch geholl? Dat wësse mir och net. Oder geet et awer méi staark a Richtung Betebuerg, well do all Véirelstonn en Zuch fiert, während mir hei nëmmen all hallef Stonn en Zuch hunn?

Dat si esou Saachen, déi mir musse regelméisseg kontrolléiere goen, fir d'Reaktioun vun de Leit ofzewaarden.

Mat de Schëlter ass et e bëssen esou, déi sinn einfach esou kompliziéiert, well de Code de la Route dat esou kompliziéiert virschreift. Et ass eng aner Logik wéi Ingenieuren, d'Logik vun de Juristen ass einfach verkéiert, soen ech emol, zu eisem Denken.

Hei ass alles verbuede mat Ausnamen, an d'Ausname sinn d'Résidenten an d'Camionetten, déi och musse bezuelen, an d'Camionnetten hunn och nach eng Zäitachs dobäi, wou se dierfe stoen. Dat ass einfach esou, dat muss mat villen Zousazschëlder geregelt ginn, mir hu keng besser Léisung do fonnt an d'staatlech Verkéierskommissioun huet jo mol net opgejaut, an dat dierft an där Hisiicht kloer sinn.




Et ass scho bal e Roman, deen do steet, mee dat ass einfach sou. Et ass einfach well et komplizéiert ass, well mer verschidde Regimen drop setzen, dat ass leider esou. Merci.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Fir d'éischt emol Merci un alleguerten déi Leit, déi dat heite begréisst hunn, ech huelen un dass mir jo dann duerno eng Unanimitéit bei dësen zwee Verkéiersreglementer wäerte kréien.

Ech mengen et ass jo och esou, dass mir hei op eng Demande vum Bierger an der Biergerin aginn, dat si jo d'Bierger, déi gesot hunn, bei eis ass de Parkdrock esou héich, dass een dat soll an d'A faassen.

Vum Jean-Paul Friedrich war kuerz de Crassier ugeschwat ginn, do ass et wéi mat allem, wer zuerst kommt, mahlt zuerst, wann ee moies um 6 Auer ufänkt mat schaffen, dann huet een éischter d'Chance eng do ze kréie wéi wann een um 10 Auer ufänkt mat schaffen. Et sinn déi Parkplazen, déi do sinn, mee mir hunn do zumindest mol eng gratis Offer, déi mir virdrun net haten. Gratis parken, bei Solden oder Braderie, dat ass ze begréissen, dat kann ee sech duerch de Kapp goe loossen, ob mir dat dann erëm extra musse reglementéieren oder net, ech kucken hei op d'Spezialisten, ech denke schonns, dass dat de Fall ass, mee dat kann een awer duerchaus mol eng Kéier kucken, an am Noutfall stëmme mir e Verkéiersreglement fir déi Ausnamen, dat musse mir dann eng Kéier kucken et muss ee just oppassen, dass wa samschdes Braderie ass, dass dann net schonns ee freides de ganze Parking voll parkt, an dann d'Leit moies kommen an awer keng kréien. Do musse mer dann, wann dat eng Kéier virkomm ass, gegebenefalls zeréck rudderen, well dir wësst, déi Saache schwätzen sech direkt erëm.

De Romain Molitor ass drop agaangen, wéi wäit et nach soll weider goen, dat musse mer am A behalen, mir mussen och eng Analyse maache vun dem heiten, mee och do soen ech, d'Leit ruffen un, d'Leit schreiwen, mailen, virun allem de Service kritt direkt gesot, wann dat sech verlagert, an da kann een ëmmer nach eng Kéier nobessere wann do Drock sollt sinn.

Et ass nach iergendeen op d'Schoul Deich agaangen, do gëllt e bëssen dat wat ech sot fir den Zentrum, mir kënne keng Extrawurscht do maachen, deenen eng Vignette ginn oder esou, hiren Deel selwer erop, den ass jo nach ëmmer gratis. Och déi Parkplazen, déi uewe sinn, déi bleiwe gratis.

Mir mussen och do kucken, wann et sech soll erausstellen, dass et do e gréissere Problem gëtt, da gleeft mir et, déi mellen sech och direkt, da kann ee kucken op een do och déi eng oder aner Parkplaz fir si blockéiert, mee mir sollen et awer elo mol ulafe loossen, well hiren Deel och wierklech net am Parking résidentiel dran ass.

Mir waren eis och deen ieweschten Deel vun der Nosbaum-Strooss ukucken, well soss hätte mir jo och kënne soen, komm mir huelen déi ganz Nosbaum-Strooss do mat eran, dann hätt sech wierklech fir déi Léierpersounen e Problem gestalt. Mir hunn awer fest gestallt, dass do genuch Parkméiglechkeete si fir d'Leit an dass do eng ganz Partie Garagë si vun de Leit, sou dass mir elo mol dovunner ofgesinn hunn, deen ieweschten Deel och do mat eran ze bréngen, och well mir aus Erfahrung wëssen, dass alles, wat am Bierg ass, well wanns de den Bierg erof gees, muss de en och rëm erop, dass dat net grad esou attraktiv ass fir een, dee wëll just kuerz an Duerf kommen, well iergendwann muss en och nach eng Kéier de Bierg erop. Mee och dat hale mer am A.

Dann ass de Bus, deen an eise Stroosse steet, ugeschwat ginn, also hei steet ganz kloer dran, Véhicule du type N an dat ass Transport de choses, dat si Camionen a Camionnetten. Mir ass elo net bekannt, dass sech iergendwou masseg Bussen histellen, wann dat awer wierklech e Problem ass, da musse mir dat eben no reglementéieren a kucken, wéi een dat ka reglementéieren, well deen heiten Absatz bezitt sech just op Camionen a Camionnetten.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt et net reglementéiert hunn, ech wollt just wësse wéi am Moment de Stand vun der Saach ass: Dierf e Bus dat maachen?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Jo.

Jean-Paul Gangler (CSV): Dann ass et gutt.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): D'Fro ass, hënnert en oder hënnert en net? Steet en op enger normaler Plaz? Wann et e Problem wier, dann hätt d'Police schonns laang agegraff. Virdrun ass et och ugeschwat



ginn, dat heite steet a fält mat der Kontroll, mee och wat esou Camionen a Bussen ubelaangt déi falsch stinn, dat steet a fält mat der Kontroll vun der Police.

Eis ass ebe gemellt ginn dass sou Camione do stin. Wann se nach op enger richteger Parkplaz gestanen hätten, dann hätt nach kee gemeckert, mee mir hu Beispiller kritt, wou e risege Camion matten an enger Kéier stoung fir do ze iwwernuechten. Dofir koum déi Iwwerleeung, mir huelen déi Camione mat eran, well du mëss dech jo eigentlech e bësse lächerlech wann s de sees sou eng kleng Camionnette dierf net méi do stoen, mee du dierfs awer däi grousse Camion do stoe behalen.

Allerdéngs, dat mam Bus kucke mir direkt nach eng Kéier am Service no, ob mer dat kënnen oder sollen no reglementéieren a mir schwätzen nach eng Kéier mat der Police, dass déi och drop oppasst, wa Bussen hott an har do géife stoen a Parkplaze géifen ewech huelen, dass déi och villäicht mat de Leit schwätzt.

Op d'Schëlter ass de Romain Molitor agaangen, déi sinn net ëmmer ganz verständlech, fir kee vun eis alleguerten, mee mir mussen déi Schëlter huelen, déi si eis virschreiwen.

Mir hunn den Accord préalable vun der staatlecher Verkéierskommissioun kritt, si kréien dat elo nach eng Kéier nom Vote erageschéckt, wann si awer elo mengen, si wären net méi un deen Accord préalable gebonnen, kënne mir se net op d'Fangere klappe wann si eis soen, si wären elo awer dogéint oder si géifen eis awer nach eng Verbesserung oder eng Ännerung virschloen, déi Garantie ka keen heibannen Iech ginn, mee zumindest hu mer emol en Accord préalable, wat eis eng gewësse Garantie gëtt.

Wéi gesot, et kann een ëmmer nach nobesseren, wann e Problem ass, a fir de Rescht denken ech, sinn ech op alles agaangen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Déi zwee Verkéiersreglementer goufen domat gemeinsam presentéiert, mir mussen awer all kéiers fir all Reglement e separate Vote maachen, an den éischte Vote betrëfft dat neit Camionnettereglement um ganzen Territoire vun der Stad Diddeleng mat den 3 Parkingen, déi ausgezechent sinn.

**Wien ass mat deem neie Caminionnettereglement fir de ganzen Territoire Diddeleng averstanen? Dat ass unanime. Merci fir déi doten Zoustëmmung.**

**A wien ass mat der Extensioun vum Parking résidentiel averstanen? Dat ass och unanime. Merci och fir déi doten Zoustëmmung.**

Beim nächste Reglement, dat um Ordre du jour steet, geet et ëm d'Emplacementer vun eisen Taxien.

## 1.4. Reglementatioun vun de reservéierten Emplacementer fir Taxien

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dir gitt mech haut net esou séier lass, an hei muss ech e bësse méi wäit aushuelen, well ech well erklären, am Fong manner fir eis hei bannen, mir sinn eigentlech supposéiert, dat ze wëssen, firwat mir als Gemeng elo gläich näischt méi wäerte mat den Taxien ze dinn hunn, ausser dass mir mussen Emplacementer zur Verfügung stellen.

Dir wësst, dass bis zum Vote vum neie Gesetz, dat war den 20. Abrëll dëst Joer an der Chamber d'Taxiwiese vun de Gemenge geregelt ginn ass, dat heescht et ware 44 Gemengen, déi dat an Usproch geholl hunn, dat waren also knapps d'Halschent vun all de Gemengen.

D'Taxisgesetz huet nach op dem amendéierte Gesetz vum 18. Mäerz 1997 baséiert, an dat neit Gesetz gouf vum Här Wiseler den 8. Juli 2013 déposéiert, an et gouf vum neie Minister am Nohaltegkeetsministère den 13. Mäerz 2014 amendéiert.

D'Diskussioun ëm dat Taxisgesetz ass ausgeléist ginn eigentlech 2004 duerch d'Gesetz iwwer d'Konkurrenz an och d'Gesetz iwwert den Office des Prix, wou et dann op eemol zu enger Diskussioun iwwert d'Maximae Tariffer vun den Taxie koum.

2004 koum ech an d'Chamber, a säitdem ech an der Chamber sinn, ass un deem Gesetz geschafft ginn, et ass doriwwer diskutéiert ginn, an dëst Joer, endlech am Abrëll, also 12 Joer duerno ass da schliisslech driwwer ofgestëmmt ginn.

Wat gesäit dat neit Gesetz vir, dat viraussiichtlech den 1. September wäert a Kraaft trieden, well dat hänkt jo ëmmer vun der Publikatioun vum Mémorial of.

Éischtens gesäit et vir, d'Reglementatioun gëtt zent-



raliséiert, déi kënnt an de Ministère, et ginn net méi déi 44 Zone mee d'Land gëtt opgedeelt nëmmen nach a 6 Zonen.

D'Professioun gëtt e bësse méi reglementéiert, d'Autorisatioun zum Taxi kann net méi weider gi ginn, déi ass elo personnelle, et ass méi transparent an den Tariffer, et gëtt keng gesetzlech fixéiert maximal Tariffer méi, dofir muss awer all Taxi seng Tariffer gutt siichtbar affichéieren.

De Client muss och net méi den éischten Taxi an der Rei huelen, mee ka fräi wielen an de Client kann och an Zukunft ënnerwee en Taxi erbäi wénken. Dat ass eng vun den Neierungen, déi méi wéi ze begréisse sinn.

Ganz wichteg awer och fir den Usager gëtt et eng Création de point de contact, un deen ee sech ka bei Reklamatioune wennen.

Taxie kënnen eng Publicitéit op hirem Taxi ubréngen, a ganz wichteg ass de Renforcement vum Contrôle, dat heescht, déi déi sech net un déi Regelen halen, déi ech elo opgezielt hunn, déi gi kontrolléiert a kënne gegebenefalls bestrooft ginn.

D'Sanktiounsméiglechkeeten vun de Chaufferen, déi sech net un déi Regelen halen, ginn däitlech ausgebaut, a wann een sech als Taxisentreprise net un d'Regele vun deem neie Gesetz wäert halen, da kann ee souguer fir 1 Joer seng Lizenz ewech geholl kréien.

Et kommen och eng Rei ökologesch Kriterien dobäi, éischtens wat normal Taxien ubelaangt, an dono kommen och Taxien Zéro-Emission op de Marché.

Ech ginn elo net weider op déi eenzel Punkten an, et sinn der 11 vum neie Gesetz, well dat wierklech de Kader géing sprenge vun deem mat deem mir hei an Zukunft wäerten ze dinn hunn, ech woll just en Iwwerschlag iwwert dat Gesetz maachen.

Ech mengen awer, dass et wichteg ass, ze soen, wéi een iwwerhaapt un esou eng Lizenz kënnt, well dat eben net méi iwwert d'Gemeng an dann eben och net méi iwwert eis Gemeng wäert sinn, well dat elo vun der Gemeng op de staatlechen Niveau kennt, nämlech an de Ministère.
Wat ganz wichteg ass, et gëtt dann eng Zentralunitéit, déi dat wäert koordinéieren a virun allem och kontrolléieren.
Déi Validitéit vun der Lizenz wäert op 5 Joer fest gesat ginn, et ginn zwee Type vun Taxien, en normale mat engem normale Verbrennungsmotor an ee mat engem Null-Emissioun-Regime.

Mir hunn elo hei am Land 6 Zonen, mir sinn an der Zone 2, dat si Kapellen an Esch. Am Gesetz steet, dass 550 Lizenzen verdeelt wäerte ginn, fir déi Lizenzen déi nach bestinn, do hunn d'Taxisunternehmen 6 Méint Zäit wann d'Gesetz bis a Kraaft ass, fir sech där neier Reglementatioun unzepassen, allerdéngs hate mir keng méi där hei zu Diddeleng, also där Lizenzen, déi nach gülteg waren.

Wichteg ass, well et zentraliséiert ass, gëtt et elo ëmmer eng Lescht wann eng Lizenz fräi ass, déi ass gefouert och net méi vun der Gemeng mee vum Ministère an et mellt een sech do un an et kënnt een op déi Liste d'attente drop fir wann dann eben eng Lizenz fräi ass, fir kënne mat dobäi ze sinn.

Fir déi, déi awer muer mat engem Null-Emissioun fueren, do kommen 20 nei Lizenze pro Joer mat dobäi an déi 20 Lizenze ginn opgedeelt op 15 Lizenze fir d'Zon 1 an déi rechtlech 5 dann op déi aner Zonen.

Awer och do muss een sech beim Ministère umellen, do gëtt eng separat Lëscht gefouert, awer de Prinzip ass dee selwechten, deen als éischten do ass, kritt dann och eng Lizenz.

Et gëtt awer och eng Deckelung nach ëmmer fir déi Lizenzen am Allgemengen, déi war soss bei 0,9 Taxie pro 1000 Awunner, déi ass elo bei 1,5.

Den Taxischauffer selwer muss natierlech och eng Kaart hu fir kënnen ze fueren, déi gëtt awer och zentraliséiert beim Nohaltegkeetsministère, dat heescht, domat hu mir och näischt ze dinn, déi muss dann och am Taxi visibel sinn, dass een eng Lizenz huet, an déi Kaart ass och strictement personelle, dat heescht et muss ee verschidde Konditiounen erfëllen, et muss een op mannst 2 Joer de Führerschäin hunn, et muss een eng vun deenen dräi offizielle Sprooche kënnen an et muss een eng Formatioun matmaachen déi den Accueil Client, an awer och d'Gestion de conflits betrëfft, dat ass ganz wichteg wann ee weess, wat heiansdo sou am Taxiswiese lass ass.




De Ministère huet och eng ganz Informatiounskampagne geplangt an Dir fannt dat och um Internetsite vum Ministère.

Ganz wichteg fir de Client ass, dass d'Kontrollstation zu Sandweiler e wichtege Rôle kritt fir déi Taxien ze préiwen, virun allem den Taximeter, well deen ass jo dat Instrument, dat de Präis vun der Fahrt ausrechent.

Wichteg ass d'Tarifikatioun fir de Client, ech denken dass dat eng Moossnam ass fir zumindest de Präis ze stabiliséieren, an d'Hoffnung bleift jo och ëmmer, dass de Präis da wäert erof goen.

Et gëtt e Modèle d'affichage, dee gläich ass fir jiddereen, sou dass de Client och ka gutt vergläichen, an natierlech muss deen Taximeter och ugemaach ginn an Dir musst e Reçu kréien.

Zum Schluss gëtt et nach eng Telefonsnummer, déi schonns ab September a Kraaft wäert sinn, an do kann een da reklaméiere wann ee sollt falsch oder schlecht behandelt gi sinn, an dat ass de 24 77 44 44.

Wéi kommen ech dann elo un en Taxi? Majo, an deenen Zonen, déi mir als Gemeng reglementéieren a wou sech d'Taxien histelle kommen, do komme mir dann an d'Spill. Bis zum Gesetz goufen et just 44 Gemengen, do war eis Gemeng eng dovunner, déi esou Plaze reglementéiert hat, dat waren déi 5 Plazen, déi mer bei der Gare haten, déi bleiwen och am Reglement, si mussen awer nach eng Kéier an dat neit Reglement eran. Firwat? Do kommen erëm déi ominéis Schëlder an d'Spill, well mir elo mussen e Panneau dobäi maachen, wou drop steet "Excepté taxis de la zone de validité 2".

Ech weess elo net ob dat de Client wäert wahnsinneg interesséieren an deen dat versteet, mee mir mussen se an en neit Reglement mat eran huelen an en neie Panneau dohinner man.

Ab elo misst och elo all Gemeng eng Zone ausweisen, well dat ass dat eenzegt wat an eiser Kompetenz bleift. Wann se dat trotz enger Mise en demeure vum Minister net mécht, da kann e Règlement grand-ducal bestëmmen, wéivill a wou déi Plaze mussen an deene Gemengen hikommen, an déi ginn dann och gezwongen, dat ze maachen, a fir dass eis dat net geschitt, reglementéiere mir eben haut déi Plazen. Dat sinn also déi 5 Plaze bei der Gare, déi mer schonns hunn, an et kommen der herno duerch de Vote nach dobäi, 2 op der Fohrmannsplaz an 1 beim Spidol.

D'Iwwergangszäite waren och virgesi wou d'Gesetz gestëmmt gouf, dat heescht 6 Méint no der Publikatioun am Mémorial, 6 Méint wou d'Taxisunternehmen hir nei Lizenz kënnen ufroen, respektiv och d'Chaufferen hir Carte de conducteur an da soll de Buttek rullen.

An d'Regierung huet sech och dozou bereet erkläert, an zwee Joer de Bilan vum neie Gesetz ze zéie fir ze kucken ob hei muss nogebessert ginn.

Dat als Info wisou mir iwwerhaapt nach mussen an engem Gemengerot e Verkéiersreglement zu den Taxie stëmmen, och wa mir eigentlech net méi fir vill zoustänneg sinn, nämlech wéi gesot fir déi Plazen ze definéieren, an esoubal dann awer d'Gesetz bis a Kraaft ass, da komme mir nach eng Kéier an de Gemengerot, an zwar musse mir dann eist Taxisreglement an eist Taxereglement dozou ofschafen, dat kënne mir haut nach net ofschafen, well d'Gesetz nach net a Kraaft ass, a well mir net genee wëssen, wéi een Datum dat wäert sinn, well dat jo ëmmer vun där Publikatioun ofhänkt.

Mir rechne mam 1. September, mee sou dass et Hierscht wäert ginn, wa mir dat Taxisreglement an dat Reglement zu den Taxen hei wäerten ofschafen.

Dat wier u sech déi lescht Kéier, wou mir mat den Taxie befaasst ginn, ausser mir wëllen nach eng Kéier nei Plaze kreéieren oder d'Gesetz gëtt erëm geännert.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Ausféierungen. Wat e grousse Virdeel ass, dat ass, dass déi Zone grise vun de Voitures de location opgehuewe gëtt. Et ass dat dee ganzen Dschungel zwëschent Taxien a Voitures de location, deen och fir de Client Consommateur-Utilisateur oft e Schoss no hanne war, wat d'Präispolitik ugeet. Doduerch, datt den Deckel op dat Gesetz gemaach gouf, verschwënnt och déi Zone grise.

Si Froen zu deenen Emplacementer? Wann net, da kënne mir ofstëmmen.

**Wien ass mat den Emplacementer averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

Da géife mer iwwergoen op d'Gemengefinanzen an och do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.




## 2. GEMENGEFINANZEN – ÄNNERUNGEN AM OFGEÄNNERTEN ALLGEMENGEN TAXEREGLEMENT VUM 26. NOVEMBER 2001

### 2.1. Kapitel XXIII : Parking payant

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Wéi gesot, Dir gitt mech haut net esou séier lass. An dësem Reglement steet derbäi, "à l'exception du parking dit "Crassier" dans la rue de Thionville". Firwat? Ma, an d'Verkéiersreglement muss dra kommen, wat mer elo just gestëmmt hunn. Dee Parking gëllt als payant well jo muss en Ticket geholl ginn. Mee vu, dass deen Ticket jo fir 5 Stonne gratis ass, musse mer am Kapitel vum allgemengen Taxengelement dës Exceptioun eben dra schreiwen. Dat garantéiert eis, duerch d'Verkéiersreglementer, dass en Ticket muss geholl ginn, mee dass mer fir deen Ticket awer kee Geld froen. Méi ass et u sech net.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wa keng Froen dozou sinn, gi mer zum Vote iwwer. **Wien ass mat deem Taxereglement averstanen? Dat ass unanime.**

Da soen ech Iech villmools Merci an da komme mer eriwwer op de Parking résidentiel.

### 2.2. Kapitel XXX : Parking résidentiel

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Hei geet et dann ëm de Stationnement résidentiel a méi genau ëm d'Kapitel XXX vun eisem allgemengen Taxereglement, do ännere mer 2 Saachen, nämlech éischtens, dass eng Vignette elo gülteg ass fir e ganzt Joer, vum 1. Dag vum Mount, deen op dee Mount follegt, wou se kaf gouf. Wann der zum Beispill den 1. Abrëll 2017 eng Vignette kaaft, dann ass déi vum 1. Mee 2017 bis den 1. Mee 2018 gutt.

Zweetens musse mer déi Iwwerlappungszonen am Brill an déi ganz kleng an der Rue Jos Nosbaum dra bréngen. Well wa mer déi net dra bréngen, da kënne mer de Leit och keng Vignette ubidden, well se jo am Fong net ënnert de Parking résidentiel falen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wa keng Froen dozou sinn, gi mer zum Vote iwwer.

**Wien ass mat deem Taxereglement averstanen? Dat ass unanime.**

Merci, domat si mer zum Schluss ukomm vun eiser Gemengerotssëtzung. Ech soen Iech Merci fir Är Ausdauer.



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 15. JULI 2016

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Eis Kolleginnen a Kollege géif ech hei begréisse fir eis lescht Gemengerotssitzung virun der Summervakanz.
Fir dëse Gemengerot hunn sech entschëllegt de Marc Schiffmann an de Marc Lazzarini.

## 1. SÉANCE INFORMELLE

## 2. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert Korrespondenz wollt ech op e puer Punkten agoen an dem Gemengerot e puer Informatioune ginn.

Ech muss soen, ech sinn haut mat engem bësse méi mulmesche Gefill opgestane fir an dëse Gemengerot ze kommen… wéi och bei eis ass den Nationalfeierdag en Dag vun der Unitéit, vun der Solidaritéit an och en Appel un d'Kohesioun.

Dee flotten Dag wéi mir en hei gefeiert hunn, den 23. Juni, hate gëschter eis franséisch Kollegen, de Quatorze Juillet, an dat wat sech do gëschter am Süde vu Frankräich, zu Nice, ofgespillt huet, nom Freedefeier, wou Victimen zu Schued komm sinn déi onschëlleg sinn a virun allem do ganz vill Kanner dobäi waren… ech fannen, dass een do ganz kloer gesäit, dass dat en Akt vun Terrorismus war, deen een nëmme ka ganz staark verdamen.

Op alle Fall, och do Gedanken un eis franséisch Kollegen an un déi Victimen, déi do zu Schued komm sinn, op engem Dag wou déi franséisch Populatioun zur Unitéit opgeruff ginn ass.

Déi aner Informatiounen, déi ech de Kollegen hei vum Gemengerot awer wollt soen, Dir hutt et matkritt iwwer d'Press. Mir waren och vun der Regierungssäit als Schäfferot schonn informéiert ginn, virgëschter ass jo deen Akt, wat de Site Neischmelz ugeet, gutt iwwert d'Bühn gaangen. De Staat ass deen neie Propriétaire dovunner an dat ass eng ganz gutt Neiegkeet fir d'Stad Diddeleng a mir hate scho viru gutt zéng Deeg eng Entrevue am Logementsministère, wou mir kucken, wéi mer iwwergeuerdent zesummen um Niveau vum PAG schaffe wäerten, well deemnächst eng Modification ponctuelle vum PAG muss gemaach ginn, respektiv awer och schonn un deene verschiddene PAPe geschafft gëtt an och dann iwwer deen doten, wou mir probéieren, de Site Neischmelz esou gutt ewéi méiglech an deenen nächste Joeren ze entwéckelen.

Et ass op alle Fall ee Sujet, deen dëse Gemengerot nach eng Zäitchen wäert beschäftegen a wou mir och natierlech, en fonction vun der Evolutioun vun der Planung vun deem Quartier, nach eng Rei Diskussiounen hei am Gemengerot wäerten hunn a mir lech natierlech do um Courant wäerten halen.

Et ass e wichtege Projet fir d'Stad Diddeleng an eng eemoleg Chance fir do en neie Quartier ze kreéieren an dat och nach beim Stadkär an deen och nach déi bestoend Quartieren, Quartier Italien a Quartier Schmelz wäert matenee verbannen.

Dann en anere Projet, deen och wichteg ass fir Diddeleng: Den éischte staatleche Baulückeprojet ass ausgeschriwwe ginn. Dat ass am Quartier Bireng, wou de Staat Propriétaire ass vun enger Parzell a wou de



Logementsministère zesumme mat der Stad Diddeleng, awer och mam OAI (Ordre des Architectes et des Ingénieurs) en Architekteconcours lancéiert, also hei net op de Wee geet, datt een Architekt sech ëm d'Ausaarbechtung vum Projet bekëmmert, mee en Architekteconcours lancéiert gëtt, wou dann herno e Jury dee Projet wäert eraussichen, deen am beschten an dëse Quartier passt an wou deementspriechend och de Fonds du Logement den Optrag wäert kréien, dee Projet ze realiséieren.

Och dat ass e wichtege Projet fir d'Stad Diddeleng: Engersäits en neien Wunnengsbauprojet, well Nout um Wunnengsmarché ass, dat heescht, och dee Volet vum Logement social locatif, an awer och e Projet, deen sech an de Quartier Bireng ganz kloer soll abetten.

Dann nach eng aner Informatioun, déi ech dem Gemengerot wollt ginn an dat ass de provisoresche Kont vun 2015, dee mir ageschéckt hunn. Mir hunn elo virun e puer Deeg de Kont 2013 a 2014 approuvéiert zeréck kritt. Dee wäerte mer dann an deen nächste Gemengerot huelen an dem Gemengerot e virleeën.

Awer hei de provisoresche Kont vum 2015, effektiv déi läscht Donnéeën, déi mir zwecks Approbatioun an den Intérieur erageschéckt hunn.

Einfach hei e puer Donnéeën: Den Impôt foncier, dat sinn 745.636 Euro, dat ass plus minus identesch par rapport zum Rectifié 2015, dat waren 745.000 Euro, deen ass zimlech stabel.

Dann den Impôt commercial, den ICC, do hu mir e provisoresche Kont vu 17.619.185 Euro, an dat si par rapport zum Budget rectifié vun 2015 1,2 Millioune Euro méi.

Dat huet och domat ze dinn, datt generell och um nationale Plang méi iwwert den Impôt commercial era komm ass an natierlech och duerch déi verschidde Verdeelungskriterie méi an d'Keess komm ass vun de Gemengen an dat och fir d'Stad Diddeleng.

Op där anerer Säit, de Fonds communal de dotation financière, do hu mir 31.136.492 Euro, dat ass ronn 900.000 Euro manner par rapport zum Rectifié 2015, wou mer 32.045.000 Euro ageschriwwe haten, mee och dat fousst op deen nationale Fonds communal de dotation financière, wou och manner era komm ass par rapport zum Joer 2015, wat d'Previsioun war an natierlech och do, wann do manner ra kënnt, natierlech um Niveau vun der Verdeelungskriterien, manner deementspriechend an d'Gemenge geet.

Also, et ass net nëmmen Diddeleng spezifesch mee et ass och national spezifesch, mee och do ass jo, wéi mir d'lescht Woch gewuer gi sinn, eng Reform en vue, endlech, um Niveau vun de Gemengefinanzen an och um Niveau vun den Verdeelungskriterien, wou sécherlech méi fir Diddeleng wäert erausssprangen, wou mer och méi wéi eng Kéier gesot hunn an dësem Gemengerot, datt dee Rôle dee mir hei hunn, och dee regionale Rôle als d'CDA-Gemeng (Centre de développement et d'attraction), datt och deem deementspriechend Rechnung gedroe gëtt.

Wéi gesot, dat par rapport zu de staatlechen Dotatiounen.

Vläit awer och e bësse generell den Iwwerschlag op de Kont 2015 wat d'Recetten an d'Dépensen am ordinairen an och am extra-ordinaire Beräich uginn.

Um Niveau vun de Recetten hate mer 72.765889 Euro a par rapport zu den Dépensen hate mer 65.260713 Euro. Wann een dat vergläicht par rapport zum Rectifié 2015, do hate mir en Ausschoss u Boni ordinaire vun 5.038.781 Euro an hei um provisoresche Kont hu mir e Boni vu 7.505.176 Euro, also gutt 2,5 Milliounen Euro méi vu Boni.

An dann an de Recettes extraordinaires, do hu mer am Provisoreschen 16.551.890 Euro a bei den Dépenses extraordinaires 19.000.783 Euro, dat heescht, mir hunn do e Mali vun 3,2 Milliounen Euro, wou mer awer am Rectifié e Mali hate vun 11 Milliounen Euro am Extraordinaire, sou dass mer, wa mer mam Boni cumulé, dee mir vum Kont 2014 mat eriwwer huelen, wou mir wéi gesot, um Kont 8,6 Milliounen Euro haten, wann een och nach dat dobäi rechent vun deene Joere virdrun, do hu mir e previsibelt Resultat vun 12,9 Milliounen Euro, also ronn 13 Milliounen Euro Boni, wat am Fong generell dann de Kont ugeet.

Wann een op där anerer Säit och nach gesäit, dass mer och nach Reserven hu vun 12 Milliounen Euro, an dat ass eng ganz zolidd Ausgankspositioun déi mir hunn als Stad Diddeleng, also och deementspriechend en zolidd Polster.

Wéi gesot, dat viraussiichtlech, wat de provisoresche Kont ugeet, deen elo an den Intérieur agescheckt gouf.



Mir wäerten och hei am September iwwert de Kont 2013 an 2014 ofstëmmen an da sécherlech d'nächst Joer iwwert de Kont 2015.

Dat sinn déi Informatiounen, déi ech Iech wollt ginn iwwert dee Kont.

Dann nach en anere Punkt: d'Konventioun, déi mir virun e puer Deeg ënnerschriwwen hunn, déi awer nach vun anere Gemenge muss ënnerschriwwe ginn, wäert och am September hei am Gemengerot virgeluegt ginn, do wollt ech Iech déi Informatiounen awer och net virenthalen.

Et ass déi Konventioun iwwert d'Cellule nationale d'information pour la politique urbaine, ofgekierzt CIPU, dat ass eng Konventioun déi mir ënnerschriwwen hunn esouwuel mam Logementsministère wéi och mam Nohaltegkeetsministère, an do sinn nieft der Stad Diddeleng och d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch mat dobäi an do geet et am Fong dorëms, an e Réseau vu Gemengen, sief et national mee och um europäesche Plang mat eran ze klammen, och par rapport zu europäesche Fördergelder, an och zu europäesche Projeten, en fonction och vun deene jeeweilege europäesche Presidencen, wou eng Rei Schwéierpunkte gesat ginn, an hei sinn am Fong um europäesche Plang d'Schwéierpunkte gesat ginn um Niveau vum Espace urbain, sief dat Logement, sief dat awer och Cohésion territoriale.

Dat doten ass natierlech och eng Zesummenaarbecht mat aneren Akteuren ewéi mat der Uni Lëtzebuerg oder dem Centre de Recherche LISER, also och hei an engem Verbond, engem Netzwierk tëschent lëtzebuergesche Gemengen awer och mat der Optioun a Kontakt ze komme mat europäesche Stied, wou och do eng Plus-Value ass fir d'Stad Diddeleng fir deen dote Wee anzeschloen.

## 3. APPROBATIOUN VUN DER NEIER SATZUNG VUN DEM INTERKOMMUNALE SYNDIKAT SIDOR

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci Här Buergermeeschter. Fir d'éischt emol zwee Sätz zum SIDOR. Dat ass e Syndikat iwwert dee mir jo just am Dezember beim Budget ee Wuert wäerte verléieren. Ech wëll soen, datt de SIDOR am Oktober 1971 gegrënnt ginn ass, dat heescht dëst Joer ginn et 45 Joer, datt et dee Syndikat scho gëtt.

Et ass e Syndikat, wou 35 Gemenge Member sinn, dat heescht 381.000 Awunner sinn dat. Dat heescht am Fong zwee Drëttel vun der Populatioun vu Lëtzebuerg sinn an deem Syndikat vertrueden. Et ass och esou, datt déi 35 Gemengen ongeféier 120.000 Tonnen Déchete pro Joer op d'Anlag wäerte féieren an Dir wësst och, datt de SIDOR 2010 ganz nei gemaacht gouf fir de Montant vu bal 100 Milliounen Euro.
Dat zur Virgeschicht. Nei Statuten, et ass e bëssen iwwerdriwwen "nei" ze soen. D'Statute sinn am Fong just ugepasst ginn un dat neit Müllgesetz vum Mäerz 2012 (ech maachen eng Klammer op: och dat wäert en Thema ginn, wa mir am Hierscht elo dat lokaalt Offallreglement ëmännere mussen, ebefalls op Grond vum neie Gesetz vum Mäerz 2012 an esou ass et och beim SIDOR, do ass keng "Revolutioun" geschitt).

Ech wëll just op zwou Saachen hiweisen, déi awer wichteg sinn ze betounen.

Dat ass emol, op Grond vun deem neie Statut gëtt och dem Pollueur-Payeur-Prinzip Rechnung gedroen. Dat



war virdrun net de Fall op Grond vun der Cotisatioun. Dat heescht, am Kloertext gëtt dat elo gemaacht wat awer schonn an der Praxis ugewannt gëtt, datt d'Gemengen am Fong just nach Taxen op Grond vun deem Tonnage deen si uliwweren, bezuelen.

An Dir wësst och, datt mir säit Joeren dee Montant vu 96 Euro konnte stabil halen, dat heescht och dee Montant wäert an Zukunft net änneren an et ass och esou, datt keng Differenz méi gemaacht gëtt tëschent Hausmüll, Sperrmüll a Gewerbemüll. Et bleift alles dee selwechten Tonnagepräis.

Et ass awer och esou, wéi mir festgestallt hunn, de SIDOR ass am Fong, et kann ee bal soen e räiche Syndikat.

Dir hutt an den Ënnerlage gesinn, datt do vill Suen op de Konte sinn an et ass och esou gemaacht ginn, datt mir – zu Recht – gesot krute vum Ministère, datt mir emol e bësse Kassensturz misste maachen.

Kassensturz maachen, dat heescht mir si kucke gaange bei eis Rapporten aus de Joeren 1972 bis 1996. Do hu mir rausfonnt, datt mir bal 29 Milliounen Euro an der Reserv hunn.

D'Gemenge kréien dann elo esou vill erëm, esou wéi se kotiséiert hunn, d'Kapital, dat heescht wéi d'Gemeng Diddeleng wäerte mir dann 1,627 Milliounen Euro an der nächster Zäit iwwerwise kréien, esou datt mir dann déi Sue gutt kënne gebrauche fir dann eventuell aner Invester ze maachen.

Ech géing och proposéieren, wann Dir domat d'accord sidd, datt mir déi Statuten, esou wéi ech se elo gesot hunn, unhuele géifen, awer – an dat ass nei – mat engem Zousaz, dee mir Iech gären als Schäfferot géife proposéieren.

Wann Dir d'Statute gelies hutt, et ass näischt geännert ginn un den Delegéiertenzuelen. Ech weess net, ob Dir dat intensiv gekuckt hutt. Wann een et elo ganz salopp wëllt ausdrécken, et ass net ganz glécklech, ouni elo enger Gemeng ze no ze trieden, ech soen elo einfach mol eng kleng wéi Dippech oder Fréiseng, datt déi een Delegéierten huet an eng Gemeng wéi Diddeleng mat 20.000 Awunner och nëmmen een Delegéierten huet.

Dat ass u sech net dramatesch an ech hunn et erlieft an deem Syndikat zanter ech elo do sinn, säit 2004, datt do d'Decisiounen am Comité praktesch zu 99,9% all unanime geholl ginn. Do ginn et ni grouss Kampfofstëmmungen oder Reiwereien, dat ass en harmonesche Syndikat vu datt mir jo alleguer dat selwecht Zil hunn.

Mir sinn awer der Meenung, an do sinn och schonn aner Gemengen déi sech schonn dorun alliéiert hunn, datt mir géifen d'Statuten hei, esou wéi se sinn, stëmmen, awer mir géifen e Schreiwes maachen als Gemeng Diddeleng an dat maachen och aner Gemengen, wou mir de Comité, respektiv de Bureau vum SIDOR frëndlechst invitéieren, nach eng Kéier déi Deleguéiertenzuel an dee Schlëssel ze iwwerdenken an datt déi grouss Gemengen dann awer op d'mannst d'Recht hunn, ze soen, datt si op d'mannst een, respektiv nach e Suppléant an de Comité kënnen delegéieren.

Den Text hu mir schonn ausgeschafft, wann dat d'accord ass, géife mir derbäi fügen "prie le comité du SIDOR de reconsidérer la pondération du nombre des délégués de chacune de ses communes membres au sein de son comité, plus précisément par une répartition plus équitable en fonction de la population de ses membres, plus spécialement ce qui concerne le point 3 de l'article 7 des nouveaux statuts".

Voilà, dat ass dat wat ech au départ ze soen hunn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci René Manderscheid. D'Diskussioun ass op, ginn et Stellungnahmen dozou?

Romy Rech (LSAP): Et kann ee scho bal méi wéi zefridde si mat deem wat mer elo gewuer gi sinn. Also 1,7 Milliounen Euro zeréck ze kréien, dat ass kee Pappestill. Ech géif mir wënschen, datt dat bei anere Syndikater och géif heiansdo sou geschéien.

Ech stelle fest, datt dat heite wierklech en zolitte Remboursement ass. Dat ass déi eng Saach.

Wat déi aner Saach ubelaangt, fannen ech dat absolut ubruecht, datt mir do awer vläit soen, datt d'Repartitiounen e bësse méi équitabel solle statt fannen. Fir de Rescht wäerte mir déi dote Statute stëmmen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Mir stëmmen och déi Konventioun hei mat. Mee den Här Manderscheid



huet virdru gesot, bal ëmmer ass zu 99% all Mënsch d'accord, da verstinn ech awer net esou richteg, wisou awer nach mussen verschidde Gemengen zwee oder dräi Memberen an de Comité kréien.

Et ass e bëssen eng generell Iwwerleeung och fir all déi an deene Comitéen, fir datt dat net och sou en Apparatchik gëtt, datt sou vill Leit dann do sinn, sou vill Jetone musse bezuelt ginn. Ech denken, datt wann si eng gutt Mouk hunn, datt d'Jetonen dann net vill spillen, mee wann et heescht "mir sinn eis meeschtens eens" oder bal ëmmer eens, ech mengen dann ass et och net schlëmm wann all Gemeng nëmmen duerch ee Männche vertrueden ass. Dat ass e bësse meng Meenung, mee vläit kënnt Dir do nach eng Kéier drop äntwerten, datt dat awer vläit vun ärer Warte e bëssen aneschters ass.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Et muss een dat och e bësse politesch kucken, dat Ganzt. A wann ee weess wéi dee Büro besat gëtt, dat ass jo de Vote am Comité, do ass et awer schonn net schlecht, wann een heiansdo awer – wéi soll ech mech ausdrécken – seng Truppe ka mobiliséieren a kucken, wien an dee Büro gewielt gëtt. Dat ass schonn net onwesentlech, muss ech soen.

Colette Kutten (Déi Gréng): Ech hu just eng Verständnisfro. Mir sinn natierlech och mat där Konventioun d'accord, och mat deem Zousaz, dee mir hei virgeluegt kruten.

Ech hunn eng Fro zur Berechnung vum "quote-part" vun der eenzelner Gemeng. Dat ass jo, wann ech dat richteg verstanen hunn, ofhängeg vun der Quantitéit vun all deenen Offäll, déi ugeliwwert ginn an et ass jo dann eng ganz grouss Divergenz tëschent der Stad Lëtzebuerg an Esch, Diddeleng an all deenen aneren.

Dat ass jo dann net nëmmen op d'Zuel vun der Bevëlkerung wou de "quote-part" sech haaptsächlech bezitt mee et ass jo dann sécher och esou, dass d'Betriber an d'Entreprisen mat abezu ginn, oder?

Ansonsten, fannen ech, gëtt et kee Moyen fir erauszefannen – wa jo de Pollueur-Payeur-Prinzip besteet – wéi eng Gemenge vläit och am beschten do stinn, déi am mannsten Offall uliwweren. Also, dat wier eng Fro ob een dat net kéint erausfannen, well et ass vläit och net schlecht, wann ee mol kéint gesinn, wéi een sech do klasséiert fir dass een sech nach ka verbesseren.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): De groussen Ënnerscheed mat deenen neien Statuten ass effektiv de Pollueur-Payeur-Prinzip, dee virdrun net esou verankert war.

Op Grond vum neie Müllgesetz 2012 ass et awer elo dran. Virdrun ass de Bäitrag ënnert anerem op Grond vun den Awunnerzuelen bezuelt ginn, wat awer scho laang net méi de Fall ass vu datt mir vum selwen op de System iwwergaange si vum Pollueur-Payeur. Dofir sinn och déi grouss Ënnerscheeder.

Effektiv, d'Statistike ginn och do gemaacht, si ginn och publizéiert, ech kucken awer am nächste Comité fir eng genee Opstellung ze kréien, wéi mir als Diddeleng leien.

Ech kann Iech just soen, wat mir als Diddelenger d'lescht Joer op de SIDOR gefouert hunn, Diddeleng läit relativ gutt do, vu datt mir jo zolidd Mülltrennung hei an eiser Gemeng maachen a mir haten 2014 3.807 Tonnen Hausmüll a Sperrmüll hate mer 178 Tonnen an am Joer 2015 hate mer 3.844 Tonnen, mee mir haten awer deemools vill méi Sperrmüll, dat waren 271 Tonnen, op de SIDOR gefouert.

Wann ech dat a Chiffere maachen, wéi 2015, do hate mer ronn 401.000 Euro bezuelt, dat heescht, vun deene waren 369.000 Euro fir den Hausmüll an 28.000 Euro fir de Sperrmüll, wou een och muss wëssen, datt beim Sperrmüll och Munches op de STEP gefouert gëtt an och de Lamesch kritt en Deel, also et geet elo net alles unisono schwupp dohinner, et gëtt och do elo en Tri gemaacht.

Wéi gesot, ech kucken, datt ech den Detail kréien op Grond vun deene verschiddenen Uliwwerungen vun de verschiddene Gemenge fir Iech déi d'nächst Kéier ënnert der Korrespondenz kënnen auszedeelen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wa soss keng weider Froe wieren, da géife mer zum Vote iwwergoen.

**Wien ass mat deenen neien Statuten hei averstanen, mat deem Ajout dee mir dra gesat hunn, wat am Fong d'Repartitioun ugeet?**

**Dat ass unanime.**
**Merci fir déi doten Zoustëmmung.**




## 4. AUSSERUERDENTLECH SUBSIDEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Elo komme mir zum Punkt 4 vun eiser Dagesuerdnung an do geet ëm ausseruerdentlech Subsiden, déi un eis Clibb a Veräiner ausbezuelt ginn.

25 Euro fir de corporative Basket fir hire 50. Anniversaire, de BASCOL.

50 Euro fir d'Amicale sportive des Handicapés physiques.

60 Euro fir de Mouvement Européen.

250 Euro fir eise lokale Radio, Radio Diddeleng, fir hire 25. Anniversaire, deen si 2017 feiere wäerten.

250 Euro fir de Cercle Artistique, fir hire 60. Anniversaire.

100 Euro fir d'Sécurité Routière.

Dat sinn déi Subsiden, déi mir hei proposéieren. Si Froen dozou?

Joseph Thill (Déi Lénk): Jo, Här Buergermeeschter, ech hu mat deenen Subside kee Problem. Mir stëmmen och fir déi. Ech profitéieren awer vun der Geleeënheet fir eng Fro ze stellen iwwert de Rapport vun de Kommissiounen. Bei deenen allermeeschte Kommissiounssëtzungen (Verkéierskommissioun, Sportskommissioun an esou weider), do kréie mir regelméisseg Rapporte geschéckt. Ech hu matgedeelt kritt, datt wat d'Subsidekommissioun, egal op dat elo fir d'Veräiner hei ass oder d'Studenten, déi wier elo dëst Joer schonn dräi Mol zesumme komm an do kréie mir keng Rapporten. Ech wollt hei froe fir d'Subsiden.... (onverständlech - Stëmmen am Hannergrond)

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wann Dir eng Interventioun maacht, maacht wanneschgelift de Mikro un, datt een och propper a kloer héiert.

Joseph Thill (Déi Lénk): Et misst ee vläit einfach e Rapport schreiwen ouni do Detailer vun de Saachen ze ginn. Et wonnert mech einfach, datt mer – bon ech huelen elo hei d'Subsidekommissioun....(onverständlech - Stëmmen am Hannergrond)

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wéi gesot, ech wëll datt mir dat heiten nach eng Kéier opgräifen, mee mir missten awer elo zum Ordre du jour zréck kommen. Ech mengen awer datt hei déi Suerg geäussert gouf vu Membere vum Gemengerot, déi an der Subsidekommissioun sinn, do gëtt jo oft tranchéiert, wie kritt e Subsid, wie kritt keen? Dat ass oft nominativ, op der Basis vun Dossieren an dat sinn Donnéeë, wou een awer eng gewësse Konfidentialitéit muss wahren. Dat schéngt mir awer wichteg ze si bei esou Dossieren.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech wollt just da soen, datt mir frou sinn wa mir vun all de Kommissiounen e Rapport kréien, och ouni confidentiell Donnéeën.

Well ech schonn de Mikro hunn, éineschters ass et mir e bësse séier gaang, wier et méiglech, och vun der informeller Sëtzung déi Presentatiounen, déi gemaach gi sinn, geschéckt ze kréien? Mir hunn déi elo net bei



den Architekten, déi eis d'Presentatioun gefrot hunn, gefrot. Ass dat méiglech oder net?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass nach näischt Definitives. Dir hutt Pläng virgewise kritt. Et hätt ee virdru kéinten driwwer diskutéieren, net elo. Mee wéi gesot, et si jo nach keng definitiv Pläng. Et gëtt jo nach weider drop geschafft. Wann et herno zum Vote kënnt, da kritt Dir déi definitiv Pläng. Sou si mir jo och verbliwwen.

Gutt, komme mer zeréck op déi ausseruerdentlech Subsiden, dat war de Punkt, dee mir ze diskutéieren haten.

**No Auswäichungen no lénks an no riets, wien ass mat deene Subsiden averstanen?**
**Dat ass unanime,Merci.**

## 5. VERKÉIER – AUTORISATIOUN FIR DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT FIR GERIICHTLECH GÉINT ENG DECISIOUN VUM MINISTÈRE FIR NOHALTEG ENTWÉCKELUNG AN INFRASTRUKTUREN AM KADER VUN ENGER PERMISSION DE VOIRIE VIRZEGOEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ob mir d'Autorisation d'ester en justice kréie fir géint den Nohaltegkeetsministère virzegoen.

Et ass keng Actioun, déi üblech ass, et ass keng alldeeglech Prozedur, nach ass et hei e wichtege Schrëtt a wéi gesot, mir hunn Iech de ganzen Dossier zoukomme gelooss, well mir och do den Aval brauchen vum Gemengerot, well mir als Gemeng Diddeleng hei aktiv ginn, also Partie demanderesse sinn an net Partie défenderesse sinn, an et gesäit ee ganz kloer, dass déi Argumentatiounen an d'Appréciatioun vun der Situatioun an Divergences de vue tëschent der Gemeng Diddeleng, wou mir begleet gi vun eisem Maître Helminger an der Maître Blondin, eng aner Vue ass wéi déi, déi den Nohaltegkeetsministère huet.



Ech well drop agoen, wéi d'Situatioun de fait ass, a wéi d'Situatioun en droit ass. A la base, et gesäit een aus dem Dossier eraus, dass et hei ëm Spigele geet an der Zoufftgerstrooss, wou mer gefrot hate fir d'Situatioun ze regulariséieren, well déi ewech geholl gi sinn, well keng Permission de voirie virlouch a well Ponts & Chaussées do wierklech eng restriktiv Approche an Applicatioun par rapport zu esou Permissions de voirie huet, a mir hunn hei en Intérêt fir ze agéieren als Stad Diddeleng, an ech wollt op d'Chronologie agoen.

De Point de départ vun där ganzer Actioun ass am Kader vun der Belair-Strooss, do ass de Belag frësch gemaach ginn, do war ëmmer e Spigel an deen ass ewech geholl ginn am Kader vun den Aarbechte vu Ponts & Chaussées.

Doropshin hu mir als Gemeng Kontakt opgeholl mat Ponts & Chaussées fir ze wësse firwat se dat gemaach hunn. Do hu mir gesot kritt, dass keng Permission de voirie géif virleien, obwuel dee Spigel wéi och déi aner Spigelen, déi ewech geholl gi sinn, schonns iwwert 15 Joer do sinn, an do war en Échange vu Courrieren, wou mir probéiert hunn, d'Situatioun ze regulariseieren, wou mir Demandë gemaach hu fir dee Spigel zeréck ze kréien, wou mir och d'Demande gemaach hunn, eng Permission de voirie ze kréien, par rapport zu deenen anere Spigelen an der Zoufftgerstrooss, wou keng Permission de voirie virlouch, mee déi awer schonns iwwer 15 Joer do sinn, un déi och d'Anrainer, déi do wunnen an d'Leit, déi do fueren, sech dru gewinnt haten.

Mir haten am Joer 2014 eng Rei vun Échange-de-courrieren, mir haten och eng Petitioun vun deene Leit aus der Rue Belair, an den 2. Mäerz 2015 hu mir och en Accusé de réceptioun kritt vu Ponts & Chaussées, wat d'Permission de voirie ugeet, an do hu mir ganz kloer gesot kritt, Dir musst dat offiziell ufroe wann der dat wëllt kréien.

Dat hu mir natierlech dunn och gemaach, den 12. August 2015, do hu mir eng offiziell Demande als Stad Diddeleng gemaach fir eng Permission de voirie ze kréien, fir déi 7 Spigelen an der Zoufftgerstrooss, an dunn hu mer natierlech den 9. Dezember 2015 e Courrier kritt, wou am Fong den MDDI eis gesot hunn, dass se sech op eng Decisioun vum 20. Oktober beruffen, wou mir keng Permission de voirie kréie fir déi dote Spigelen, an e gudde Mount dono, am Januar, sinn déi Spigelen ewech geholl ginn vu Ponts & Chaussées.

Bei esou Situatioune si mir hei an enger Procédure administrative non contentieuse, do ass et eng administrativ Coutume, wann een net Satisfaktioun kritt huet, dass ee kann e Recours gracieux maachen, wou een déi Autoritéit, déi d'Decisioun geholl huet, ka froen, dass se hir Decisioun soll reconsidéreieren, dass se eng nei Decisioun soll huelen, entweder dass se eng nei Decisioun hellt en faveur vun der Partie demanderesse, respektiv awer och d'Méiglechkeet huet, déi Décisioun déi se geholl huet nach eng Kéier ka confirméieren, mee op alle Fall keng Décisioun dierf huelen, déi méi defavorabel ass wéi déi éischt Décisioun, an déi Äntwert huet net op sech waarde gelooss, well den 10. Mee 2016 hu mir do e kloere Refus kritt. Et ass e Courrier, dee mir era kruten den 1. Juni 2016.

Bei engem Recours gracieux leeft normalerweis ëmmer den Delai vun 3 Méint, wou een huet fir de Recours gracieux anzeféieren, dat hu mir gemaach, an no deem Refus, dee mir den 1. Juni notifiéiert kritt hunn, waren och erëm déi Delaien vun 3 Méint fir e Recours ze maachen, an et ass am Fong an deem Kader an deem mir eis hei befannen.

Mir hunn an enger éischter Etappe e Règlement à l'amiable, dofir hu mir och de Recours gracieux gemaach, dat ass an deem Kader an deem mir eis befonnt hunn, an elo awer dann e Schratt méi wäit ginn, an dofir och deementspriechend den Aval brauche vum Gemengerot.

Nach gouf et en Echange de courriers tëschent dem Maître Helminger an der Maître Blondin an dem MDDI fir dass mer Accès an den Dossier kréien, dass mir d'Communicatioun des pièces solle kënne kréien, an do war och viru kuerzem eng Entrevue am Ministère wou mir eng Rei Informatioune kruten, wou mir och matgedeelt kruten vu eisem Affekot, dass d'staatlech Verkéierskommissioun sech och nach wäert en zweeten Avis wëll eran huele par rapport zu der Permission de voirie, mä ob mir dann eng Décisioun kréien, déi favorabel ass, dat wësse mir haut net.

Haut si mir an der Situatioun wou mir offiziell e Refus virleien hunn, vun der Administratioun, an et ass deen, deen eis bënnt, an dat ass deen wou mir agéiere sollen, wann herno eng Décisioun soll falen en faveur vun der Gemeng, da kënne mer nach ëmmer déi Actioun hei zeréck zéien, mä am Moment ass dat awer net de Fall, an ech mengen, dass mir hei als Stad Diddeleng um Zug sinn.



Wann Dir e bëssen Abléck huelt, ech hat ursprénglech gesot, dass d'Appréciation de vue verschidden ass vun der Gemengesäit, respektiv vun der Säit vum Ministère, respektiv vun der Administration des Ponts & Chaussées, well schlussendlech sinn si hei um Ball. Hir Argumentatioun ass, dass d'Visibilitéit vun den Autosfuerer net entravéiert ass, dass mir an deem Sënn op dëse Plaze keng Spigele méi brauchen, dat ass hir Appréciatioun.

Wou se déi éischt Décisioun geholl hunn den 9. Dezember, déi se eis och matgedeelt hunn op eis Äntwert vum Recours gracieux, wou se ganz kloer soen, dass se verschidden Essaien an Tester gemaach hunn als Ponts & Chaussées, an dass se do Conclusioun komm sinn, dass ee keen Spigel brauch, dass een ouni Spigel do eens gëtt, an dass virun allem awer och d'Spigelen eng falsch Appréciatioun ginn, wat deementspriechend d'Sécherheet ugeet, an dass si ganz kloer éischter eng restriktiv Approche hunn, wat d'Permission-de-voirien ugeet.

Dat war hier lescht Décisioun, déi se eis matgedeelt hunn. Ganz cocasse an där doter Situatioun ass, dat fënnt een och am Argumentaire eraus vum Maître Helminger an der Maître Blondin, mir hunn engersäits 7 Spigelen, déi ewech geholl gi sinn, well keng Permission de voirie virläit, or 2009 gouf eng Permission de voirie ausgestallt fir e Spigel an der Zoufftgerstrooss, dat ass dee Spigel vis-a-vis vun der Fondation Profamilia, an et ass och e bëssen dorops hin, wou den Argumentaire opgebaut gouf, fir kënnen nozevollzéie, wat am Fong d'Décisioun an d'Bewegungsgrënn vun der Administratioun des Ponts & Chaussées a vum Ministère sinn, fir op der enger Säit Spigelen ze accordéieren, fir eng Permission de voirie ze ginn, an op där anerer Säit, net. Ce qui s'applique à l'un, s'applique aussi à l'autre, dat ass d'Ausgangspositioun, an ech wëll awer och ganz kloer froen, dass eng Argumentatioun fir all eenzele Spigel, deen ewech geholl soll ginn, och misst virleien.

Hei ass iwwert de Leescht all Spigel ewech geholl ginn, mat der selwechter Argumentatioun, mam eenzege Motif, dass d'Visibilitéit net entravéiert ass, dat sinn déi juristesch Argumenter déi mir hei virleeën, awer och gestäipt vun der Präsenz vun deene Spigelen iwwer gutt 15 Joer, an och an enger Petitioun, déi net ze negligéieren ass, vun 170 Leit, déi mir hei era kritt hunn, déi mir och weidergeleet hunn un de Ministère.

Eis Argumentatioun ass ganz kloer net sou restriktiv wéi de Ministère dat gesäit, respektiv Ponts & Chaussées, mee mir soe ganz kloer, dass et en Outil ass, op deen een sech ka baséieren, wat net viraus setzt, dass een net soll op d'Strooss kucken, mee et ass awer en Outil fir eng Situatioun aneschters a besser kënnen ze considéréieren.

Och do sinn Divergenze mat deene verschiddenen Vuen, déi mir hunn, par rapport zum Ministère, a par rapport och zu Ponts & Chaussées.

Also, déi Visioun vun der Visibilitéit, déi deele mir net an deem selwechte Mooss wéi déi staatlech Stellen.

Voilà, dat an nach eng Kéier den Argumentaire vun 2009 mat Profamilia, wou vis-à-vis dee Spigel installéiert ginn ass, an d'Conclusioune fir eis sinn déi dass déi Spigelen, déi sech iwwer 15 Joer do befannen, sech bewährt hunn, dat war fir d'Leit ni e Problem, si hunn sech och dorunner gewinnt, déi Spigelen hu keng Nuisanceë mat sech bruecht, si hunn och den Automobilisten an de Riverainen eng zousätzlech Informatioun gi fir d'Situatioun ze appréciéieren.

Mir haten och hei gefrot, dass mir sollte kënnen eng Entrevue kréien, déi hu mir net kritt, mee viru kuerzem hat eisen Affekotebüro eng Entrevue am Ministère, wou se d'Kommunikatioun vun anere Pièce kritt hunn, mee à la lumière vun deenen Dokumenter déi mir elo hei virleien hunn, engersäits den éischte Refus vun enger Permissioun de voirie, de Recours gracieux dee mir walte gelooss hu fir à l'amiable kënnen ze tranchéieren, den zweete Refus, dee komm ass, mat den Délaie vun 3 Méint déi elo lafe fir e Recours juridictionnel ze maachen, entweder e Recours en annulation oder e Recours en réformation, dat ass natierlech um Tribunal administratif fir dat ze appréciéieren, par rapport zu der Legalitéit, manner par rapport zu der Opportunitéit, den Tribunal administrativ kann engersäits jo d'Décisioun huelen, dass en d'Décisioun annuléiert, da geet se zeréck nach eng Kéier un d'Autorité administrative, déi eng nei Décisioun hellt oder awer subsidiairement, wa mir dat froen, kann och de Juge administratif eng reformuleieren, dat heescht dass mir en lieu et place vun der Autoritéit eng nei Décisioun kann huelen, déi dann och d'Autoriteit muss ëmsetzen. Dat ass am Ermiessungsraum vum Tribunal administratif, dat sinn déi Méiglechkeeten, déi mir hunn, an dofir hu mir dat och haut hei an de Gemengerot bruecht, fir och do gréng Luucht vun Iech ze kréien, a mir hoffen, dass mir och vun Iech hei duerch all d'Bänke gestäerkt gi fir dee Wee kënnen anzeschloen.



Claudia Dall'Agnol (LSAP - Schäffin): Ech mengen, et ass elo wierklech exhaustiv alles gesot ginn. Wat nach ze soe bleift, ass, dass egal wat do elo rauskënnt, also wann et dobäi bleift, muss ee wëssen, dass si vill méi restriktiv gi sinn, an dat ass wegweisend fir d'Zukunft, wa mir iergendwou nach iergendwéi missten e Spigel umaachen, wann si eis ëmmer soen, dass de Champ de visibilité hirer Meenung no net beeinträchtegt ass, respektiv sech op Étudë beruffen, déi soen, dass de Spigel éischter kann eng Gefor duerstelle fir den Autosfuerer, da muss een einfach och kucken, wéi si dat dann an Zukunft wäerten handhaben, dofir ass et wichteg, ze gesinn, wat elo hei definitiv erauskënnt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Ginn et Stellungnahmen dozou?

Jean-Paul Friedrich (CSV): Ech wëll just soen, dass ech ganz frou sinn, dass mir esou eng Petitioun maachen, ech si selwer an där dote Géigend well ech do wunnen, an ech muss soen, ech weess net um wéivill Auer dass si moies do eng Kéier déi Visite do gemaach hunn, ech ka just soen, dass dee Moment mueres an der ganzer Zoufftgerstrooss eng Schlaang ass bis erop op d'Autobunn, an do sinn net nëmme privat Autoen, mee och Camionnetten oder ech weess net wat, dobäi, déi aus dem Duerf kommen, a wann s de do muss lénks ofbéien an du hues kee Spigel, dann ass et eng Saach vu Lotterie ob s de do mat ewech geholl gëss vun der anerer Säit oder net.

Well et ass keen deen Dir an der Schlaang weist ob déi aner Säit ee kënnt oder net, et ass een deen dech do erausléisst, mee du gesäis awer net ob riets ee kënnt.

Du muss schonns praktesch bis an d'Mëtt vun der Strooss fueren, an de Kapp bei der Däiwel dréinen, dass de mengs keen ze kréien, mee wann do e Camion eng Kéier kënnt oder esou, da bass de iwwerrullt. Du hues keng Chance do, du gesäis kee Meter, an de Spigel, muss ech éierlech soen, ech si säit 15-20 Joer do uewen, ech hunn an der Alphonse Benoit Strooss gewunnt, direkt dat éischt Haus, do war dee Spigel tipptopp, all Mënch ass domadder eens ginn, komescherweis elo net méi, an en plus ass do beim Profamilia schonns oft en Accident geschitt, och do ass et bal onméiglech, zu allen Säiten ëmmer ze gesinn.

De Spigel huet awer iergendwou gehollef, och wann s de d'Distanz net 100% kanns aschätzen, op mannst huet ee gesinn, et kënnt en Auto oder et kënnt keen.

An et ass dat wat do als Informatioun feelt, dofir ënnerstëtze mir dat dote komplett. Si mussen och zu Zäite kommen, wou et derwäert ass ze kucken, an net um 3 Auer mëttes, wa vläit nëmmen dräi Autoe kommen, wa mueres eng ganz Schlaang do ass. Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, mir gesinn d'Situatioun aus engem anere Bléckwénkel, a mir sinn éischter e bësse befremdet iwwert déi proposéiert Virgoensweis, woubäi ech soe muss, ech wunnen net an där Strooss, ech kann et net perséinlech aschätzen.

Zu de Fakten: Viru 15 Joer huet d'Gemeng ouni Autorisatioun Spigelen an der rue de Zoufftgen installéiere gelooss, elo wëll se d'Situatioun reguraliséieren. Mee vu dass den MDDI sech un déi bestoend Gesetzer hält an d'Reguraliséierung refuséiert, proposéiert de Schäfferot, Recours géint dës Décisioun ze huelen.

Wann elo zwéngend an aliichtend Grënn fir e Recours géife virleien, géife mir mat op dee Wee goen, mir kënnen awer keng esou Grënn hei erkennen.

Den MDDI beschränkt sech jo net nëmmen op eng theoretesch Argumentatioun, déi beseet, dass d'Spigelen et net erlaben, déi wierklech Distanz a Vitesse richteg anzeschätzen. Et si jo Fachleit, déi dat soen, ech huele jo un, dass déi sech net iergendeppes ausgeduecht hunn.

Seng Servicer hunn och nach sur place an der Zoufftgerstrooss zu verschiddenen Dageszäiten - ech enthuelen dat dem Text dee mir virleien hunn an do steet "zu verschiddenen Dageszäiten - Versich gemaach fir d'Situatioun anzeschätzen, a si sinn zu der Conclusioun komm, dass et duerchaus méiglech ass aus deenen Niewestroossen ouni Hëllef vun engem Spigel eraus ze fueren.

Ech huele jo net un, dass mir elo hei a Fro stellen, dass et sech hei em Experten handelt, déi hire Métier kennen, an déi jo sécher och net à la tête du client handelen.

De Buergermeeschter huet gesot, et ass en Outil, deen de Gemengerot awer anescht aschätzt wéi



d'Experten; déi missten sech, eiser Meenung no, awer eigentlech besser auskennen.

An dofir versti mir net, dass dës Décisioun déi op engem Gesetz an zousätzleche prakteschen Demonstratioune berout, net respektéiert gëtt.

A firwat revendiquéiere mir dann eng Extrabehandlung?

Alleng déi Tatsaach, dass Awunner an Awunnerinnen un d'Spigele gewinnt waren, rechtfäerdegt an eisen Ae kee Recours.

An d'Fro drängt sech op, ob iwwerhaapt eng Chance besteet, sou e Prozess ze gewannen.

Dat ass schwéier virstellbar an eisen Aen, an déi Sue sinn dann och wierklech zur Fënster erausgehäit, an opgrond vun däser Aschätzung ass kloer, dass mir eist Averständnis net gi fir esou e Recours.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Wéi mäi Kolleg Jean-Paul Friedrich scho gesot huet, mir ënnerstëtzen déi Démarche hei voll a ganz, well mir gesinn dat e bëssen anescht.

Éischtens mol, wann 170 Leit eng Petitioun ënnerschreiwen, fannen ech, dass et eis Pflicht och ass, als Gemengerot, deem och Rechnung ze droen an deene Leit hir Doléancen och weider no vir ze bréngen, a fir elo ze soen, mir hätten déi illegal opgeriicht, ech huelen un, dass deemools d'Situatioun eng ganz aner war, dass do guer keng esou Gesetzgebung war, an et muss een och soen, vum Ministère, also Luuchtepottoe ginn ofgeschniden, Beem ginn ewechgemaach fir Radaren dohinner ze stellen, Holhäerzer ginn ewechgeholl vu Lannebeem well déi och keng Permission de voirie hunn…

Villäicht hätt de Ministère gären, dass mir och eng Pressekonferenz maachen, wou da mat vill Trara d'Permission de voirie fir d'Spigelen iwwerreecht gëtt, sou wéi dat war mat der Permission de voirie fir eis Häerzer vu Biereng 21, déi un d'Lannebeem gehaange goufen.

Dat ass awer elo just eng kleng anekdotesch Klammer, awer et ass einfach wéi den Här Friedrich gesot huet: Wann d'Leit sech méi sécher spieren, an en zousätzlechen Outil fir d'Sécherheet vun de Leit ze augmentéieren, ass dat awer e bësselchen onlogesch wann et elo heescht, d'Spigele ginn iwwerall ewechgeholl.

Quitte, dass dat vläit Experten waren déi dat soen, mee meng Fro ass, gëtt dann am ganze Land d'Spigelen ewechgeholl, a wéi ass et an deenen anere Länner?

Ech weess, dass a ville Länner en Spigel Dir eng zousätzlech Assurance gëtt, an ech schwätzen elo just vum Spigel bei Profamilia, do geet et jo net nëmmen em d'Autoen, et geet jo och ëm d'Foussgänger.

Wann s du aus enger schmueler Strooss eraus kënns, hues de awer och e bëssen am Bléck, wie leeft iwwert den Trëttoir, an ech denken, wéi gesot, aus deenen Argumenter wou ech elo gesot hunn, ass et absolut Sënnvoll, fir do nach eng Kéier nozehaken, an do beim Ministère genee no ze Froen, wéi dat dann elo och am ganze Land gehandhaabt gëtt, a wéi d'Experienzen och an deenen anere Länner sinn. Merci.

Romy Rech (LSAP): Ech wollt Merci soe fir d'Presentatioun vum Dossier, esouwuel vun Iech wéi och hei wollt ech als Fraktioun dat ënnerstëtzen wat d'Kollegin an de Kolleg vun der CSV hei gesot hunn.

Dorop brauch ech elo net méi zeréck ze kommen, et mécht een sech natierlech - wann een op e Jugement zougeet - e puer Gedanken, well wat gëtt jugéiert?

Dat gëtt elo hei déi ganz grouss Fro.

Gëtt just d'Zoufftgerstrooss jugéiert, gëtt just déi Permissioun do, déi Autorisatioun do jugéiert?

Oder gëtt dat doten e Jugement, wou herno dat Héllefsmëttel wou hei richteg gesot gouf, dat Héllefsmëttel dat jo kengem Mënsch erlaabt fir einfach ze fueren, du kanns jo och wann e Spigel do hänkt net einfach esou fueren.

Mee gëtt dann herno op eemol jugéiert, a géllt dat flächendeckend fir all déi aner Spigelen, déi iergendwou dorëmmer awer wichteg Héllefsmëttelen an deem Dschungel vum Verkéier sinn, fir déi da mussen eventuell ewech ze huelen.

An dat ass ëmmer d'Fro.

Absolut keng Questioun fir dat doten net ze ënnerstëtzen, mir ënnerstëtzen dat doten, ech mengen, et ass schonns dee richtege Wee fir dohinner ze goen, mee d'Suerg ass, wat gëtt herno jugéiert?



Joseph Thill (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter, ech mengen dat heiten ass en Dossier, do muss ee ganz kloer de Fong an d'Form ënnerscheeden.

Ech hu mir och d'Méi ginn, dat zimlech am Detail ze liesen.

Wat de Fong ubelaangt, wann déi Spigelen, an do zweiwelen ech net drun, de Leit eng supplementär Méiglechkeet vu Sécherheet gëtt, dann ass dat eng gutt Saach an da sollen och déi Spigelen dohinner kommen.

Wat elo d'Form ubelaangt, do sinn ech vill méi skeptesch, an ech mengen Dir, Här Buergermeeschter, hutt dat och scho gesot: Virum Tribunal administratif, do gëtt just d'Procédure administrative jugéiert, net de Fong.

An d'Fro, déi sech also do stellt, déi ass einfach: Ass de Ministère an der Legalitéit wann en déi Décisioun hëlt oder huet een do verschidde Procédure-administrativen net respektéiert?

An do liesen ech dann am Dossier, dass dat eenzegt Argument wat d'Affekoten uféieren, dat ass ze soen, de Ministère géif seng Décisioun net genuch motivéieren.

Ech denken, dass dat relativ schwach ass an dass do d'Gemeng Diddeleng net ganz vill Chancen huet, déi Saach duerchzebréngen.

Also wäert dat Sue kaschten a schlussendlech näischt bréngen, dat denken ech iwwert deen Dossier hei.

An dofir géif ech staark dofir plädéieren, awer ze probéieren, mam Minister zesummen ze kommen, oder mat sengen Fonctionnairen, an dat op deem Niveau ze regelen.

Well ech denken, dee Recours virum Tribunal administratif, dee féiert zu näischt wéi just zu Käschten, an dofir wäerte mär eis och bei dësem Dossier enthalen.

Mär si fir de Fong dofir, mee bei dëser Form gesi mer keng Chance.

Ech soen Iech Merci.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter LSAP): Merci Här Thill. Verschidden Appréciation-de-vuen och hei am Gemengerot, mee dofir ass Diskussioun hei jo och wichteg.

Villäicht kann een soen, par rapport zu der genereller Jurisprudenz, dat wat eis Affekoten eis gesot hunn, dass mir hei an enger klassescher Situatioun sinn, och wéi a Frankräich, déi eng gesinn et méi restriktiv, wéi och de Ministère, an déi aner gesinn et éischter als Outil.

Dat sinn déi zwou klassesch Divergenzen, déi een och am Ausland fënnt, par rapport zu Spigelen, an do ass Lëtzebuerg an deem Sënn keng Exceptioun, well mir befannen eis an dësem Szenario haut hei am Gemengerot a par rapport zu dësem Dossier.

Souvill ech weess, gëtt et de Moment keng Jurisprudence heizou, dat heescht, hei kann dat generell och en Impakt hunn.

Dofir ass awer och eng Situatioun wichteg, wann ee well Recht sichen, an an där Situatioun si mir hei, an dofir hu mir Geriichtsbarkeeten, déi kënnen tranchéieren, à charge et à décharge, um Niveau vun der Legalitéit, an déi Décisioun, déi da geholl gëtt, déi muss dann och ëmgesat ginn.

Mee mir sinn awer hei an enger Situatioun wou mir keng Satisfaktioun fonnt hu par rapport zu deem wat eis Ausriichtung war, an dat einfach sou hin ze huelen, ass awer och net richteg, dass iwwert Joeren déi Situatioun sech bewährt huet, an een och - wéi d'Madame Kayser et och richteg gesot huet - déi Petitioun vun 170 Leit net einfach esou kann ignoréieren.

Ech mengen awer, dass mir do um Zuch sinn, an awer jo probéiert hunn iwwert de Recours gracieux, dass de Ministère seng Positioun reconsidéreiert, oder eis hätt kéinten eng Entrevue proposéieren, wéi mir dat och gefrot hunn, an dann hätt een dat dote jo och kéinte maachen.

Dat als Äntwert op dem Här Thill seng Propositioun.

An op där anerer Säit soen ech awer och, mir hunn Délaien, déi lafen. Wa mir e Recours wëlle maachen, dann hu mir 3 Méint Zäit fir elo eng Démarche ze organiséiere fir eng Entrevue unzedroen, wou mir awer an deem Sënn keng kritt hunn.



Mir hunn hei am Fong Délaien déi lafen, an déi musse mir respektéieren, soss, wann se ofgelaf sinn, da kënne mir absolut guer kee Recours méi maachen, an ech sinn och der Meenung, och Experte kënnen sech emol ieren, oder net zu 100% richteg leien. Sécherlech ass et eng Indikatioun, dofir sinn Experten do.

Hei sinn eng ganz Rei vu Parameteren, a wat eis och e bëssen an deem Sënn motivéiert, dofir eng Permission de voirie 2009, par rapport zu der Profamilia. Wat ass d'Argument, dass et do méi geféierlech ass wéi op anere Plazen, och dat ass den Argumentaire an do hu mir och keng Satisfaktioun kritt säitens vum Ministère, firwat dass et do méi geféierlech ass wéi op anere Plazen, fir kënnen nozevollzéien, firwat dass se do ewech geholl gi sinn.

Och deen Argumentaire, dee feelt eis, dee brauche mer, an ech mengen, dass mir nëmmen iwwert de Wee vun engem Recours jurisdictionnel kënnen déi Äntwerte kréien, well do ass en Débat contradictoire, an do wäerte Vertrieder vun der Regierung um Tribunal administratif ganz genee déi Argumenter musse ginn, fir dass de Juge administratif à la lumière vun alleguerten den Argumenter vun deenen zwou Parteien seng Décisioun kann huelen.

Dat an nach d'Stellungnahmen zu den verschiddene Positiounen, ech géif lech da proposéieren, dass mer zum Vote kommen.

**Wie gëtt hei gréng Luucht, dass mir hei kënne geriichtlech Schrëtter ënnerhuelen an och virgoen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP an CSV.**

**Wien ass dogéint?**
**Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng an déi Lénk.**

Merci fir déi doten Diskussioun.

## 6. GEMENGEFINANZEN

### 6.1. Genehmegung vu 7 Acte-notariéen iwwer Immobilientransaktiounen;

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Da géife mer op d'Gemengefinanzen eriwwer goen, mir hunn do eng Rei Acten virleien, dat si siwen Acte-notariéen. Ech géif mat deem ufänken, deen ech hei virleien hunn, dat ka villäicht e bëssen anescht sinn ewéi um Ordre du Jour virgesinn, mee ech hunn se regruppéiert, déi vun der Madame Funck-Nilles an der Parkstrooss, niewent dem Park an dem Centre Sportif René Hartmann.

Do hu mir am Fong dräi Actë virleien, wat d'Propriétéit vun der Madame Nilles Funck ugeet, en Échange, eng Cession gratuite an eng Possession trentenaire.

Dat Einfachst ass d'Cession gratuite vun der Erklärung hier, et ass en Deel vum Trëttoir, deen der Madame Funck gehéiert, dat si 37 Zentiar, an d'Idee ass hei, d'Situatioun ze regulariséieren andeems deen Trëttoir, deen a privater Hand ass, der Gemeng soll iwwerschriwwe ginn, fir dass en an d'Utilité publique kënnt an deementspriechend an d'Voie publique era kënnt.

Et ass eng klassesch Cession gratuite, där hate mir der schonn eng ganz Rei, an et wäerten der nach eng ganz Rei sécherlech hei an deenen nächste Gemengeréit kommen.

Dann den Échange an d'Possession trentenaire, do muss ee villäicht e bësse méi wäit aushuele fir d'Situatioun z'erklären, déi zu dësen zwee Actë gefouert huet.

Wann een déi Propriétéit vum Här an der Madame Funck-Nilles virun sech huet, an och de Park vum Centre sportif René Hartmann, respektiv vum Lycée virun



sech huet, do huet een am Park, wann een erop geet, lénker Hand eng Mauer déi Propriétéit Nilles Funck longéiert, respektiv awer och hanne beim Centre sportif René Hartmann eng zweet Mauer, et ass am Fong e Wénkel, wat dat ausmécht.

Do si mir an der Situatioun, dass déi Mauer lénker Hand der Gemeng gehéiert, an déi Mauer Richtung Centre sportif René Hartmann, déi gehéiert der Madame Funck.

Dat ass am Fong d'Ausgangspositioun, respektiv och hei am Kader vum Échange ass, just direkt hannert der Mauer war am Fong eng Bande, déi huet komescherweis och der Gemeng gehéiert, an do loosse mir d'Possession trentenaire spillen, well dat Bestanddeel war vum Gaart vun der Madame Funck, dat heescht si ëmmer am Fong den Usage paysible hat.

Dofir ass d'Idee, dass dat dann och an hir Propriétéit soll agoen, a mir hei an eng Situatioun kommen, wou dann och d'Madame Funck an den Här Nilles Propriétairë vun der ganzer Mauer solle ginn, sou wéi dat och klassesch ass, an och kloer Verhältnisser solle kommen, a mir op där anerer Säit Propriétaire solle gi vun enger Parzelle, déi mir an der Ëmgestaltung vum Park, respektiv vum Centre sportif René Hartmann eran huelen.

Dat fir méi am Detail ze erklären, wéi d'Propriétéitsverhältnisser sinn, déi natierlech Nidderschrëft hei an dësen zwee Acten hunn.

Dat heescht, engersäits den Échange vum éischte Juli 2016, do ass eng Parzell vu 4 Ar 14 Zentiar, dat ass déi Parzelle déi der Madame Funck gehéiert, déi mir als Gemeng kréien, fir an déi Neigestaltung vum Park kënne mat ze integréieren an op där anerer Säit si mir da d'Propriétaire vun enger Parzelle vun 28 Zentiar, dat ass am Fong déi Bande, déi der Gemeng gehéiert an hei probéiere mer an eng méi kloer, transparent Situatioun ze kommen.

Déi Valeur, déi dee Bien vun der Madame Funck huet, dat sinn 82.800 Euro, an déi Valeur déi d'Gemeng Diddeleng hei huet fir den Échange, dat sinn 5.600 Euro, sou dass hei eng Soulte entsteet vu 77.200 Euro, déi mir der Madame Funck bezuelen, an deen Deel kréie mir als Utilité publique, dat heescht d'Integratioun vun där Parzell an d'Alentoure vum Hartmann a vum Park, a mir hate gesot, vu dass mir als Gemeng Propriétaire vun der Mauer sinn, dass mir déi an de Pristin état setzen, dass mer dann och déi néideg Aarbechten do virhuelen, an dat bis den éischte Januar 2017, wat d'Mauer, respektiv wat d'Léen ugeet vun der doter Mauer.

Dat zou dem Acte, den aneren Deel ass déi Possession trentenaire, dat ass wéi gesot déi Bande déi laanscht d'Mauer geet, awer zu der Propriétéit zou vun der Madame Funck an dem Här Nilles.

Dat ass eng Propriétéit vu 25 Zentiar, a wéi gesot, vu dass et ëmmer an der Propriétéit selwer war vum Gaart, wou et jo och eng Utilisatioun war iwwert 30 Joer eraus, kann hei natierlech déi Possession trentenaire spillen.

Wéi gesot, mir hunn déi den 10. Juni 2016, sou dass hei och kloer Propriéteitsverhältnisser sinn.

Dat heite si Saachen, déi historesch gewuess sinn, wou mer och de Geometer op der Plaz hate fir déi néideg Ofmiessungen ze maachen, wou och nach eng Kéier an den Archive gekuckt ginn ass, wou een och an de Pläng déi verschidde Propriétéitssituationen, sou wéi mer se elo virfannen, erëm fënnt, an och iwwert de Mesurage cadastral dee gemaach ginn ass, an iwwert déi Échangen, dass mer hei an eng propper Situatioun kommen, säitens vum Échange, säitens awer och vun de Propriétéitsverhältnisser de part et d'autre fir d'Madame Funck an den Här Nilles a fir d'Gemeng Diddeleng.

Dat ass de Bestanddeel vun den 3 Acten déi Dir virleien hutt, ech hoffen dass ech kloer genuch war a mengen Erklärungen, wat déi doten dräi Acten ugeet, an d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hunn e Problem mat dem zweeten Acte, deen den Échange betrëfft.

An deem Text, wou mir elo hei solle stëmmen, do steet eng Kadasternummer 1686/101. Wann ech déi nosiche ginn, da gëtt et déi net! Déi richteg Kadasternummer ass 1686/10149, mee hei steet déi Nummer awer net dran.

An an deem Avis au public, dee gemaach ginn ass, steet och déi Nummer falsch, do steet och 1686/101.

Muss ech elo domadder unhuelen, dass deen Avis au public wéi an engem Fall, dee mir am leschte Gemen-





gerot haten, falsch ausgehaange ginn ass, mat der falscher Kadasternummer, an dass en doduerch net valabel ass, an dass mir déi Prozedur vum Avis au public nach eng Kéier lancéiere mussen?

Ech wollt nach eppes soen, wat mech och stéiert: Mir haten do dann dee Zertifikat vum Wäert, dee Formular heescht Procès-verbal d'expertise, do ass e Saz dran, dee mécht kee Sënn. Do gëtt deklaréiert, dass deen Terrain déi eng Valeur huet an dass en ageschriwwen ass am Kadaster, an hanne geet dee Saz net richteg virun. Dat ass eng Formalitéit.

An zweetens steet och iergendwou am Acte, dass do eng Annex wier vun den Aarbechten, déi un der Mauer ze maachen sinn, an déi hu mir awer och net gesinn.

Mee den Haaptproblem ass, dass do eng falsch Kadasternummer esouwuel am Avis au public steet, wéi och an deem, wat mer elo sollen hei stëmmen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Merci Här Gangler, nach aner Stellungnahmen? Dat ass net de Fall.

Ech kann awer soen als Äntwert, dass par rapport zu den Acten déi mir virleien hunn an zum offiziellen Extrait vum Kadaster, d'Parzellen hei richteg opgezeechent gi si vum Geometer.

Ech hunn dat och iwwerpréift, dat heescht d'offiziellt Dokument vun der Administration du Cadastre et de la Topographie, do sinn se richteg agezeechent ginn.

Dat heescht, et ka sinn dass et am Geoportail net adaptéiert ginn ass, mee hei um Plang sinn déi richteg Nummere virgesinn.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Dann ass dat eng Erreur matérielle, wéi gesot...

Ech mengen, hei si keng aner Leit, déi kéinte reklaméiere wéi déi, déi concernéiert sinn, nonobstant vun der Kadasternummer.

Hei sinn et d'Propriétairë Funck-Nilles an d'Gemeng Diddeleng, déi den Intérêt direct hu bei dësen Acten, och wann eng Erreur matérielle do virläit.

Et ass bei deenen nächsten Actë besser ze iwwerpréiwen, dass déi richteg Nummer do steet. Dat dote stéisst net op daf Oueren.

Mir redresséieren déi Erreur materielle, mee op jiddwer Fall, an den Actë sinn se richteg. An den Acten an um Kadaster sinn se richteg, dorop berifft sech jo och den Notaire.

Jean-Paul Gangler (CSV): Mee déi leschte Kéier am Gemengerot hate mer eng Affaire vun engem Terrain, deen am Avis au public déi falsch Kadasternummer hat an doduerch huet missen déi Prozedur vum Avis au public nach eng Kéier nei gemaach ginn, an dee Punkt hu mir och haut elo am Gemengerot, well hu missen déi 14 Deeg ofgewaart ginn.

Do ware mir eis eens, dass eng falsch Kadasternummer an engem Avis au public net korrekt ass.

An hei op eemol solle mer et duerchgoe loossen, dann hunn ech e Problem mam Prinzip, da si mir rëm um Punkt: Firwat ass et bei deem engen esou a bei deem aneren esou? Dat ass net gerecht, dat ass net korrekt, dat ass net transparent.

Hei war eng Pann virkomm, sou wéi bei där leschter Kéier, a firwat sti mir zu där Pann net genee d'selwecht wéi deemools?

Dat heite sinn administrativ Feeler a mir kënnen elo net einfach soen "dat ass elo net sou wichteg, a soss steet et iwwerall richteg".

An deem Text, deen Dir eis geschéckt hutt, an dee mir sollen elo hei stëmmen, do stinn d'Nummeren och falsch.

Dir kënnt eis dach elo net dongen einfach emol heiansdo en An zoudrécken an heiansdo soen: "dat dote musse mer elo änneren", a just op d'Laun hin hu mir emol eng richteg Nummer, an eng aner Kéier eng falsch, dat ass Tohuwabohu, dat ass net sérieux an ech wëll net a Konditioune schaffen, déi net sérieux sinn.

Et deet mir Leed, mä ech sinn deene Leit, déi mech heihinner gewielt hunn, eng gewësse Rechenschaft schëlleg, dass mir hei alles korrekt maachen, a mir kënnen net Saachen duerchwurschtelen an eng aner Kéier am Gemengerot soen "et ass net esou schlëmm an esou", an dono diskutéiere mir erëm iwwert d'Korrektheet vun den Acten.



Ech géif hei léiwer bei engem Prinzip bleiwen, well ech sinn e Mënsch deen eng gewësse Rigueur a senge Prinzipien huet. Merci.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Also, ech hu kee Problem domat, da musse mer eng frësch Publikatioun maachen, fir dass mir keng Erreur administrative hunn, et si just wou Parteien, fir esou Erreur-matériellen ze ënnerbannen.

Dann huele mir dat am September am Gemengerot op den Ordre du jour. Merci.

Da komme mer zu enger Cession gratuite, hei geet et och ëm en Terrain, et geet em den Här an d'Madame Dautbasic-Mehmedovic an der Bierengerstrooss, Place Voirie, dat sinn 19 Zentiar, an dat gëtt integréiert an den Tréttoir. Ech hoffen, dass do de Commodo immobilier richteg war.

Da geet et weider mat Teamcasa S.A, dat ass och eng Cession gratuite an der Pasteur-Strooss, et sinn 59 Zentiar, an dat ass eng Integratioun an d'Voie publique, den Tréttoir.

Ech hoffen och do, dass de Commodo immobilier an der Rei ass.

Esouvill zu de Cession-gratuiten.

**Ass de Gemengerot mat deenen dote Cession-gratuiten averstanen, wat d'Voirie publique ubelaangt? Dat ass unanime.** Merci.

Da komme mir zu engem Acte de vente, wou mer och am leschte Gemengerot haten, wou mer effektiv nach eng Kéier en Avis au public ausgehaangen hunn, e Procès-verbal Commodo immobilier, dee mer dann och virleien hunn, och mam Certificat de publication.

Hei geet et ëm en Acte de vente zwëschent der Madame Schlussnuss an dem Här Dominique op der Gymnichplaz, dat sinn am Fong zwou Parzellen, wou d'Gemeng Propriétaire ass, an d'Gemeng verkeeft un déi zwee Acquereuren, dat ass d'Parzell 148, 86 34 op der Gymnichplaz, dat sinn 12 Zentiar, an d'Parzell 148 86 40, dat sinn 20 Zentiar, an de Prix de vente ass do 4.800 Euro.

Hei geet et dréms, eng Situatioun ze regulariséieren, an dat heescht, hei sinn et zwou Parzellen, déi esouwuel virun der Haaptentrée vum Haus stinn, respektiv latéralement op der rietser Säit, déi genotzt gi vun de Propriétairen. Et ass awer nach ëmmer d'Propriétéit vun der Gemeng, a mat deem heiten Acte de Vente probéiere mer dann och, eng propper Situatioun ze kréien.

Esouvill zu deem doten Acte. Sinn do Froen dozou? Dat ass net de Fall, da komme mer zum Vote.
**Wien ass mat dem Acte averstanen?**
**Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci.

Da geet et op deen nächsten Acte iwwer, dat ass e Changement vun engem Mode de juissance vun Teraine vun der Famille Krusic-Nedeljkovic, an der Robert Schumann Strooss, do geet et em eng Platz, 12/34 63/47 18 Zentiar, an och em eng Parzell, an der Schumann-Strooss, vun 11 Zentiar, wou wéi gesot engersäits d'Koppel Krusic- Nedeljkovic Propriétaire ass, respektiv wou d'Gemeng Propriétaire ass, an hei, wat d'Evolutioun ugeet vun deene Parzellen si mir eis eens, dass dat gläich ass, dat heescht, dass deen Échange ouni Soulte ka gemaach ginn.

An natierlech, mir kréien déi Parzell aus der privater Propriétéit eraus fir eng Integratioun an d'Voie publique ze maache fir och do eng propper Situatioun ze hunn, do um Eck Hellengerstrooss, respektiv Rue Balzeng, dee klenge Wippchen.

Esouvill zu deem doten Acte, sinn nach Froen dozou?

**Ass de Gemengerot mat deem Acte averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

### 6.2. Approbatioun vun der Konventioun mat der A.s.b.l. SOS-LRS - Lese- und Rechtschreibschwäche

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Da komme mer weider zu enger Konventioun zwëschent der Stad Diddeleng an dem SOS LRS - Lese- und Rechtschreibeschwäche, also eng ASBL, déi et scho ganz laang hei an Diddeleng gëtt, an och aktiv ass bei Kanner, déi Lies- a Rechtschreifschwieregkeeten hunn, wou oft Kanner higinn well se vun den Enseignanten dohinner orientéiert ginn, a wou SOS LRS och d'Personal zur Verfügung stellt fir deene Kanner ënnert d'Ärem ze gräifen.
Hei geet et dorëms, eng bestoend Situatioun och ze





formaliséieren, och wann se eng laang Traditioun huet, an och souwuel eise Schoulkanner zegutt kënnt.

Hei iwwert déi Konventioun regele mer déi Zesummenaarbecht mat SOS LRS, dat heescht, all déi Kanner, déi hei zu Diddeleng wunnen an déi Problemer hunn um Niveau vun de Lies- a Schreifschwieregkeeten, dass se do spezifesch Coursë kréien.

Dat ass am Fong den Objet vun däser Conventioun, d'Durée déi mir eis ginn hunn, dat sinn 2 Joer vum 1. Juni 2016 bis den 30. Juni 2018 an SOS LRS engagéiert sech also fir Coursen ze organiséiere fir déi Kanner ze ënnerstëtzen.

D'Engagement deen d'Gemeng hei bréngt ass deen, dass op der enger Säit d'Elteren zwee Drëttel vun de Fraisen iwwerhuelen an d'Gemeng Diddeleng een Drëttel vun de Fraisen iwwerhëlt, an dat an Ofsprooch mat SOS LRS.

Eis Erfahrungswäerter, do kann ee soen, dass iwwert déi lescht Joeren ëmmer ëm déi 14-15 Kanner déi Servicer an Usproch geholl hunn, an och dat hinne gutt kënnt, an och déi Echoen, déi ee vum Léierpersonal kritt, och ganz gutt sinn, sou dass dës Konventioun an dës Initiativ, déi et schonns säit Joere gëtt, och absolut hier Berechtegung huet, a mir wollten dee Volet hei formaliséiere well mer op där anerer Säit och e finanziellen Invest maachen an déi dote Richtung.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Och d'CSV ënnerstëtzt all Initiativ, déi géint den Échec scolaire ukämpft, an Dir hutt elo gesot gehat, 14-15 Kanner, dat sinn déi Diddelenger Kanner huelen ech un, déi vun SOS LRS betreit ginn.

Ech fannen dat och luewenswäert, dass mir soen, dass mir een Drëttel vun de Fraisen iwwerhuelen, well et ass awer net jiddereen, deen sech dat ka leeschten, an ech maachen nach eng Kéier e waarmen Appel, wéi mir iwwer d'Schoulorganisatioun Rieds haten, do hat den Här Buergermeeschter gesot, e géif mat Nodrock fuerderen, dass mer och méi Orthophonisten a Psychomotriciene kréien, déi an eis Schoule ginn an de Kanner am Fong gratis zur Säit stinn, well et muss een och wëssen, déi Coursen hei sinn dënschdes an donneschdes mëttes, dat ass och ëmmer fir d'Elteren a fir d'Kanner en Invest vun Zäit fir dohinner ze goen, deen net all Mënsch kann tätegen.

Dozou kënnt jo och, dass d'Kanner, déi eng Lese-Rechtschreibschwäche hunn och duerch e Psychomotricien betreit ginn.

Do ass et och esou dass déi Leit am Ministère nëmme bis 7 Joer iwwerholl ginn, an duerno kann ee beim ONE iwwert eis CIS zwar eng Demande de prise en charge froen.

Ech denken, et muss een trotzdem awer als Gemeng op de Wee goen, eben e ganze Package unzebidden, dass déi Kanner gratis an de Schoulzäiten ënnerstëtzt ginn.

Dofir nach eng Kéier den Appel, Här Buergermeeschter, bleift dohannert dass mer do en Orthophonies- oder Psychomotricienspost en nach kréien, oder nach eng Kéier den Appel vun der CSV, wou mer ëmmer soen, komm mir schafen - wann et net sollt goen, dass mir iwwert de Ministère Ënnerstëtzung kréien hei zu Diddeleng - komm mir schafen e kommunale Posten, dat ass ëmmer nach eng Méiglechkeet, déi mir hunn, mee wéi gesot, mat däser Konventioun si mir selbstverständlech averstanen, dass mir déi ënnerstëtzen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir deen doten Zousproch.

Romy Rech (LSAP): Ja, ech wëll mech elo hei, wat d'Konventioun ubelaangt, kuerz halen, ech komme bei de Budgetsdebatten wéi all Joers nach eng Kéier am Detail op eis Aarbecht zeréck, déi mir als SOS LRS hei zu Diddeleng maachen.

Ech wëll awer hei vun der Geleeënheet profitéiere fir de Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemenge- a Schäffenroot villmools Merci soen, dass se all déi Joere bis elo eis ëmmer ënnerstëtzt hu fir dat doten dierfen unzebidden a fir do eng Quote-part vun der Gemeng ze akzeptéieren, déi den Elteren dann zegutt kënnt.

Den Diddelenger. Ech well dat betounen, dat ass an anere Gemengen net esou selbstverständlech, bei eis ass dat heiten eben vun däsem ganze Gemengerot gedroen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mer eigentlech, an den Här Buergermeeschter huet dat jo gutt erkläert, dass mir eigentlech just schrëftlech eppes maachen, wat mir déi lescht Joeren ouni Schrëftstéck esou formal hei iwwert de Budget lafe gelooss hunn.



Et ass jo och e Pabeier, dee verlaangt gëtt vun de Contrôle des finances communales, wat ech och verstinn, a wat mir och als ASBL absolut verstinn.

Ech wëll awer just nach ee klengen zousätzlechen Hiweis ginn, et ass een Drëttel vum Gemengerot, et ass natierlech och eng Quote-part, déi muss gedroe ginn - a mir wëllen dat och als ASBL - dass déi gedroe gëtt vun den Elteren, déi impliżéiert sinn, an ech well betounen, dass mer och vum Staat, also vum Ministère de l'Éducation nationale, dass mir do och en Subsid ufroen an dee kréien an deen och ganz u sämtlech Kanner, déi an deene Coursen sinn, un d'Elteren dann ausschëdden.

Ech si frou, an ech wier och frou am Numm vun der SOS LRS, wann Dir dës Konventioun géift stëmmen. Ech soen Iech Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng): Also, insgesamt sti mir ganz hannert där Konventioun, et ass eng Selbstverständlechkeet, mir fannen et eng gutt Initiativ a mir fannen et och wichteg, dass d'Gemeng dat ënnerstëtzt, mee den Här Buergermeeschter huet elo vun der Zuel geschwat, do kann een sech et ongeféier virstellen, wéivill Kanner jeeweils betraff sinn, mee als Fro: Ëm wéi ee Montant handelt et sech pro Kand insgesamt, fir dass een sech e bësse kann eng Virstellung dovunner maachen, well dat steet elo néierens an der Konventioun.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech wollt just soen, dass mir déi Konventioun ënnerstëtzen, a mir schléissen eis och der Demande un, déi d'Madame Kayser virgedroen huet, iwwert dee Posten entweder vum Psychomotricien oder vum Orthophonist, a wat den Enseignement fondamental ugeet. Merci.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Merci dem Här Thill fir déi Fro opzegräifen. De Präis pro Kand kann ech Iech net soen, ech kann Iech just soen iwwert déi lescht 3 Joer, deen Drëttel deen d'Gemeng gedroen huet, dat huet pro Joer all kéiers eng Moyenne vu 4.000 Euro kascht.

Dat ass dann een Drëttel. Déi aner zwee Drëttel iwwerhuelen dann d'Elteren. Dat fir Iech en Ordre de grandeur ze ginn.

**Ass de Gemengerot mat där dote Konventioun averstanen?**

**Dat ass unanime.** Ech soen Iech villmools Merci.

**6.3. Approbatioun vum Devis estimatif iwwer e Montant vun 214.000 Euro fir déi provisoresch Extensioun vum Centre d'Intervention vun Diddeleng fir d'Garde alternée vun de Volontären ze assuréieren**

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Dann deen nächste Punkt, do geet et em e Crédit spécial an en Devis estimatif an der Héicht vun 214.000 Euro fir eise Centre d'Intervention.

Ech begréissen dofir och hei de Roby Goergen, deen och nach eng Kéier op dee Projet wäert agoen, well en net onwichteg ass fir d'Stad Diddeleng, déi sech iwwert deen dote Wee op d'bevirstehend Reform vum Rettungswiesen virbereet, an sech och probéiert gutt opzestellen, an och optimal Konditioune probéiert ze bidden esouwuel de Professionellen wéi och de Volontären, well jo och d'Ausriichtung vum neie Gesetzesprojet déi ass, dass déi verschidde Centre-d'Interventionen a verschidde Kategorië solle kommen, an et esou ausgesäit, dass och eng Kategorie 3 wou mir elo schonns als Gemeng dra sinn, respektiv eng zukënfteg Kategorie 4, wat jo en Zousaz ass, dass do sougenannte Gardes casernées virgesi sinn, dass déi obligatoresch sinn, dass déi mussen och assuréiert ginn.

Iwwert deen heite Projet an deen zousätzleche Kredit wëlle mer eis och schonns an deem Sënn opstellen, wou mer an déi Richtung ginn, dass mer Containeren hannert dem Centre d'Intervention wëllen opstellen, déi ganz funktionell sinn, wou am Fong 10 Rouraim solle si fir déi Professionell an och fir déi Volontären.

Am Dag stellt d'Situatioun sech anescht wéi an der Nuet, virun allem an der Nuet, do geet et drëms fir d'Leit op der Plaz ze hunn, an den Avantage, deen ee sécherlech huet fir déi Leit, déi an dëse Rouraim sinn, wou och Sanitairë virgesi sinn, dass een si ënnerstëtzt, mee virun allem dass d'Asazzäit verkierzt gëtt, wann eng Interventioun muss stattfannen.

Et ass eppes aneschters, sur place ze sinn an en Asaz ze fuere wéi wann een doheem muss sinn an asazbereet muss sinn.





Ech mengen, dass do déi Délaie ganz anerer sinn, dass ee méi schnell operationell ka sinn, an et ass ganz kloer e Plus fir d'Sécherheet vun den Diddelenger Bierger, mee net nëmme vun den Diddelenger Bierger, mee och fir den Asaz vum Centre d'Intervention iwwert Diddeleng eraus geet.

Generell schreift sech dat heiten och an déi Bestriewung a fir och méi renforcéiert mam Beetebuerger Centre d'Intervention zesummen ze schaffen, och en vue vun der Reform, déi virun der Dier steet.

Dir wësst, mir sinn de Moment an enger Situatioun, dass dee Centre d'Intervention aus allen Néite platzt, wou mir awer hei iwwert déi Containeren, déi mir dohinner setzen, an déi wéi gesot ganz schlicht an einfach sinn, och do probéieren deene Professionellen an deene Volontären entgéint ze kommen.

Et ass jo och esou, dass momentan jo eng Rei Professioneller op der Plaz schaffen, mee et ass och virgesinn, an och dat ass gutt fir d'Stad Diddeleng, an och bei eisem regionale Charakter, dass ab dem 1. August zwee zousätzlech Agentproffe jo bäi komme vum Staat.

Och dat stäerkt Bestriewung vum Asaz an vun der Operationalitéit vum Diddelenger Centre d'Intervention.

Dat wat Dir hei virleien hutt, dat si Containeren wou an der Héicht vun 214.000 Euro leien, déi mir och kafe wëllen.

Et wier och eng Méiglechkeet gewiescht, eng Locatioun ze maachen, mee wann een déi heite keeft, kann een se och dono sécherlech anerwäerteg notzen, wann een se net méi brauch.

Et ass och virgesinn, Rouraim a Sanitairen ze installéieren, viraussiichtlech hei en Devis estimatif vun 214.000 Euro.

Et ka sécherlech sinn, dass et herno méi bëlleg ausfält, mee ech mengen dass et hei wichteg ass, en Zeechen ze setzen um Niveau vun der Garde casernée fir um operationelle Plang méi schnell kënnen ze äntwerten an och fir eng gewësse Qualitéit kënnen unzebidden, wat den Asaz ugeet, an deene verschiddene Kriterien, déi herno och déi zukënfteg Centre d'Intervention wëllen hunn.

Wéi gesot, Rouraim, Sanitairen, fir dass nom Asaz och déi Leit sech ee Moment kënne kuerz ausrouen, éier se an deen nächsten Asaz geruff ginn.

Dat ass e Plus, dee mer de Moment net hunn, a mir wëssen natierlech, deen Asaz deen Dag an Dag aus un den Dag geluegt gëtt vun eisem Centre d'Intervention, wierklech ze schätzen, an net méi spéit wéi gëschter war jo nach d'Éischt Hëllef iwwerrechung vu franséischsproochege Leit. Mir sinn eng vun den eenzege Gemengen déi och esou Coursen ubidde, an do waren och eng Rei Leit interesséiert fir dem Diddelenger Centre d'Intervention bäizetrieden, sief et als Ambulancier, sief et als Pompjee, an wann een op der anerer Säit gesäit, dass déi Zuel vun de Leit iwwert déi lescht Joeren zouhëlt, déi sech gär wëllen am Rettungswiesen engagéieren, ass et och wichteg, hinne gutt Konditiounen ze bidden, fir och kënnen an den Asaz ze goen, wann se geruff ginn.

Dat sinn e bëssen d'Erklärungen zu deem doten Devis estimatif, an och par rapport zum Crédit spécial. Ech kann awer nach eng Kéier dem Roby Goergen d'Wuert gi fir och nach op eng Rei Punkten anzegoen.

Roby Goergen (Centre d'Intervention Diddeleng): Merci Här Buergermeeschter, ech wëll eng Kéier kuerz erläutere firwat mer dozou komm sinn, oder déi Fro gestallt hunn.

Do ginn et am Fong véier Iwwerleeungen.

De Moment ass et esou, dat ass kee Geheimnis, dass mir genuch Leit hunn, awer d'Disponibilitéit ass net do.

Dat heescht, den Dag iwwer gëtt et relativ enk, mee nuets gëtt et och ëmmer méi enk.

Nuets funktionéiere mir, well mir 2-3 Leit hunn, déi ronderëm d'Auer Déngscht maachen. Wann déi an d'Vakanz ginn, oder wann déi krank ginn, dann hu mir do schonns e Problem.

Eng Iwwerleeung ass och, aktuell hu mir eng Partie Memberen, déi net vun Diddeleng sinn.

Dat heescht, wa mir wëllen och am Kader vun der Reform, d'Zil vun der Reform ass jo, dass mir eng qualitativ schnell Hëllef leeschten, da mussen mir och kucken, dass mir A séier fort sinn, an och do d'Qualitéit e bëssen hiewen.




Wéi gesot, mir hunn eng Partie Memberen am Centre, déi kënnen Déngscht maachen, wann se am Centre sinn.

Am Moment hu mir eng Couch do stoen, ech mengen wann nuets een op enger Couch läit an e muss moies schaffe goen, dat ass net déi agréabel Konditioun fir dann nach wëllen Déngscht ze maachen.

Ech muss och soen, mat deene Leit hu mir deelweis Récksprooch geholl, do sinn och deelweis vill Leit, déi bereet sinn, déi Garde casernée ze maachen, mir hunn och Jonggeselle dobäi, déi si bereet, owes an de Centre schlofen ze kommen, en Asaz ze maachen a moies schaffen ze goen. Dofir wollte mir och probéieren, hinnen optimal Méiglechkeeten ze ginn. Dat war e bëssen den éischte Volet.

Deen zweete Volet hat ech kuerz ugeschwat, mir hu virgesinn, Enn des Joers en Agent-prof ze hunn, also de Moment hu mir eis Agent-proffen op 2 Schichten schaffen, vu moies 6.00-14.00 an eng Kéier vu 14.00-22.00 Auer, dat heescht et läit eis um Häerz, dass ëmmer een Agent-Prof do ass, an ab Oktober wëlle mir dann och probéieren, nuets een anzesetzen.

Wann do ee vun de Fräiwëllege krank gëtt, da musse mir reagéieren.

Wa mir nuets en Agent-prof do hunn, wann deen dann awer 10-20 Minutten oder 15 Minutte muss waarde bis dee Fräiwëllegen do ass, geet wäertvoll Zäit verluer, an esou probéiere mir dann d'Méiglechkeet ze ginn, dass dee Fräiwëllege seng Garde ka maachen.

Aktuell ass et och esou, mir hu relativ vill jonk Leit, Studenten, déi kéinten sech duerch esou eng Garde casernée och e klengt Täschegeld verdéngen.

De Moment gesäit déi aktuell Reglementatioun 4 Euro vir, wa mir eng Garde casernée maachen, dat heescht, herno gëtt dee Montant wahrscheinlech nach e bëssen erhéicht.

Da kënnt deen 3. Punkt, wéi de Buergermeeschter schonns gesot huet, déi Garde-casernéen. Politesch ass gewollt, dass Diddeleng e Centre vun der Kategorie 3 gëtt, dat heescht, do mussen 10 Leit Casérneiert Gardë maachen, dat heescht, dat muss eng Ambulanz 2 Leit sinn, 6 Leit um Pompjeesniveau, an nach eng Kéier een “Autre départ”.

Dat ass zum Beispill eng Infektiounsambulanz oder e Support médical, mir hunn déi Wiesselcamionen, déi Containeren hin an hier féiere kënnen, dat ass mat “Autre départ” gemengt. Déi musse caserneiert sinn.

An der Reform ass och virgesinn, dass de Benevolat e wichtege Bestanddeel bleift, well ouni de Bénévolat geet et net, also esouvill Professioneller kënne mir net astellen.

Wa mir 10 Membere mussen astelle fir 10 Posten, 1 Poste braucht 5,8 Leit oder esou, fir ee Poste 420 Stonnen ze besetzen, dann ass d'Rechnung séier gemaach, dann musse mir 10 Membere casernéieren.

Eis läit och vill dorun, mir hunn elo joerelaang déi Fräiwëlleg, déi hu super Aarbecht geleescht, a mir wëllen hinnen do och entgéint kommen, dass se och weider kënnen hirem Hobby ënnert de beschtméigleche Konditioune nogoen.

A wéi gesot, wa mir mussen 10 Membere stellen, da mussen och nach 10 Membere Permanence hunn, dat heescht mir mussen 20 Leit de Moment stellen, 10 si casernéiert an 10 Membere sinn dann a Bereetschaft.

Den Här Buergermeeschter hat et och ugeschwat, d'Kategorie 4, dann ass dat Ganzt nëmmen nach casernéiert, dat wäerte mir och maachen, do si mir mat Betebuerg zesummen amgaang ze kucken, do wäert och vum Ministère nei gebaut ginn, iergendwou zwëschent Diddeleng a Betebuerg, mä ech mengen, dat ass nach net haut a muar.

Da kënnt dee 4. Punkt, ech menge wat rechtfäertegt, dass mir musse reagéieren, dat sinn eis Asazzuelen.

De Moie ware mir op 13.048 Asäz a mir sinn an der Halschent vum Joer. Hënt ware mir véiermol mat der Ambulanz eraus an dat war nëmmen hënt. Dofir waren dat e bëssen déi 4 Punkten, déi eis zu den Iwwerleeunge bruecht hunn, fir dee Schratt do ze woen.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Merci dem Roby Goergen. D'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): All Mënsch weess heibannen, dass eise Centre d'Intervention e Modellcharakter huet, en ass jo schonns oft gelueft ginn op



nationalem Plang a gëtt ëmmer als leuchtend Beispill dohinner gestallt, an ech denken, am Fong maache mir jo schonns hei e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Mir sinn elo schonns prospektiv, éier d'Gesetz richteg gestëmmt ass, maache mir dat wat vun eis erwaart gëtt, dass mir eben déi Méiglechkeet ginn, fir déi Garde casernée ze maachen.

Just eng prinzipiell Fro: Dat heiten ass elo just geduecht fir d'Benevollen, dat heescht wann Dir sot, dass d'Agent-professionellen och mussen hei schlofen, musse mir dann eng aner Schlofméiglechkeet nach virgesi fir déi?

Well eben hei extra steet den Devis ass extra esou gemaach, eng vue de garantir la garde alternée des bénévols. Ass dat awer geduecht fir déi 2? Well dat war meng Fro wéi ech dat heite gelies hunn, wou leeë mir dann déi Professionell hin?

Dat ass wuel just e Formfeeler, an dass een dat awer nach kann e bësse méi kloer maachen. Da war meng Fro eben och, Dir hutt jo elo schonns op vill Froe geäntwert, wéi dat dann ass herno mat de benevole Leit, de Ministère seet jo och ëmmer, mir ënnerstëtzen nach ëmmer de Benevolat, dierfen déi och nuets Gardë maachen, an Dir hutt jo elo och gesot, dass dat explizit gewënscht ass, dass déi eng Permanence nuets maachen.

Ech fannen dat heiten eng ganz gutt Saach, an och dass mer eng Container-Formule maachen, well mir jo wëllen herno eng gemeinsam Casère mam Centre d'Intervention mat Betebuerg maachen, do ass awer och meng Fro, wéi konkret sinn do d'Virschléi, hu mir do schonn Avant-projeten oder Ideeën, oder kënne mir schonns soen, wou kënnt dee Centre d'Intervention hin?

Well mir wësse jo, mir si keng Insel, Betebuerg ass keng Insel, a mir hunn den CFL Multimodal Logistik Center, Eurohub, d'Autobunnen, also un der Aarbecht feelt et Iech net, a wann ech héieren 1300 Asäz bis elo, Chapeau a Bravo nach eng Kéier all deene Leit vum Centre d'Intervention fir hir permanent Präsenz an hir gutt Aarbecht hei um Terrain vun Diddeleng. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech wollt och dem Centre d'Intervention Merci soe fir Är ganz gutt Aarbescht an Ären Asaz, et war och wierklech flott, gëschter ze gesinn, dass 68 Leit den Diplom fir déi éischt Stuf vum Secourismus kritt hunn.

Wann ee weess, dass dat net ëmmer flott ass, wann een als Benevole op en Accident kennt, wou et heiansdo ganz schrecklech ausgesäit, ech mengen, dann ergëtt et sech vum selwen, dass niewent der Ënnerstëtzung vun de Professionellen d'Gemeng och soll alles maachen wat se kënne fir de fräiwëllegen Asaz ze ënnerstëtzen. An dofir si mir mat dësem Projet voll a ganz averstanen.

Brit Schlussnuss (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, mir investéieren 214.000 Euro fir eis alleguerte fannen ech.

Kënne mer net vun der Hand weisen, dass mer dat net maachen, dat heescht fir direkt emol ze soen ass et ganz kloer dass mir dëse Projet voll ënnerstëtzen.

Et waren e puer Froen, déi ech mir och gestallt hunn, an zwar wéinst der Garde casernée well do stoung, fir déi benevole Leit haaptsächlech, wat maachen d'Agent-profen?

Do ass mir da gesot ginn, dass fir de Moment d'Bénévolen d'Nuecht maachen, an dat och esou stëmmt, dat heescht déi Agent-proffe si manner ugewisen op eng Garde casernée, well wann en Agent-prof nuets do ass, dann ass et seng Schicht.

Dat heescht, dee Bénevole geet moies erëm schaffen. Dat heescht, et ass absolut evident fir mech, dass mir déi Strukture hinnen zur Verfügung stellen, déi sech an der Nuecht, wou villäicht net jiddereen dat ka maachen oder wëll maachen, fir eis asetzen a moies dann trotzdem erëm op d'Aarbecht ginn.

Dat Zweet wat ech nach wollt ervirhiewen, dat ass, dass zanter dem 28. Juni hu mir den Einsatz-Leit-System, deen sou wéi ech mir et soe gelooss hunn, eis erlaabt bannent 2 Minutten operationell ze sinn.

Dat heescht am Dag klappt dat super an an der Nuecht nach net wéinst dem Manktum vun der ominéiser Garde casernée? Dat ass fir mech eng einfach Rechnung. A+B=C, mir komme guer net derlaanscht fir deem doten zouzestëmmen, an ech mengen do schwätzen ech fir all d'Bänken heibannen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Merci. Ech gi villäicht d'Wuert un de Roby Goergen, deen op





déi eenzel Punkte kann agoen, an da géif ech och nach e Wuert dozou soen.

Roby Goergen (Centre d'Intervention Diddeleng): Wéi gesot, ech menge mat den Agent-proffen an de Benevolen, fir d'Bénévolen sinn et Schlofgeleeënheeten a fir d'Agent-proffe sinn et Rouraim.

Et ass wuel richteg, dass eis Agent-proffen Aarbechten hunn nuets, mee mir sinn eis och bewosst, an dat ass och de Problem, dee mer hunn, wann ech engem Agent-prof fir 8 Stonne laang Aarbecht ginn, da sinn ech sécher, dass déi Aarbecht net gemaach gëtt, well se mussen Asaz fueren.

Do wäerten och Situatiounen entstoen, dass si nuets kënne rouen.
Ech mengen, wann se solle fit sinn, d'Plaze sinn esou gerechent, mir mussen 10 leit casernéieren, dat ass Bénévol oder Agent-prof. An dofir sinn déi Platzen och esou gerechent ginn.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Merci Roby da géif ech nach op dee Punkt agoen, Diddeleng Betebuerg, well mir effektiv och eng Reunioun gemeinsam haten, och beim Minister.

Et ass esou, dass mir en Terrain identifizéiert hunn, dee beim Rondpoint ass, bei deem neie Rondpoint, dee gebaut gëtt, dee läit ideal zwëschent Diddeleng a Betebuerg, an wou mir mam Propriétaire amgaang sinn ze diskutéieren, wat d'Acqusitioun ugeet, well dat en idealen Emplacement ass fir deen neie Rettungscentre, wou mir natierlech an der Kategorie 4 ebe realiséieren.

Et ass en Dossier, dee mer weider poursuivéieren an och do sécherlech och nach am Gemengerot driwwer diskutéieren. Et ass esou, dass d'nächst Joer den CG-DIC soll gegrënnt gi bis déi nei Rettungswache gebaut ginn.

Dat dauert jo eng Zäit an dotëschent huet een eng Zäit, wou een sech awer muss opstelle well dat neit Gesetz mat deenen neien Erausfuerderungen dann awer do ass an hei sou eng In-Between-Situatioun hunn, bis deen neie Bau steet, wou een sech awer optimal kann opstelle fir deen neie Begebenheete Rechnung ze droen, an et ass begréissenswäert dass mir hei nei Weeër zesumme ginn.

Da kommen ech zum Vote.

**Wien ass mat dem Devis estimatif fir d'Garde casernée averstanen? Dat ass unanime.**

**6.4 Wien ass mam Crédit spécial fir 2014 averstanen? Dat ass och unanime. Merci.**

Da soen d'Diddelenger Bierger lech och allegeurte Merci am Numm vum Centr ed'Intervention a vun der Sécherheet, déi mir iwwert den Volet kënnen weider garantéieren an ausbauen.

An ech soen och dem Roby Goergen Merci dass en hei war fir déi néideg Erklärungen ze ginn.

Roby Goergen (Centre d'Intervention Diddeleng): Ech wëll hei och nach eng Kéier Merci soen un d'Gemeng fir déi Ënnerstëtzung déi mir ëmmer kréien, well ouni déi kéinte mir net sou funktionéieren wéi mir de Moment funktionéieren.

Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter): Merci. Da geet et weider mat de Gemengefinanzen.

**6.5 Dekonten**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dem Punkt 5.5 geet et ëm verschidden Dekonten.

- **Installatioun vu 7 Pointeusen an deene verschiddene Maisons-relaisen**
  Beim éischten Dekont geet et ëm d'Installatioun vu 7 Pointeusen an deene verschiddene Maisons-relaisen. Do hate mir en Devis vun 15.000 Euro hei stëmme gelooss. D'Dépense war 14.357,73 Euro. Dat war iwwert d'Joeren 2011-2012, 2013, 2014 an 2015.
- **Aménagement vum Skate-Park**
  An dann den Dekont vum Skatepark wou d'Rampen amenagéiert goufen. Dat war en Devis vun 125.000 Euro an d'Dépense war 123.036,86 Euro an och dat war iwwert d'Joeren 2013 bis 2016.
- **Aménagement vum Mini-Stade am Quartier Italien**
  Deen drëtten Dekont betrëft de Mini-Stade am Quartier Italien. Dat war en Devis vu 45.000 Euro an d'Dépense war 44.567,60 Euro an dat war iwwert d'Joeren 2015 and 2016.

Voilà, dat zu dësen dräi Dekonten. Dir gesitt, mir hunn





eng ganz Rei Konten historesch opgeschafft a mir kommen ëmmer méi no.

Ech mengen, et ass dat wat ech virun enger ganzer Rei Méint gesot hat, datt mir do e bëssen Disziplin a wierklech och déi néideg Schrëtter ageleet hunn, och zesumme mat eisen Servicer fir dat opzeschaffen.

Zemools well op deene Konten och ëmmer Subsiden drun hänken, déi dann och deementspriechend ausbezuelt musse ginn.

**Esouvill zu dësen dräi Dekonten. Ech huele mir do den Aval vum Gemengerot. Merci villmools fir d'Unanimitéit. Da geet et weider an den Enseignement.**

## 7. ENSEIGNEMENT – GENEHMEGUNG VUN DER VERSPÉITER ADMISSIOUN VUN ENGEM SCHÜLER AN DEN ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei geet et ëm e Kand, dat 2016/2017 sollt an de Cycle 1 eriwwer goen, an ech soen elo hei bewosst den Numm net och wa mir hei an ëffentlecher Sitzung sinn.
Ech fannen dat net gutt, ech sinn och der Meenung, dass esou Saachen am Fong an net ëffentlecher Sitzung missten traitéiert ginn.
Hei gehéiert et awer an d'Séance publique, dofir soen ech hei ganz bewosst den Numm net a mir hunn natierlech, sou wéi d'Schoulgesetz vun 2009 et virgesäit, wann do sollt eng Admission retardée soll gemaach ginn, datt d'Kand och nach am Précoce sollt bleiwen, datt een do natierlech och eng Ordonnance médicale muss virleien hu vun engem Pediater.

Dat ass och hei de Fall an d'Eltere sinn och domadder averstanen. D'Kand ass an de staatleche Kannerheemer.

Wéi gesot, do hate mir e Courrier den 13. Juni vum Direkter vun de staatleche Kannerheemer a mir haten och de 7. Juni e Certificat médical vum Dokter Theisen, deen ausgestallt ginn ass fir an déi Richtung ze weisen, datt do eng Admission retardée sollt gemaacht ginn. Esouvill zu deenen Ausféierungen.

**Ass de Gemengerot domat averstan?**
**Dat ass unanime.** Merci.

Da komme mir zu der provisorescher Approbatioun vun der Schoulorganisatioun an et geet ëm déi regional Museksschoul an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.



# 8. REGIONAL MUSEKSSCHOUL - APPROBATIOUN VUN DER PROVISORESCHER SCHOULORGANISATIOUN VUN DER MUSEKSSCHOUL FIR D'JOER 2016/2017

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci fir d'Wuert. Ech presentéieren Iech elo déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Joer 2016/2017 sou wéi se den 28.06. arrêtéiert gouf an esou wéi si och de leschten Dënschden, den 12. Juli unanime an der Iwwerwaachungskommissioun vun der Museksschoul gutt geheescht gouf.

Dir wësst, an der Iwwerwaachungskommissioun, do sëtzen och eis Partnergemengen vun der regionaler Museksschoul an och eis Museken dran.

Wann ech soe "presentéieren", dann ass dat vläit e bëssen héich gegraff, well eigentlech sinn déi Chiffere jo ëmmer nëmmen eng Momentopnam.

Dat heescht, déi kënne 5 Minutten nodeems mir déi provisoresch Schoulorganisatioun gutt geheescht hu schonns erëm anescht ausgesinn, a bis zur Rentrée wäerten déi Chiffere sécher nach e puer Schwankunge gesinn.

Nichtsdestotrotz wësst Dir awer, datt mir all Joer dru gehale sinn, déi provisoresch Schoulorganisatioun hei gutt ze heeschen an d'Betounung läit wéi gesot op provisoresch.

Ech ka mech also hei just op Chiffere baséieren, déi provisoresch sinn an ech kann se dann och, wann ech se wëll vergläichen, fir richteg ze leien, och nëmme mat deene provisoresche Schoulorganisatioune vun deene Joere virdru maachen an och dee Verglach wëll ech am Fong relativ kuerz halen, well wéi gesot do nach esou munches kann änneren.

Wat mir bis elo konnte gesinn, ass, datt d'Unzuel vun de Schüler konstant bleift. Dat selwecht géif fir d'Chargés de cours an d'Unzuel vun de Classes à Cours individuels gëllen. Allerdéngs maachen déi selwecht Unzuel vu Schüler méi Coursen an dofir klëmmt dann déi Zuel.

Den Total vun de Klassen an der Formation musicale géing erop goen dëst Joer, well mir besonnesch am Éveil e grousse Zouwuess hu vu 57 op 72.

En anert Beispill wat ech nach wëll nennen, ass, datt mir d'lescht Joer d'véiert Joer vum Moyen verduebelt hunn an déi logesch Suite wier jo dann dee Moment, datt mir dëst Joer da géifen dat fënneft Joer verduebelen an dann hätte mir dann och eng duebel Offer an der Woch.

Mir hunn och bis elo 25 nei Aschreiwungen an de Blosinstrumenter an déi Schüler si via Courrier och kontaktéiert ginn, datt si iwwert déi verschidde Musekgesellschafte vun Diddeleng an eise Partnergemengen och kënnen en Instrument léinen.

Mir hunn och véier Aschreiwungen am Kontrabass, dee d'nächst Joer nei agefouert gëtt.

Aktuell sinn nach ronn 90 Schüler op enger Liste d'attente.

Dës Zuel ass absolut vergläichbar och mat de viregte Joeren.



Quasi all beleeën déi awer schonn op d'mannst ee Cours. Dat si graff gesinn zwou Kategorien.

Déi eng, déi ganz nei ufänken an e Sträichinstrument, Blockflütt oder Gittar wëlle léieren.

Do hu mir net genuch Plazen an déi aner, déi en Zousazinstrument, zum Beispill niewent Klarinett dann och nach Piano wéilte léieren.

Hei hu mir fir d'éischt deene Schüler en Accès erméiglecht, déi nach iwwerhaapt keen Instrumentecours haten.

Am Laf vum Joer kréien awer nach eng ganz Rei aner Schülerinnen a Schüler och eng Plaz. Firwat? Ma well a) am September ëmmer e puer Ancienen awer net kommen a b) well eng Rei Schüler während dem Joer ophalen.

Dat ass dat, wat ech zu der provisorescher – ech betounen et nach eng Kéier – Schoulorganisatioun ze soen hunn. Ech mengen, Dir hutt dat jo och virleien. Ech géing Iech bieden, dat esou ze stëmmen.

Mir kënnen eigentlech ganz houfreg sinn, sou eng gutt organiséiert an funktionéierend Musekschoul ze hunn. Ech weess net ob eng Partie Leit vun Iech gëschter op der Diplomiwwereechung waren, respektiv Ufanks der Woch um Drumming. Do gesitt Dir, datt dat alles funktionéiert an datt mir de volle Sall hunn an dat gëtt och vun eise Partnergemengen appréciéiert.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Presentatioun. Ginn et Froen zu der provisorescher Schoulorganisatioun? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Dat kënne mir dann einstweilen ofstëmmen.

**Wien ass mat der provisorescher Schoulorganisatioun averstanen? Dat ass unanime.** Merci villmools.

## 9. GEMENGEPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG

**9.1. Approbatioun vum geännerten Ausféierungsprojet am Deelbebauungsplang (PAP) " Lenkeschléi " – Phas 1;**

**9.2. Approbatioun vun der neier geännerter Konventioun betreffend den Deelbebauungsplang (PAP) " Lenkeschléi " – Phas 1**

**9.3. Approbatioun vum geännerten Ausféierungsprojet am Deelbebauungsplang (PAP) " Lenkeschléi " – Phas 2**

**9.4. Approbatioun vun der neier geännerter Konventioun betreffend den Deelbebauungsplang (PAP) " Lenkeschléi " – Phas 2**

Dan Biancalana (Buergermeeschter – LSAP): Hei schwätze mer vun engem wichtege Projet, deen amgaangen ass, de Projet Lenkeschléi wou mir am Fong 4 Punkten hei traitéieren.

Et geet engersäits ëm d'Phas 1, wou eng Rei Adaptatioune virgeholl gi sinn, an awer och hei d'Exekutioun vun der Phas 2 kënnt, wat en neie Moment ass, awer och e gudde Moment ass fir deen neie Quartier, deen hei an Diddeleng entsteet.

Ech géif Iech proposéieren, dass ech déi 4 Punkten zesummen duerchhuelen, well se zesumme gehéieren, an dass mir duerno eng allgemeng Diskussioun driwwer féieren. Wéi mir d'Phas 1 hei am Gemengerot diskutéiert hunn, do hate mir ëmmer an Aussicht gestallt, dass d'Méiglechkeet besteet, eng Phas 2 ëmzesetzen.



Dat ass och aktuell de Fall, well och d'Propriétairen, déi an der Phas 2 sinn, agewëllegt hunn, matzemaachen.

Mee, wéi gesot, an der Conventioun iwwert de PAP, ass déi Phas 2 ëmmer ernimmt ginn, mee si ass vun der Exekutioun ausgeklammert ginn, mir hunn eis ëmmer d'Optioun gelooss, wann d'Propriétairen, d'Famill Pauli, matmécht, dass een dann d'Méiglechkeet huet eran ze huelen, a Conditioune fixéiert, dat zu der Phas 2.

A mir haten och am PAP vun der Phas 1 drastoen, dass ee ka punktuell Adaptatioune maachen, par rapport zu der Phas 1, an och dat ass e Bestanddeel vun der Diskussioun vun haut.

Fir de Kader ze setzen, am Februar 2012 war den éischten Vote vum PAP Lenkeschléi an de Vote définitif mat der Convention d'exécution vun der Phas 1 dat war am Oktober 2013.

Nach eng Kéier fir Iech de Kader awer ze setzen, vu dass et e wichtege Projet fir d'Stad Diddeleng ass, et ass een vun deene gréisste Wunnengsbauprojeten, dee mir an de leschten 20 Joer an Diddeleng gemaach hunn.

Et ass e Projet wou ronn 240 Wunnenge kommen, a wou elo bei der 2. Phas 41 Logementer dobäi kommen, an dovunner och 3 Logementer à coût modéré, well dat jo och e Bestanddeel war, dass um ganze PAP, Phas 1 a Phas 2, bei dësem Projet 10% an de Logement à coût modéré geet, an et fënnt een an deenen 2 Konventiounen déi néideg Dispositiounen erëm wat de Logement à coût modéré ugeet.

Wéi gesot, dat zu de Logementer, Haiser, Appartementer awer och d'Wichtegkeet vum Quartier, eng Zone de rencontre, eng Quartiersspillplaz, an eng Schoul, och déi ëffentlech Infrastrukturen déi an dem dote Quartier virgesi sinn, an déi och ganz gutt viru kommen.

Dat einfach e bësse par rapport zum generelle Kader zum PAP "Lenkeschléi".

Elo e bësse méi am Detail, wat huet eis dozou gefouert dass mir déi Adaptatioune maachen, wat d'Phas 1 ugeet, respektiv duerno d'Phas 2?

Wat an der Phas 1 den Ausléiser war fir déi néideg Adaptatiounen, dat ass déi nei Reewaasserachs, déi elo Richtung Bloklapp geet.

Dat ass deen éischten Deel hei vum Projet d'exécution, wou déi néideg Modifikatiounen virgeholl gi sinn.

Also eng nei Reewaasserachs, déi geluecht ginn ass par rapport zu deem wat initial virgesinn war, dat sollt jo Richtung Diddelenger Baach goen.

Da sinn awer eng Rei Infrastrukturaarbechte geännert ginn wat de Réckhalebecken, de Bassin de rétention, ugeet an den 3. Volet ass dee ganze Volet wat de Paysagiste ugeet, wat d'Quartiersplaz ugeet, wat d'Spillplaz ugeet, respektiv eng Rei Schoulweeër.

Et ass dat, wat am éischten Dokument erëmkënnt, wou eng Rei Detailer dran sinn, wat déi verschidde Voleten ugeet.

Wat huet derzou gefouert, dass hei déi Phas 1 sollt geännert ginn?

Engersäits d'Reewaasserachs, déi mir nei geluecht hunn, an déi elo, net wéi virdru virgesi laanscht d'Flegestatioun sollt goen, mee am Fong elo Richtung Bloklapp geet, wou de Bauer Hoffmann säin Terrain zur Verfügung gestallt huet, wou mir eng Servitude driwwer kruten, a wou ronderëm Ouschteren en Deel vun der Strooss gespaart gouf vu Ponts & Chaussées.

Dat war fir déi Aarbechten ze maachen, an natierlech déi nei Reewaasserachs, déi och Richtung Triage geet, an natierlech och de Virdeel vun där neier Reewaasserachs, si geet elo nëmmen nach biergof bei dem viregte Projet wär se deelweis biergof gaangen, et hätt e Siphon misse geluecht ginn, si wier och deelweis biergop gaangen, dat heescht hei si mir an enger vill besserer Situatioun wéi initial virgesinn, wat den Debit ugeet, op där anerer Säit, awer och en Virdeel, an dofir virgräifend par rapport herno zu der Konventioun, falen natierlech och d'Aarbechten, d'Infrastruktursaarbechten do méi bëlleg aus, well mer am Fong 600 Meter Leitung, 600 Meter Reewaasserachs gespuert hunn.

Dat heescht natierlech och 600 Meter manner Entretien an Ënnerhalt, mee natierlech och um Niveau vun de Käschten, huet dat och säin Impakt.

Dofir hu mir och déi Modifikatioun gemaach um Niveau vun der Dépense wat déi dote Reewaasserachs ugeet.

Da sinn natierlech aner Punkten, déi ech wëll opgräifen.



Dass e puer Adaptatioune gemaach gi sinn um Niveau vun der Quartiersplaz, wou d'Trape liicht ugepasst gi sinn, awer och op der zentraler Plaz, do ass en aneren Enrobé geholl ginn ewéi initial virgesinn, deen huet e bësse méi Faarf kritt.

Dat sinn Adaptatiounen, déi gemaach ginn, de Bassin de rétention duerch déi nei Reewaasserachs huet net méi sou bräichte gemaach ze ginn ewéi initial virgesi war.

Dat heescht, et sollt en oppene Bassin de rétention beim Kräizbierg, Mayrisch Saint-Hubert gemaach ginn an duerch déi nei Reewaasserachs brauche mir dat net.

Am Virfeld wollt ech soen, och fir déi nei Reewaasserachs ze leeën hutt Dir net nëmmen den Aval gebraucht fir duerch déi Terrainen ze fuere fir déi Achs ze léeen, mee et huet een natierlech virun allem och d'Autorisatioun missen kréie vum Waasserwirtschaftsamt, vun der AGE, déi hunn och déi dote Solutioun prekoniséiert, wou se gesot hunn, par rapport zum Quartier deen entsteet, ass dat doten eng besser Situatioun, wéi déi wou der virdru virgesinn hat.

Dofir hu mir dann och déi néideg Adaptatioune virgeholl.

Dann, wéi gesot, déi Modifikatiounen um Bassin de rétention deen op ass, duerch déi nei Reewaasserachs.

Dann sinn awer och, dat fënnt een och herno an der Konventioun erëm, eng Rei Weeër, déi frësch gekuckt gi par rapport och zu de Servituden, mee wat virun allem och hei ass, do ass och hannendrun e Bësch, do sollten zwee Weeër aménagéiert ginn.

Déi zwee Weeër falen ewech, well dat och mat sech bruecht hätt, dass hätte méi Beem ofgeholzt ginn, dunn hu mer gesot, komm mir maachen een einfache Wee dotëschent, wou ee kann duerch dee Bësch hannen, duerch déi Gewan ka goen, an och dat eng Adaptatioun par rapport zu der Konventioun déi och hei virläit.

Dat par rapport zu der Modifikatioun, zu der Exekutioun.

Dann hei d'Conventioun en tant que telle, dat ass den 2. Deel vun der Phas 1, dat sinn ëmmer 2 Voleten déi awer uneneen sinn.

Als préambule hu mer natierlech misse soen, dass dës Konventioun déi mir virleien hunn, déi viregt ersetzt, mat deenen néidege Modifikatiounen.

Wat nach dra geännert huet, am Artikel 2, dat ass dee ganze Volet mat der Reewaasserachs, dass dee Richtung Bloklapp geet, wou mir och d'Autorisatioun vum Waasserwirtschaftsamt dra gesat hunn, dass déi och virläit.

En anere Punkt, dee geännert huet, dat ass par rapport zum Revêtement, den definitive Revêtement, op der Säit 4, dass dee ka gemaach ginn, sur simple demande écrite vun der Gemeng, dat heescht mir sinn dann do um Zuch.

Virdru war virgesinn, dass et eréischt gemaach gëtt wann de Projet ganz fäerdeg ass.

Da par rapport zum Artikel 4, dat sinn déi Garantien eben duerch déi Adaptatiounen déi gemaach gi sinn.

Par rapport zu der Reewaasserachs si mer net méi bei Garantien vun 2,9 Milliounen Euro, mee bei enger Garantie vun 1,1 Millioun Euro.

Och do ass eng Adaptatioun gemaach ginn, an d'Infrastrukturaarbechten, sinn ewéi gesot och net méi esou héich, si sinn e bësse méi héich ausgefall vun 6,4 op 6,5 also net dramatesch vill.

Dann, wat nach dobäi komm ass, dat sinn déi Servitude-techniquen, déi mir brauchen, och par rapport zu der Reewaasserachs, an dann eben och déi Servitude de passage fir dass mir och fir déi néideg Installatiounen, déi mir do maachen, Accès dozou hunn.

Dann nach aner Punkten, op der Säit 7, dass mir eis do och eng gewëssen Ouverture gelooss hunn.

Mir wëssen net, wann deen dote Projet sech entwéckelt, wéi d'Energieklass sech entwéckelt. Et geet Richtung A, mir hu jo do en neit Gesetz, dass mir dat vague gehalen hunn, dass mir eis un déi Energie Klass am Fong drunhänken, déi en vigueur ass ab deem Moment, wou gebaut ginn ass.

Dat dispenséiert eis net, eng aner Energieklass unzeweisen, mee et gëtt eis awer d'Méiglechkeet, ze adaptéieren wann um nationale Plang aner Iwwerleeunge géife kommen, déi zwar de Moment net do sinn, mee dat ass eng Adaptatioun déi mir nach gemaach hunn.

Dat par rapport zu der Phas 1, déi 2 Voleten.



Da gi mir iwwer op d'Phas 2, wou mir och d'Convention d'exécution, d'Convention relative, d'Mise en oeuvre vum PAP virleien hunn.

Do sinn natierlech och klassesch déi verschidde Punkten, déi een do erëm fënnt, wat d'Approbatioun vum Projet d'exécution ugeet, dee baséiert och nach ëmmer op dem PAP, et ass dat wat iwweruerdnend de Moment dran erëm ze fannen ass, an hei nach eng Kéier am Projet d'exécutioun Referenz fënnt op d'Réseauen, op d'Kanalisatioun, awer och op d'Axe-routieren.

A mir hunn hei am Fong an der Convention d'exécution virleien, dass engersäits den Här Jean-Marie Kontz stellvertriedend fir den Här Pauly an den Här Paulin hei déi Terrainen era gëtt, fir d'Phas 2 hei kënnen ze entwéckelen, an et fënnt een hei vum Opbau vun der Phas 2 dat selwecht wéi och an der Phas 1, wat déi verschidde Konditiounen, Opbau erëm fënnt, engersäits natierlech dass dës Konventioun periméiert ass, wann innerhalb vun 2 Joer de Promoteur net ugefaangen huet mat den Infrastruktursaarbechten.

Déi nächst Etapp ass jo, wann déi heite Konventioun gréng Luucht kritt, dass dann och eng Baugenehmegung ausgestallt gëtt, mee wéi gesot, ass hei d'Konditioun, dass mir eng Garantie hunn, dass d'Aarbechten ufänken, do hu mir deen Delai vun 2 Joer dra gesat.

Den Objet ass natierlech, dass d'Phas 2 ëmgesat gëtt, an dass esouwuel d'Travaux de voirie an och d'équipements publics do sollen ëmgesat ginn.

Da fënnt een erëm, dass d'Durée vun der Réalisation des travaux d'infrastructure fir déi 2. Phas ongeféier 6 Méint dauert, et ass dat wat previsibel ass.

Natierlech brauch et manner Zäit wéi an der Phas 1 well och d'Phas 2 vun der Envergure méi kleng ass wéi d'Phas 1, wéi ech dat och skizzéiert hunn, et sinn och vill manner Logementer, déi do gebaut ginn.

Do si mir an der Héicht vun 41 Logementer, an natierlech ass och hei virgesinn, dass all Modifikatioun och eng Autorisatioun brauchs.

Da steet awer och hei ganz kloer dran, um Niveau vun de Garantien, wéi och bei der Phas 1, dass de Montant vun den Travaux d'infrastructure bei 620.100 Euro TTC läit, also mat deene 17% TVA.

D'Travaux d'aménagment paysagé, also de Volet vun der Begréngung, dat mécht e Montant aus vun 7.405,37 Euro.

Dat um Niveau vun de Garantien, an de Promoteur muss dat natierlech presentéieren éier d'Aarbechten ufänken an natierlech kënnt d'Garantie en fonction vun den Aarbechte wéi se weider kommen, et kann natierlech och sinn, dass do d'Garantie erof gesat gëtt, d'Garantie ass jo virun allem och do wann iergendwellech Situatioune wieren, wou de Promoteur an d'Faillite géif goen, dass d'Gemeng awer déi Suen an der Kees huet fir kënnen d'Aarbechte weider ze maachen.

Et ass ëmmer eng Garantie fir d'Gemeng och par rapport zum Projet.

Dann ass nach eng Kéier hei dra geschriwwen, dat ass den Domaine public, do hate mer jo och schonn 2012 an 2013 gesot, dass dat, wéi d'Gesetz et och virgesäit, wat een um Domaine oftrëtt, dat si 25%, hei si mer bei 24%.

Do ware mer eis hei am Gemengerot eens, dass mir domadder averstane sinn, och dat bleift hei nach ëmmer gewahrt.

Dann natierlech zu de Baugenehmegungen, déi de Buergermeeschter ausschreift.

Wann déi heite Konventioun approuvéiert gëtt, an et fënnt een natierlech de Logement à coût modéré hei erëm, dat sinn der dräi Stéck, vun deenen der 24 vun deene Logementer, an dat sinn natierlech 3 Haiser, déi en bande sinn, déi hei an de Logement à coût modéré falen.

Do hu mer dat selwecht gelte gelooss wéi an der Phas 1, dass natierlech esoubal dat lass geet mat der Reservatioun, dass mir dat notifiéiert kréien, dass 12 Méint Zäit si fir déi Haiser ze verkafen, de Logement à coût modéré, an dass se dorops hin, wéi och an der Phas 1, d'Gemeng zwee Méint Zäit huet fir en Droit de préemption, deen se da ka spille loossen, an wann d'Gemeng deen Droit de préemption net géif notzen, oder just zum Deel notzt, da falen déi dote Wunnengen op den normale Marché zeréck.

Mir sinn hei bei engem Prix de vente vu maximum 3.550 Euro de Meter carré, an d'Energieklasse ass en vigueur ab deem Moment wou et och sech uleent un de legislative Kader, deen national fixéiert ass.



Gemiess dem Artikel 10, wann de Promoteur aus iergendwelleche Grënn géif d'Phas 2 un anerer iwwerginn oder verkafen, misst deen neie Propriétaire deen hei de Projet ëmsetzt sech un déi selwecht Conditiounen halen sou wéi mir se hei festgehalen hunn.

Esouvill en détail zu deem, wat d'Allocatiounen zu der Phas 1 ugeet, respektiv awer och déi Phas 2.

Ech si ganz frou, dass déi Phas 2 hei zum Droe kënnt.

D'Phas 1 war ëmmer ëmsetzbar ouni d'Phas 2, mee elo mat der Phas 2 gëtt dat dem ganze Quartier méi eng Unitéit, e kritt e méi globale Kader, an ech mengen och dat dréit zu der Attraktivitéit vun dësem neie Quartier hei an Diddeleng bäi.

Voilà, ech hu probéiert lech wéi gesot in extenso déi néideg Informatiounen ze ginn, wat d'Phas 1 an d'Phas 2 ugeet, an d'Diskussioun ass elo op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech hunn haaptsächlech e puer Verständnesfroen. Et geet em déi Reewaasserachs. Ech wéisst gär, wou déi genee hileeft? Déi leeft erof an de Bloklapp, mee verleeft déi am Bësch oder?

Dir schwätzt och vum Bauer Hoffmann, deen do implizéiert ass mat enger Servitude.

Awéifern ass säin Terrain implizéiert?

An eng Fro déi ech hätt: Ass dee Privatterrain den Eenzegen, deen implizéiert ass? Well et leien nach privat Terrainen do ënnen am Bloklapp, oder sinn der do nach implizéiert duerch dee Projet?

Elo ass dat ganz jo dann vill méi bëlleg ginn, duerch déi méi bëlleg Reewaasserachs, bal 1,8 Milliounen Euro manner, trotz enger méi héijer TVA.

Ech hunn elo gemengt ze verstoen, dat wier d'Gemeng déi do spuert, mee kënnt Dir mir dat confirméieren, oder ass et de Promoteur, deen dat elo aspuert, well ech hunn iergendwou gelies an engem Artikel 2, dass de Promoteur alleng déi ganz Infrastruktursaarbechten ze droen huet, finanziell an och d'Responsabilitéit dervun.

Gehéieren dës Infrastrukturen vun der Reewaasserachs och dozou?

Dee Moment ass et also de Promoteur, deen déi 1,8 Milliounen Euro aspuert an net eis Gemeng?

An da steet och nach iergendwou an der Konventioun, dass de Promoteur all déi Travaux d'infrastructure fir d'eaux pluviales misst fäerdeg hunn, éier d'Haiser gebaut ginn.

Do sinn awer schonn e puer Haiser wou de Réibau scho bal fäerdeg ass.

Wéi wäit si mir do nach korrekt mat deem wat do am Artikel steet?

A wann ech dat richteg verstinn, an der Konventioun vun der Phas 2, do soll awer d'Reewaasser an d'Diddelenger Baach lafen, dat kënnt Dir mir nach villäicht confirméieren. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, ech géif kuerz Stellung huelen zu deenen 2 Konventiounen an och zu deenen 2 Ëmsetzungsprojete vum PAP "Lenkeschléi".

Fir d'éischt ze erwänen ass, dass et 2 nei Elementer an deem Ganze gëtt, déi äusserst positiv da sinn: Eischtens, dass d'Promoteuren en Accord fonnt hu mat de Propriétairen, déi nach net verkaf haten, an doduerch de Gesamtprojet méi rationell kann duerchgefouert ginn.

Doduerch kommen an der Phas 2 och nach 41 Logementer dobäi.

An zweetens ass ze begréissen, dass méi eng kuerz Variant fonnt ginn ass fir d'Reewaasser op méi engem kuerze Wee an deen natierleche Circuit zeréck ze féieren, an doduerch d'Aarbechten wesentlech méi bëlleg wäerten ausfalen, an och besser ginn.

Dass all déi Investissementer wichteg sinn, déi mat der Evakuéierung vum Reewaasser zesummen hänken, hunn déi lescht Reefäll bewisen.

Déi Reewaaserréckhalebecke ginn ëmmer méi noutwenneg a besonnesch op deem dote Plateau. Wann eng grouss Fläsch versigelt gëtt, mir kënnen nëmmen hoffen, dass d'Berechnungen vum Bureau d'Étude an d'Kontroll vum Waasserwirtschaftsamt sech op esou schlëmm Fäll agestallt hunn, wéi mir an der Lescht gesinn hunn, an dass se och déi beschtméiglech Léisunge virgesinn hunn.



Wat d'Konventioune betrëfft, sou sinn déi 2 nom selwechte Schema opgebaut. Déi éischt Konventioun ass nëmmen e wéineg ofgeännert gi par rapport zu enger éischter Versioun, do schéngen all Ofännerungen eis sënnvoll, mir stëmmen deene Konventiounen dann och zou.

Erlaabt mer just nach Froen a Bemierkungen zu den Sozialwunnengen, déi an deenen 2 Phase virgesi sinn.

De Quadratmeterpräis ass jo méi nidderег wéi bei deenen aneren Appartementer an Haiser. Wéi gëtt dat erreecht? Ass d'Ausféierung vun deenen Haiser an Appartementer anescht, fir dass do kënne Käschte gespuert ginn?

Et steet jo an der Konventioun, dass déi Logementer eng Zäit reservéiert ginn, ass déi Zäit schonns ugelaf?

Hunn sech schonn Interessente gemellt?

D'maximal Präisser vun de Logementer vun der 2. Phas sinn ongeféier 400 Euro de Quadratmeter méi bëlleg wéi déi vun der 1. Phase, wat ass d'Erklärung dofir?

Déi Quadratmeterpräisser sinn awer net sou erschwénglech.

Ech hu mir d'Quadratmeterpräisser vun den Appartementer ugekuckt déi den Observatoire de l'Habitat publizéiert.

Bei Diddeleng läit de Quadratmeterpräis vun existéierenden Appartementer genee bei dem Maximumbetrag fir soziale Wunnengsbau aus der éischter Konventioun.

An och déi nei gebauten Appartementer leie laut deene Chiffere fir Diddeleng zwëschent 3.870 Euro an och iwwer 5.900 Euro fir eng ganz luxuriéis Ausféierung.

Et kann een also fäerten, dass déi Logementer à coût modéré op Lenkeschléi sech net gutt verkafen.

Wann se sech net verkafen, huet d'Gemeng jo en Virkafsrecht während 2 Méint.

Ass dat eng Optioun, déi de Schäfferot an d'A faasst?

Wat geschitt wann déi Logementer kee Keefer fannen an d'Gemeng se och net keeft?

No wéi enge Kriterie ginn se da verkaf?

Et ass jo da wahrscheinlech net garantéiert, dass wierklech bedürfteg Leit déi Logementer kafe kënnen.

Misst een sech net aner Methoden iwwerleeë fir de Quadratmeterpräis méi nidderег kënnen ze kréien, op dëser Plaz wieren Terraine jo besonnesch deier.

Wier hei net d'Méiglechkeet vum Bail emphytéotique, dat heescht wou de Keefer nëmme Propriétaire vum Terrain fir eng begrenzten Zäit gëtt, méiglech gewiescht?

Dat wieren déi Froen, déi ech dozou nach gehat hätt.

Wat de Projet d'exécution elo betrëfft, dat heescht d'Ëmsetzung vun deem wat mer am PAP schonns gutt geheescht hunn, sou entspriechen déi och deene Virgaben.

Mir haten sengerzäit dem PAP Lenkeschléi zougestëmmt, well mir dodran eng interessant urbanistesch Gestaltung gesinn haten.

Mir hu festgestallt, dass d'Ëmsetzung vun der Quartiersplaz an och vun der Spillplaz ganz flott ausgesinn.

Déi Pläng, déi mir konnte konsultéieren si flott ginn, souwuel wat de Belag wéi och d'Plazen an d'Stroosse betrëfft, wéi och wat d'Beplanzung betrefft¨.

Mir wäerten also souwuel de Konventiounen wéi och den Ëmsetzungsprojeten zoustëmmen. Merci.

Romy Rech (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech kann deem bäipflichten wat meng Kollegen elo vun deenen anere Fraktioune gesot hunn.

Do sinn eng ganz Rei vu pertinente Froen, déi wäerte mir jo dann och hei opklären a beäntweren.

Ech stelle fest, dass dat dote gutt evoluéiert, dass mir zwee ganz positiv Elementer do hunn, déi mir am Ufank, wéi mir déi Projeten do virgeluegt kritt hunn, net haten, deen ee mat der Reewaasserachs an deen anere mat deem Privatpropriétaire, deen elo am Nachhinein agelenkt huet, wat jo och erëm e Surplus vu Wunnengen a vu Logementer bedeit.





Ech fannen et nach wéi vor, och wéi mir hei am Gemengerot all kéiers iwwert déi dote Saachen diskutéiert hunn, positiv, deen ass op enger Plaz an Diddeleng wou et wierklech Sënn mécht an derwäert ass, fir sou ee grousst Lotissement ze maachen.

Dat wäert och eng flott Geschicht ginn, deelen natierlech och hei, well dat frappéiert een, natierlech d'Präisser, mee ech huelen un, dass d'Präisser sech net nëmme beim Promoteur maachen, mee si maachen sech och um fräie Maart, an dat ass eben e bësse d'Perversitéit vun der Lëtzebuerger aktueller Situatioun.

Mir sollten elo net maachen, wéi wann dat doten sech nëmme spezifesch op den Diddelenger Terrain bezéien, et ass net wouer, et gi genuch Statistiken a genuch Études dodriwwer, déi weisen dass et e gewëssen Attraktioun gëtt, sief et am Süden op verschiddene Plazen, sief wat s de méi no bei den Zentrum kënns, op verschiddene Plazen ëmmer méi deier gëtt, an wann s de dann an den Norde kënns, gëtt et op emol vill méi bëlleg.

Ech mengen, et ass awer wichteg fir och do vigilant ze bleiwen, an et ass och wichteg fir ze kucken, och als Gemeng, wat een do, an dat maache mir jo och, wéi mir do kënnen awierken.

Also, eis Fraktioun ass mat deenen zwou Konventiounen selbstverständlech averstanen, e flotte Projet a wierklech e Plus fir d'Diddelenger Leit.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Genee wéi 2013 ënnerstëtzt d'CSV dës Initiativ, déi am Fong jo vun engem private Promoteur ausgaangen ass, an déi dann am Gemengerot e positiven Aval vun alle Parteie kritt huet, dat ënnersträiche mir nach eng Kéier explizit, dass mir hannert dem Projet stinn.

Ech hunn nach eng oder 2 Froen, mir war opgefall dass wéi d'Madame Goergen gesot huet, dass d'Sozialwunnengen an der éischter Phas 3.930 Euro pro Meter carré kascht hunn, an der 2. Phas 3.550 Euro pro Meter carré, an do wäert den Här Buergermeeschter eis villäicht nach eng Kéier kënnen erklären, firwat dat esou ass.

Ech hat awer och nach eng Detailfro, an der 2. Konventioun do steet och, am Ënnerscheed zu der 1. Konventioun, dass d'Servitude vu verschiddenen Accèsen d'Servitude de passage, do hate mer an der éischter Konventioun stoen, dass déi misst "ouverte au public" sinn, an hei ass déi awer just nach "reste à tout moment accessible aux exploitant de réseaux de distribution ainsi qu'aux services de la commune", dat heescht, sinn dat Servituden, déi awer, wou awer elo net normal Leit mam Vëlo oder ze Fouss kënnen doduerch goen, ass dat eng Ännerung?

Kënnen do d'Leit e Schëld dohinner maachen, dass dat e privaten Terrain ass?

Dat war nach eng Fro, déi ech awer wollt stellen.

An dann, wat awer elo nach guer net erwänt ginn ass, a wat eis awer um Häerz läit, a wat ech och schonns an enger Fro un de Schäfferot virun e puer Méint gefrot hat, wéi steet et mam Projet Bildungshaus Lenkeschléi, mat der Schoul an dem ganzen Site?

Mir hunn elo héieren, elo ass d'Phas 2, do kommen nach eng Kéier 41 Logementer dobäi, dat heescht mir hunn an der 1. Phas 240 Logementer, plus 41, dat sinn 281 Logementer a mir hate gesot, op déi 45 Ar déi virgesi sinn, do kënnt eng Schoul mat enger Maison-relais.

Ech fannen, mir sinn do e bësse relax wa mir dat elo sou gesinn, wa mir bis elo nach keng Pläng gesinn hunn, an dass do nach weider keng Presentatioun am Gemengerot gemaach ginn ass, weder vun de Gebailechkeeten, nach vum Konzept.

Mir haten eng Préambule esou ze soen, also eng Réunioun, mee et wier lo villäicht esou lues un der Zäit fir do mol e Projet ze weisen, wéi mir dat do virgesinn, well mir hate jo och fir 2016, 100.000 Euro fir d'Étudë vum Bildungshaus Lenkeschléi virgesinn.

Dofir nach eng Kéier meng konkret Fro: Wou si mir do drun, wéini fänke mir un, eis Schoul do ze bauen? Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Déi Ännerungen an d'Weiderféierung vum Projet, déi mir gesinn hunn, déi si positiv, ech gi vun eiser Säit awer e gewësse Malaise mat deem Projet net lass.

Et muss ee jo och gesinn, dass dee Projet virun 11 Joer an d'Weeër geleet ginn ass, a virun 3 Joer an eng akut Phas komm ass.



Dee Malaise berout einfach dodrop, datt mir fir dee Projet hei awer 11,9 Hektar fir 240 Wunnengen an der Phas 1 verbrauchen.

Flächen, dat ass eppes, dat kann een net zéien, déi vervielfältegen sech leider net.

Mir gesinn dann och, obschonns dass et e Logement à coût modéré ass, dass een e Mindestloun pro Mount brauch fir en halwe Meter carré ze bezuelen.

Also dofir dee Malaise, well mir denken, mir kënnen net nëmme méi niddereg Präisser kréien, wa mer vill méi dicht bauen.

Wéi gesot, dee Projet u sech fir déi Leit, déi an Zukunft wäerten dra wunnen, gesäit ganz flott aus, mee ech wollt vun eiser Säit déi Bedenken, déi mir allgemeng hu géint d'Logementspolitik nach eng Kéier widderhuelen.

Mir wäerten dann déi Saachen, déi eis virgeluecht goufen, well se effektiv an déi richteg Richtung ginn, och hei matstëmmen, mee awer och mat deem Malaise, deen ech zum Ausdrock bruecht hunn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Thill. Ginn et nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, dann wäert ech elo probéieren, op déi verschidde Punkten anzegoen.

Par rapport zu deem wat den Här Gangler gesot huet, villäicht hunn ech mech net kloer genuch ausgedréckt, am Fong ass par rapport zu der Reewaasserachs och an der Phas 2, et geet alles Richtung Bloklapp, dat gëtt dann un dee bestoende Kanal ugeschloss.

Dat heescht, initial war et virgesi fir an d'Diddelenger Baach an duerch déi nei Dispositioune geet jo alles an déi Bloklapp, an d'Phas 2 natierlech och, et gëtt jo un de Réseau ugeschloss, dat heescht et geet alles wat Phas 1 an 2 ass, dee ganze Reewasserkanal geet a Richtung Bloklapp.

Op alle Fall geet alles a Richtung Bloklapp.

Dann, par rapport zu den Travaux d'infrastructure, et ass kloer, dass par rapport zu der Garantie, déi de Promoteur muss ginn, dass déi Garantie muss erof gesat ginn, well d'Aarbechten, déi hie muss do finanzéieren, déi ganz Kanalisatioun méi bëlleg gëtt, mee natierlech gëtt et och méi bëlleg fir d'Gemeng well d'Gemeng muss herno dee ganzen Entretien maachen.

Dat heescht, wat de Kanal méi grouss ass, wat en sech méi zitt, wat natierlech herno och d'Entretiensfraise fir d'Gemeng méi héich an och méi opwenneg ginn.

Dat heescht, sécherlech huet de Promoteur bei sengem Invest do gespuert mee d'Gemeng mëttel- a laangfristeg och, well si herno responsabel gëtt fir den Entretien.

Wat déi Servituden ugeet, ass et esou, dass natierlech dee ganze Kanal op privater Propriétéit ass, mee wa mussen Interventioune gemaach ginn, dofir sinn d'Servitudë jo do, da kann d'Gemeng se maachen, mee déi Leit déi eis Terrainen zur Verfügung gestallt hunn, fir dass déi Reewaasserachs ka realiséiert ginn, déi kënnen natierlech hiren Terrain notzen wéi se dat och elo maachen.

Dat ass keng nei Situatioun, mir hunn och aner Situatiounen an Diddeleng, wou dat och esou ass.

Ech kann awer gären nach eng Kéier nokucken, mee wann nach en aneren do wier, géif dat den selwechte Prinzip spillen wéi par rapport zum éischte Propriétaire. Et geet dorëms, dass een einfach Servituden dorop huet, déi een da kann notzen au cas où, wou eng Interventioun muss gemaach ginn, um Kanal.

Par rapport zu der Phas 2 an zu de Präisser vun de Wunnengen, et ass richteg, dass et engem opfält, dass do en Ënnerscheed ass.

Virun allem huet dat domadder ze dinn, dass dat heiten Haiser sinn déi en bande gebaut ginn, dat ass eppes aneschters wéi déi aner déi an der Phas 2 sinn, vun der Ausféierung hier, vun der Aarbecht hier gëtt et effektiv grad well se en bande sinn, a well se vun der Quadratmeterfläch hier och méi kleng sinn, dofir fënnt een hei e Quadratmeterpräis, dee méi niddereg ass.

Esouwuel bei der Phas 1 wéi och bei der Phas 2 ass et ëmmer e Maximum, dat wëll net heeschen dass et och deen ass, et ass ëmmer e Maximum, dat heescht et kann och fir manner sinn.

Dat ass ëmmer d'Diskussiounsbasis, souwuel an der éischter Phas wéi och an der zweeter Phas, well do hat ech virdrun vergiess ze soen, mir hu schonns mat-





gedeelt kritt, sou wéi et an der Konventioun steet, dass am Fong 13 Unités de mise en vente gemaach ginn, vun 13 Unitéiten an der Phas 1 ass jo elo 5.1 bis 5.4 an do leeft jo déi Prozedur.

Et ass net esou, dass alles an enger Kéier matgedeelt gëtt, et gëtt jo en fonction vun der Mise en vente, dat gëtt jo progressiv gemaach, dat heescht, hei lafen déi 12 Méint, mir hunn och matgedeelt kritt, dass d'Agence dat da verkeeft, et muss eng Publikatioun gemaach ginn, an no engem Joer wann et ofgelaf ass, muss ee kucken, wéi d'Situatioun ass par rapport zu deem doten an da lafen dann déi 2 Méint, déi d'Gemeng huet fir den Droit de préemption, dat heescht mir wäerte wéi mir gesot hunn deemno wéi de Projet sech entwéckelt natierlech regelméisseg Courrier kréie vum Promoteur, wou e seet, elo gëtt d'Mise en vente gemaach, elo lafen déi 12 Méint, an da muss ee kucke wéi een och als Gemeng reagéiert a sech positionéiert.

Mir wëssen natierlech, wann een hei d'Méiglechkeet huet, hei gëtt e subventionéierte Wunnengsbau bedriwwen, dat heescht, och wann d'Gemeng sech do wéi am Projet "Am Duerf" géif akafen a vum Droit de préemption Gebrauch maachen, da spillen och nach déi 75% Subventioun vum Logementsministère.

Dat ass dat Eent, an dat Anert ass wéi ech virdrun och sot, et ass ëmmer e maximale Quadratmeterpräis, och do gëtt et e gewëssene Spillraum.

Ech mengen, déi Idee mam Bail emphythéotique, do ass de Propriétaire um Zuch, haaptsächlech bei Haiser, mee et ass sécherlech e Wee, deen ee ka goen wann een dat wëll, et ass eng Suggestioun déi ee ka gi wann e Propriétaire wëll an d'Richtung goe vun engem Bail emphythéotique.

Et ass um Niveau vun der Marge vun de Präisser sécherlech méiglech, mee generell, et gouf Referenz gemaach op den Observatoire de l'Habitat, do mierkt ee generell, dass Diddeleng eng net all ze bëlleg Gemeng ass fir ze wunnen, obwuel, op där anerer Säit mierkt een déi Tendenz, dass wat ee méi vun der Stad ewech geet, wat de Quadratmeterpräis méi erofgeet.

Dat spillt zum Deel awer net ganz zu Diddeleng, do sinn aner Gemengen, do spillen déi doten Iwwerleeunge vill méi.

Ech mengen, déi selwecht Fro hat d'Madame Kayser gestallt, do hunn ech drop geäntwert.

Mat den Servitude-de-passagen, dat ass am Fong esou, dass déi kënnen deelweis genotzt ginn, mee déi kënnen net zougesat ginn, och do mussen eis Servicer ëmmer Accès hu wann e Kanal oder iergendwéi Infrastrukturen do leien.

Generell muss ëmmer den Accès garantéiert sinn, dat heescht déi kënnen elo net zougebaut ginn.

Dat ass e bëssen d'Iwwerleeung déi hei garantéiert bleiwe fir d'Gemeng.

D'Motivatioun fir dat ze änneren sou wéi ech mir dat erkläre gelooss hunn, dat ass am Fong d'Féierung vun deene verschiddenen Accèsen an och duerch déi Féierung vun de Reewaasserachsen am Quartier selwer an der Phas 1, do sinn och Adaptatioune gemaach ginn, déi och mat sech bruecht hunn, dass déi Servituden aneschters musse kënne genotzt ginn.

Dat war d'Iwwerleeung, mee well mer hei méi an den Detail gaange sinn, wéi an der 1. Phas dofir huet dat och missen hei ajustéiert ginn.

Dann nach den Timing par rapport zum Bildungshaus, dat hate mir jo schonns hei kloer gesot, dee steet.

Am Hierscht soll dat ficeléiert ginn an an déi Richtung gaange gi vun enger Ausschreiwung, dass een déi ufanks vum nächste Joer mécht, an hei war och d'Iwwerleeung, déi mir an d'Ae gefaasst hunn, e Kader ze maache wéi och bei der Sportshal vun engem Dialogue compétitif, well hei d'Iddi an d'Bestriewe mam Aarbechtsgrupp déi sinn, dass een d'Besoinen an d'Funktionalitéit mat eran hëlt an déi verschidde Fluxen an da sinn och d'Ausschreiwungen, déi een da mécht, d'selwecht wéi beim Hartmann, dass dat Prioritéit huet, an net herno de Bau oder d'Ästhetik vum Bau selwer - déi solle sécherlech schonns kloer an de Quartier mat era passen - mee et si virun allem d'Besoinen an d'Funktionalitéit vun der Schoul déi hei ziele fir dass de Charakter och gewahrt bleift.

Domat hunn ech probéiert, op déi eenzel Froen anzegoen.



Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt just eng Kéier drop agoen op dee Mëssel zwëschent déi 2 Reewaasserachse vun deenen 2 Phasen.

An der Konventioun vun der Phas 2 op der Säit 3, do steet "d'Propriétairen erklären sech domat bereet, dass se d'Fraisen droe vun den Études a vun den Aarbechte fir d'Conduite vun den eaux pluviales, déi sech deverseieren an d'Diddelenger Bach". Dohier hunn ech ugeholl, dass déi 2. Phas géif an d'Diddelenger Bach goen an net an de Bloklapp.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da musse mir dat ännere loossen well d'Servicer hu mir confirméiert, dass alles an de Bloklapp geet.

Sous réserve vun där doter Modifikatioun, **ass de Gemengerot mat deene verschiddene Punkten averstanen?** Also nach eng Kéier am Résumé: Déi zwee Elementer wat d'Phas 1 ugeet an déi zwee Elementer wat d'Phas 2 ugeet, sidd Dir domadder averstanen, dass mir dat dote kënnen esou ëmsetzen?

**Merci villmools fir déi doten Zoustëmmung.** Domat wiere mer mat der Gemengeplanung an der Stadentwécklung fäerdeg.

## 10. BERODEND KOMMISSIOUNEN – ÄNNERUNGEN INNERHALB VUN DEENE VERSCHIDDENE LOKALE BERODENDE KOMMISSIOUNEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dësem Punkt hu mir e Courrier virleien vun Déi Lénk, déi soen, datt an der Finanz-, Budgets- an Économieskommissioun, d'Madame Carole Thoma den Här Jos Thill ersetzt, datt an der Commission de l'égalité des chances et de la non-discrimination den Daniel Phillips d'Thessy Erpelding ersetzt, an der Commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires den Daniel Phillips de Sam Van Maris ersetzt an dass an der Hygieneskommissioun den Dan Phillips de Jos Thill ersetzt.

**Ass de Gemengerot mat deenen dote Modifikatiounen averstanen? Dat ass unanime.** Merci.

Da komme mir eriwwer zum Personal.



## 11. PERSONAL: SCHAFE VUN ENGEM GEMENGEN-EMPLOYÉSPOSTEN AN DER CARRIÈRE C, VOLLZÄIT AN OP ENG ONBEGRENZTEN DAUER FIR DE SERVICE TECHNIQUE - CENTRE D'INTERVENTION

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei geet et ëm e Posten an eisem Centre d'Intervention, wou hei am Fong d'Iwwerleeung ass, e bëssen an der Diskussioun, déi mir virdrun hate mat der Garde casernée, fir eis och do opzestellen.

Et ass jo esou, dass virgesinn ass, datt alleguerten déi Leit, déi fir de Centre d'intervention schaffen, datt déi herno vum CGDIS, vum Etablissement public, iwwerholl ginn.

Mir sinn elo hei an enger Situatioun, wou eng Persoun aus deem Service schafft am Kader vun engem CDD a mir awer hei eng gewësse Pérennitéit fir de Centre d'Intervention wëlle garantéieren, och am Kader vun der Reform, och deem wëlle virgräifen well jo och am Projet de loi déi Dispositioune ganz kloer dra sti betreffend Fonctionnairen, Leit déi fir d'Gemeng schaffe respektiv och all Gemengepersonal déi fir de Centre d'Intervention schaffen.

Hei ass wéi gesot eng Persoun, déi ass vum CGDIS integral iwwerholl ginn als Personal. Mir wëllen eis iwwert deen dote Wee och ganz kloer ofsécheren, dat heescht iwwert déi Kreatioun vun deem Posten, deen herno ausgeschriwwe gëtt, wou Leit sech drop kënne mellen.

Och wëlle mer dofir suergen, datt de Centre d'Intervention herno sou opgestallt ass, datt déi Persoun, déi da fest agestallt gëtt, 2017 am Kader vun der Reform, vum CGDIS, vum Etablissement public, dee jo deelweis staatlech an deelweis kommunal besat ass, och kann iwwerholl ginn.

Esou vill zu den Erklärungen zu der Kreatioun vun dësem Posten, well herno, wann de Centre d'Intervention sech wëll opstellen, de CGDIS am Fong deen ass, deen d'Poste kreéiert, ausschreift an och déi Leit engagéiert.

Wéi gesot, just dat zur Erklärung zu den Ënnerscheeder wat an Zukunft wäert sinn an wéi d'Situatioun am Moment ass.

D'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hunn zwou, dräi Froen. Éischtens emol, Employé communal, wéi eng Job Description gëtt et do, also wat erwaarde mir vun deem Posten?

Zweetens och en technesche Problem. De Posten ass ausgeschriwwen als "pour les besoins du département technique du Centre d'Intervention de la ville de Dudelange", mee beim Département technique do hu mir zwee Servicer: de Service Prévention Incendie a Sauvetage oder de Service Sécurité et Santé au Travail. Vun engem Service d'Intervention tel quel ass am Organigramme näischt dran.

Do ass meng Fro ganz konkret: A wéi ee Service integréiere mir dann elo dës Persoun?



An da kommen ech och nach eng Kéier drop zeréck – dat wonnert Iech elo wahrscheinlech guer net – mir haten och gesot, mir géifen ee Posten vun engem Mataarbechter vum Service Prévention ofschafe wann deen Här an d'Pensioun géing goen. Wéi et domadder ass?

Ob mir dee Posten dann elo och eng Kéier deemnächst virgestallt kréie fir ofgeschaaft ze ginn? Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Fir dorop ze äntwerten: de leschte Punkt, déi Persoun ass nach net an der Pensioun, déi schafft nach, déi geet eréischt d'nächst Joer an d'Pensioun. Esou laang kënne mir de Posten souwisou net ofschafen.

Dat heescht, da kënnt en neie Moment.

Wéi gesot, deen heite Posten, dee mir hei schafen an der Carrière C am Kader vum Employé communal ass virun allem geduecht fir en administrativen Support, e logistesche Support um Niveau vum Centre d'Intervention ze ginn.

Dat ass am Fong sou wéi de Posten vum Profil hier ass.

Dat heescht, am Alldag dem Centre d'Intervention zouschaffen, sief dat um adminstrative Plang oder um Niveau vun der Logistik. Et ass am Fong deen Volet deen hei gesat gëtt, vum Adminstrativen an och vun der Logistik. Deen aneren Deel, ech mengen do kann den Henri Reding nach eng Kéier drop agoen, mee ech mengen dat ass am Fong, wann ee vum Profil schwätzt, wat virgesinn ass.

Henri Reding (Personalchef): Wat braucht Dir nach vu Präzisiounen? Sot mir.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ma et war déi Fro, well mir jo am Fong am Département technique kee Poste Centre d'Intervention hunn, wann ech den Organigramm kucken, mee zwee Service: De Service Prévention, Incendie et Sauvetage oder de Service Sécurité et Santé au Travail.

Meng Fro ass elo: A wéi ee Service integréiere mir elo deen heite Posten? Well hei ass d'Ausschreiwung net korrekt.

Henri Reding (Personalchef): Et ass u sech esou, datt déi ganz Aarbechte sech do opdeelen, dat heescht, de Centre d'Intervention, deen hat ëmmer zwou Kapen op, déi selwecht Persoun.

Hei ass elo fir de Service Prévention Incendie, wou dat heite virgesinn ass, well och déi Leit vum CGDIS iwwerholl ginn an net déi, déi an der Sécurité et Santé au Travail sinn.

Dat präziséiere mir dann nach eng Kéier an der Ausschreiwung.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wéi gesot, **d'Kreatioun vun deem Posten ass fir den 1. August 2018. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Das ass unanime.** Merci.



## 12. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass eng Fro un de Schäfferot vun der Madame Kutten an der Madame Goergen wat den Ausbau vun der N31 op véier Spueren ugeet.

Si soen, datt et de Moment d'Eegeninitiativ Bireng 21 gëtt, déi géint d'Ofholze vun de Lannebeem op der Lëtzebuerger Strooss ass an et ass d'Befierchtung, datt d'N31 weider op véier Spueren ausgebaut gëtt.

Dass an der regionaler Verkéiersstudie, déi tëschent Diddeleng a Beetebuerg den 9. November virgestallt gouf, den Ausbau vun der N31 op véier Spueren agezeechent war, tëschent der Tankstell Q8 an dem Rondpoint Scheleck a si soen och, datt d'Bireng 21 schreift, datt no Aussoe vum Minister d'Regierung net Demandeur ass fir dësen Ausbau a freet am Fong de Schäfferot ob mir dofir sinn, datt den Ausbau op véier Spuere gemaacht gëtt.

Also, mir sinn net direkt Demandeur. Dat heite sinn am Fong Moossnamen, déi am Kader vun enger Verkéiersstudie bestinn, déi gemaach ginn ass, wou gekuckt ginn ass, wat sinn national Moosnamen, wat si regional Moosnamen a wat si lokal Moosnamen?

Hei gëtt et nach guer keen Avant-projet sommaire, mir sinn hei an engem embryonaire Stadium.

Et ass iwwerluecht ginn, wéi Diddeleng sech urbanistesch wëll weider entwéckelen, de PAP Helper mat enger zukënfteger Handwierkerzon a Wunnengen. Respektiv wann déi doten Zone sech entwéckelt, wat si Moosnamen, déi mir wëllen huelen an do ass ee Moment iwwert véier Spuere geschwat ginn, mä dat ass awer net a Stee gemeesselt. Mir sinn am Moment an engem embryonaire Stadium, mir si mat deene Projeten absolut nach guer net esou wäit an et ass sécherlech hei kee Boulevard, deen an Diddeleng soll entstoen wéi een et op anere Plaze kennt.

Ech mengen, et soll een hei de Stadagang vun Diddeleng ganz kloer spieren, well et den Haaptagang vun der Stad Diddeleng ass, an et ass wichteg, en Equiliber ze fannen tëschent dem Développement urbain an der Fluiditéit vum Verkéier a mir hu jo scho gekuckt, onofhängeg vun der Aktioun Bireng 21, no alternative Stroosseschnëtter ze kucke fir de Verkéiersfloss esou gutt ewéi méiglech kënnen ze garantéieren, och mat dem Potential vun deene Gebitter, déi kënnen entwéckelt ginn an och probéieren, d'Ofleede vum Verkéier esou séier wéi méiglech ze maachen.

Dann déi aner Fro iwwert d'Léisungen zu der regionaler Verkéiersstudie Diddeleng-Beetebuerg, ob mir esou eng Diskussioun nach virun der Verabschiedung vum PAG virgesinn?

Jo, mir hu jo de Moment eng Diskussioun mam Ministère a mat Ponts & Chaussées, do war jo eng Reunioun, déi mir hate mat eise Verkéiersplaner an och mat eise Leit, déi sech ëm de PAG bekëmmeren.

An nach, éier dat doten alles gemaacht gëtt, muss ee jo kucke wéi déi verschidde Propriétaire sech positionéiere par rapport zum Helper, well d'Gemeng ass do guer net Propriétaire, vu kengem Terrain.

Do muss een dann emol kucke wéi déi sech da positionéieren.

Dat heescht, och do hu mir net alleguerten d'Elementer an der Hand.



An dann eben déi Fro, par rapport zu der Entwécklung vum Projet Lidl, ob dat an der nächster Convention d'exécution ka statt fannen, ob een do kann déi Diskussioun féieren?

Ech mengen, dës Diskussioun ass nëmmen zum Deel ubruecht.

Mir hunn hei e PAP, deen am Gemengerot gestëmmt ginn ass, dee just virgesäit – an d'Claudia Dall'Agnol kann herno nach vläit op deen een oder anere Punkt agoen – den Accès fir an de Lidl a soss kee weideren Accès an et ass och dat, wat am PAP steet, wéi mir dat hei ausgezeechent hunn an esou gewisen hunn an et ass net virgesinn, eppes anescht de Moment ze maachen.

Et ass sécherlech nach en anere Punkt, deen elo deemnächst am Gemengerot wäert kommen, wann elo de Lidl fäerdeg ass, fir d'Convention d'exécution, wat d'Exekutioun vum PAP ugeet, mee op alle Fall ass de Moment just dat virgesinn, wat mir am PAP gestëmmt hunn, also am Fong en Accès fir bei de Lidl.

Dee muss kënne garantéiert bleiwe fir datt d'Leit dohinner akafe ginn an dat ass de leschte Stadium an deem mir eis elo befannen, an do gëtt et de Moment absolut keng Ausweichungen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech mengen, et ass alles gesot, et ass op all déi Froe geäntwert ginn.

Wat wichteg ass, ass, datt mir a permanenter Diskussioun si mat de Responsabele vum Ministère respektiv mat de Responsabele vu Ponts et Chaussées. Wéi de Buergermeeschter richteg gesot huet, et gëtt am Fong nach näischt.

Éier dat doten iergendwann soll gestëmmt ginn oder éier dat doten iergendwann soll Realitéit sinn, leeft nach vill Waasser d'Diddelenger Bach eraf, mee wat wichteg ass, ass, datt een et uerdentlech plangt an datt ee muss kucken, datt wann een eppes plangt, datt een dat och wäitsiichteg plangt.

Ech mengen, et ass dat doten wat u sech ugeduecht ass, datt een all Optioune préift, ob do elo herno véier Spueren erauskommen oder hoffentlech nëmmen zwou, datt alles kann esou bleiwen wéi et ass.

Et soll awer alles gepréift ginn, well ech mengen d'Suerg vu jidderengem, och vun de Leit vu Bireng 21, mat deene mir och a regelméissegem Kontakt stinn, déi ass jo net nëmmen déi, datt näischt op der Plaz do soll geännert ginn, mee déi ass och virun allem déi, datt op der Afaart fir an Diddeleng e permanente Stau ass an am Moment ze vill Verkéier elo schonn ass a wann ee weess wéi sech dat an Zukunft eventuell kéint entwéckelen, da muss een ebe kucken, datt mir de Verkéier un d'Fléisse kréien.

An dofir sinn déi Étudë jo gemaacht ginn. Déi Étudë si jo net nëmme gemaach gi fir Diddeleng, dat ass eng Étude Diddeleng-Beetebuerg.

Déi Beetebuerger si scho mat engem Deel vun hirem Ëmbau am Gang, dofir héiert Dir all Dag datt et a Beetebuerg staut.

Verschiddener vun Iech hate vläit scho selwer de Pleséier, do ze stoen.

Fir déi Beetebuerger ass et eben och eng Suerg, datt bei hinnen de Verkéier rullt an datt si virun allem dee Verkéier, deen am Fong net muss do sinn, eraus kréien.

Dat heescht, datt dee Pendelverkéier soll iwwert d'Autobunn fueren, dofir wäert den Ausbau vun der Autobunn, dee soll gemaacht ginn, eis dann och zegutt kommen.

Nach, wéi gesot, kënne mir keen zwéngen herno iwwert d'Autobunn ze fueren a wann deen dat net mëscht, musse mir eben als politesch Responsabel och hei zu Diddeleng zesumme mat Ponts & Chaussées, deenen hier Strooss et ass, kucken, datt de Verkéier fléisst.

Mee, nach eng Kéier, alles wat den Buergermeeschter gesot huet, stëmmt, et gëtt keen definitive Projet.

Et ass eng Étude, déi gemaacht ginn ass an ech mengen déi meescht vun Iech – wann ech mech richteg erënneren – waren zumindest op der Diddelenger Virstellung a Vereenzelter vläit och op deenen zwou zu Beetebuerg, sou datt dat am Fong näischt Neies ass wat de Buergermeeschter Iech hei gesot huet.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, dat als Äntwerten zu Ärer Fro. Domat wiere mir elo ukomm um Schluss vun der Séance publique. Mir maachen se nach eng Kéier kuerz op, mee elo hu mir eng ganz Rei Peronaldossieren an déi sinn dann am Huis-clos.

**Ufank vum Huis-clos.**

**Punkten 13. an 14. am Huis-clos**

**Enn vum Huis-clos**

## 15. PERSONAL: KONVERSIOUN VUN ENGEM GEMENGEBEAMTEPOSTEN AN DER CARRIÈRE VUM INGENIEUR-TECHNICIEN AN D' CARRIÈRE VUM REDAKTER

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei geet et am Fong drëms, e Posten Ingénieur-technicien an der Branche Génie civil fir den Service Circulation vum Employé communal, 40 Stonnen d'Woch, à Durée déterminée ëmzewandelen an e Redakteschposte fir dee selwechte Service an dat ab dem 1. August 2016.

Et geet jo dann drëms, de Service Circulation iwwert deen doten Wee ze stäerken. Nodeems mir leider keng Kandidate fonnt hu fir an der Carrière vum Ingénieur technicien, probéiere mir iwwert de Wee vum Redakter deen dote Service eben esou opzestocken, datt en och deementspriechend funktionell ass.

**Ass de Gemengerot mat där dote Reconversion de poste averstanen?** Dat ass unanime an da soen ech dem Gemengerot Merci fir déi lescht Sitzung, déi mir elo hei hate virun der Summervakanz. Wa mir eis net méi sollte gesinn oder awer nach gesinn, op alle Fall wënschen ech Iech schéin erhuelsam Summerméint.



# #training

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

www.dudelange.lu